

## Ordre du jour

1. Retrait du rôle du projet de loi 4950 modifiant la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers
2. 4999 - Débat d'orientation sur la politique d'immigration  
(Rapport de la Commission spéciale „Immigration“- Discussion générale - Motions - Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.35 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendeng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

## 1. Retrait du rôle du projet de loi 4950 modifiant la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers

Op Ufro vun der Regierung huet d'Präsidentekonferenz an hiner Réunion un haut de Moie proposéiert de Projet de loi 4950 iwwert d'Établissements hospitaliers vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Haut de Mëtteg steet op eiser Tagesuerdnung eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Immigrationspolitik. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo age droen: déi Häre Santer, Fayot, Krieps, Henckes, d'Madame Wagener, déi Hären Urbany, Mosar, Graas a Bettel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Débat, de Kolleeg Marcel Glesener.

## 2. 4999 - Débat d'orientation sur la politique d'immigration

Rapport de la Commission spéciale „Immigration“

M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Här President, Kollegen, den 22. März 2001 huet hei am Parlament eng Debatt iwwert d'Asylpolitik stattfont. No laangen Diskussiounen huet d'Parlament eng Resolution verfaasst mat dem Zil, eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Immigrationspolitik ze veranstalten. A fir déi Orientéierungsdebatt virze bereeden, ass eng Spezialkommission den 12. Juni 2001 agesat ginn, an déi Spezialkommission huet hir Aarbecht opgehall de 27. Juni an deemselwechte Joer.

Vun Ufank u war kloer, et sollt keng Veranstaltung hannert verschlossenen Diere ginn, mä all Organisations aus der Zivilgesellschaft, déi sech mat Immigrationsfroe befaassen, sollten net nëmmen invitéiert ginn, mä déi sollte mat agebonne ginn an d'Diskussion fir zu bestëmmte Konklusionen ze kommen. Während 21 Sätzungen huet en Dialog stattfont mat alle Ministere, déi zoustänneg sinn am Zusammenhang mat der Immigration, mat Experten, mat staatlechen Institutionen, mam Statec, mat der ADEM, mam CEPS, doriwer eraus mat enger Rei vun Organisations, déi an den Immigrationsfroe permanent um Terrain wierken a schaffen, wéi d'ASTI, de SeSoPI, d'Caritas, d'Emweltorganisations, d'Berufschamberen, d'Gewerkschaften an och d'Wirtschaft, vertrauden duerch d'Patronatsverbänn. Den Ofschloss vun deene Berodungen, déi mer haten, war den 30. Januar 2002. Duerno

war Zäit fir de Rapporteur fir en Zwëschebericht ze erstellen, an deen Zwëschebericht ass der Kommission de 17. Juli 2002 zur Diskussioun an zur Ofstëmmung virgeluecht ginn.

Um Uschloss war d'Meenung vun der Kommission déi, allen Organisations, allen Instanzen an Institutionen, déi sech un deem Dialog bedeelegt haten, deen Zwëschebericht zoukommen ze loos sen an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, fir Stellung ze bezéien zu deem, wat mer als Kommission an engem éischte Rapport festgehalen hunn. Mir hunn hinnen Zäit gi bis de Januar 2003 a mir hunn de 26. Februar 2003, also praktesch virun engem Joer, déi schréfflech Stellungnahmen, déi mer kritt hu vun all deenen Organisations, analyséiert, a mir hunn en öffentliche Hearing hei an der Chamber de 7. März dat lescht Joer ofgehalen, wou mer all deenen Organisations d'Geleeënheet ginn hunn, nach eng Kéier op d'Deputéierten anzewierken an esou e ganz konstruktiven Dialog mat den Deputéierten ze féieren. Mir gesinn also, dass e Maximum gemaach ginn ass fir praktesch e Konvent hei ze organiséieren ëm déi wichteg Roll vun der Immigration.

Am Joer 2003 huet een awer festgestallt, dass d'wirtschaftlecht Umfeld sech grondleeënd hei zu Lëtzebuerg amgaange war ze veränneren, wat Auswirkungen hat op den Aarbechtsmaart an noutgedrungen och Auswirkungen hat op den Zouwuess vun de Frontalieren an och op den Zouwuess vun der Immigration. Fir eis mat där neier Situatioun ausenauer ze setzen, hu mer Kontakt opgehall mat der Wirtschaft, mir hunn och Kontakt opgehall mam Aarbechtsminister, den 28. März, fir mat him eng Kéier d'Situatioun ze analyséieren, wéi se sech an deem Moment um Aarbechtsmaart konkretiséiert huet. Mir haten doriwuer eraus nach Entrevuë mam Statec fir eis Opschloss ze ginn iwwert déi jéngsten Entwécklung demographescher Aart, och aarbechtsmaartpolitescher Aart, an der Grenzregioun an Däitschland, am Saarland an Däitschland, a Frankräich an an der Belsch.

Doriwuer eraus ware mer der Meinung, dass et och noutwendeg war ze héieren, wéi de Comportement vun de Frontalieren hei zu Lëtzebuerg ass, an dat op Grond vun enger Etüd, déi eis presentéiert ginn ass, nämlech wéi wäit d'Frontalieren, déi hei op Lëtzebuerg schaffe kommen, sech bedeelegen um Wirtschaftskreeslaf, wellech Zorte vun Ausgaben, dass se hei zu Lëtzebuerg hunn, a mir hu festgestallt, entgéint enger Meinung, déi bis dohinner virun allem sech breet gemaach hat, dass d'Frontalieren ee groussen Deel vun hirem Akommes och hei zu Lëtzebuerg konsuméieren.

An där ganzer Problematik hu mer awer net ee vergiess, nämlech wéi déi sech géifen zur Sprooch, zur Integratioun, zum Liewen a Lëtzebuerg stellen a wéi si sech d'Liewe géife virstellen, an dat ass eis Jugend. A mir haten hei mat Hëllef vun der ASTI e ganz flotten öffentliche Hearing mat enger 50, 60 jonke Leit, Jongen a Meedercher, aus de Schoulen, déi mat eis dialo

géiert hunn an eis och hir Suerge matgedeelt hunn, wéi si zurecht kommen hei zu Lëtzebuerg a wéi noutwendeg dass et ass, dass och zum Beispill d'lëtzebuergesch Sprooch net nëmme bis op Septième instruéiert gëtt, mä och doriwuer eraus am Secondaire misst e Bestanddeel gi vum Schoulprogramm.

Dat war wéi gesot den 2. Mee d'lescht Joer, an op Grond vun deene leschten Erkenntnisser, déi mer gewonnen hunn no deenen Diskussiounen, déi stattfont hunn, huet d'Kommission da probéiert, en Ofschlossbericht ze verfaassen. Dat war mat Sécherheet keng einfach Aarbecht fir alles dat nach eng Kéier zesummenzebréngen, mä op Grond vun deenen Iwwerleeungen, déi erfollegt sinn, op Grond vun de Kriticken, déi un eis erugedroe gi sinn, virun allem vu Säite vun den Oppositionsparteien, vis-à-vis vun dem ursprénglechen Zwëschebericht wou mer eng ganz Rei Saache mat iwwerholl hunn, hunn ech dann deen Ofschlossbericht zesummegeallt. Ech hunn der Kommission deen de 4. Februar elo presentéiert an et sollt dann do zu enger Diskussioun kommen, an et ass awer och zu enger Ofstëmmung an där Réunion komm.

Ech wëll awer och festhalen, dass et net richtig ass, wat an engem bestëmmte Moment um Uschloss duerch d'Medie gaangen ass, een Deel vun de Medien, wou gesot ginn ass, dass den Débat d'orientation mat annerhallwem Joer Verspéidung elo géif stattfannen. Dat stëmmt net! Virgesi war, dass deen Débat, dee mer haut féieren den 12. Februar, dass dee sollt am November dat lescht Joer sinn. Mir sinn also just dräi Méint a Verzuch. Ech mengen annerhallef Joer an dräi Méint ass nun awer eng grouss Differenz.

Voilà, Kolleginnen a Kollegen, mir haten also dann dee Bericht zur Diskussioun an der Kommission. Ech hunn e bësse bedauert, dass mer net d'Méiglechkeet hate fir dee Bericht, dee Rapport, duerch konkret Propositionen ze versichen ze verbessern. Mat Sécherheet ass dee Rapport, deen ech presentéiert hunn, net déi lescht Weisheit, och net d'Ee vum Kolumbus, mä mat Sécherheet sinn a munche Punkte vun deem Rapport Nuancen dran enthalen, déi vläicht méi kloer, méi wäit reichend a méi wäit tragend hätte kënnen formuléiert ginn. Dat hätt ee kënnen maachen an där Réunion, ech hu bedauert, dass mer dat net gemaach hunn. Et war mat Sécherheet net d'Intention vum Rapporteur a vun der Majoritéit vun der Kommission, fir e Rapport dohinzeleeën, Vogel friss oder stirb, entweder Dir huet deen un oder Dir hat Pech, neen, et sollt doriwuer diskutéiert ginn, dat ass ee Kommentar.

Ech sinn och frou, dass mir eis haut konnten zesummerappe fir eng Motioun ze presentéieren, déi mäi Kolleeg Patrick Santer hei presentéiere wäert, wou déi grouss Schwerpunkte vun deenen Iwwerleeungen, déi mer getraff hunn, an där Motioun dran enthalte sinn. An ech si frou, dass virun allem och, fir de Moment op jidde Fall emol, d'Kollege vun der grénger Fraktioun, déi mech während deenen annerhallef Joer am kriteschste begleet hunn an dat haut souguer nach maachen - an ech si souguer frou doriwuer -, dass mir et fäerdeg bruecht hunn, eng gemeinsam Motioun hei virzebréngen, also villmools merci, an ech hoffen, dass d'Kollege vun der sozialistescher Fraktioun sech och kënnen iwwerwannen an där Motioun kënnen hir Zoustëmmung ginn.

Da wëll ech awer och belobegend nach ervirhiewen, déi Positioun vun der ASTI, wéi mer haut de Muere matgedeelt kritt hunn, déi duerch aus positiv dee Rapport beuerteelt, mat Ausnahm natierlech och vun enger Rei vu Kriticken. Enner ane rem werfe se eis vir, mir hätten ongenügend politesche Mutt bewisen, vläicht net wäit genuch gaangen. Datt d'Meenungen net ëmmer identesch sinn tëscht deenen déi politesch Responsabilitéit ausüben an ze gestalten hunn, vis-à-vis vun deenen déi Virstellungen hunn, do muss e kucken, dass een am permanenten Dialog weider verbleift. An all déi Organisations, déi sech kritesch zu deem Rapport stellen - dat begreissen mer, a mir wäerten nach Geleeënheet hunn an och dovunner profitéieren, fir gemeinsam och kontrovers an nuancéiert iwwert d'zukünfteg Immigrationpolitik hei zu Lëtzebuerg ze diskutéieren.

Dat gesot, Kolleginnen a Kollegen, wëll ech kuerz verschidde Saachen aus dem Inhalt vun deem Rapport belichten. D'Zouwanderung kann een an dräi grouss Gruppen opdeelen, dat eent sinn d'Immigranten, déi seasonsweis hei zu Lëtzebuerg liewen, dat sinn déi, déi e Permis A hunn, dann hu mer e Grupp vun Immigranten, déi temporaire hei zu Lëtzebuerg liewen, dat sinn déi mat engem Permis B an dann hu mer dee leschte Grupp vun Immigranten, dat sinn déi, déi sech fest hei niddleossen an dat sinn déi auslännesch Matbierger mat engem Permis C.

Dann hu mer de Grupp vun de Frontalieren, déi zwee Immigranten, virun allem déi temporaire an déi definitiv, déi sech hei niddleossen als Frontalieren, an déi sinn natierlech an der Zuel gebonnen an enk verbonne mat der wirtschaftlecher Entwécklung vum Lëtzebuerg Aarbechtsmaart.

An en drëtte Grupp vun Zouwanderung dat sinn d'Flüchtlingen. Ech wëll dann direkt zu de Flüchtlingen e Wuert soen. E Flüchtling, deen op Lëtzebuerg kënnt an deen no enger bestëmmter Asylprozedur opgrond vun der Genfer Konvention de Status vum Flüchtling kritt, dee gëtt zumindest identesch behandelt, wéi all aneren Immigrant aus Drëttlänner. Hien huet d'Méiglechkeet ze schaffen, hie kritt seng Permissen, hien huet d'Openthaltsgenehmigung, hie gëtt souguer a bestëmmten Usichten, wat d'Unerkennung vun den Diplomer ugeet, nach besser a virdeelhafter behandelt, wéi en Immigrant, deen aus wirtschaftleche Grënn op Lëtzebuerg kënnt aus engem Drëttland.

D'Asylpolitik ass getrennt vun all der Immigrationpolitik ze behandeln, a mir hu bewosst an och absichtlech an der richteger Weis d'Asylpolitik vun der Zouwanderung getrennt, well dat eent mat deem aneren absolut näischt ze dinn huet. Aner Kolleginnen a Kollege sinn do anerer Meinung - ech respektéieren dat -, mä mir waren awer majoritaire der Meinung, dass mer eis hei sollen op d'Immigrationspolitik beschränken, woubäi Frontalieren, Immigranten a Flüchtlinge mat abezu sinn, an eis net mat der Asylpolitik befaassen, well iwwert déi Problematik hei an der Chamber scho laang a breet bei anere Geleeënheeten diskutéiert ginn ass an zum Schluss nach eng Kéier am Detail diskutéiert ginn ass, wéi mer déi ganz Problemer hei diskutéiert hu vun der Regulariséierung.

Dat gesot, stelle mer also fest, dass bei den Immigrante sech virun allem awer d'Fro stellt vun der Familienzusummeféierung. An dat ass e wesentlecht Kapitel. Well déi jo dann hei zu Lëtzebuerg wëlle verbleiwen an hei wëlle liewen, stellt sech natierlech d'Fro vun der Integratioun an eis Gesellschaft an et stellt sech d'Fro vu Problemer vum Wunnen, vun der Schoul, vun

der Famill, vun der gesondheetlecher Betreieung am aktiven Alter an och herno am Alter, wou een net méi am aktive Liewen ass, et stellt sech d'Fro vun der Aarbecht, vun der Aarbechtszouloossung, vun dem Undeelhuelen un der Gesellschaft an un der politescher gesellschaftlecher Matbestëmmung.

Dat alles, wësse mer, ass net méi ze gestalten an ze steieren, fir all déi Matbierger aus der Europäescher Unioun. Mir hunn nëmmen d'Méiglechkeet déi Immigrationpolitik, déi déi dote Leit betrëfft, iwwert d'Openthaltsgenehmigungen an iwwer e Permis de travail ze steieren. Dofir war et richtig a gutt, eiser Meinung no - an ech kommen nach eng Kéier dorobber zrëck -, dass mer virun zwee Deeg och décidéiert hunn, fir effektiv déi Mesure de transition vun zwee Joer, vis-à-vis vun der Fräizüggekeet vun deenen neie Länner, ze décidéieren.

Et wär eiser Meinung no net gutt gewiescht an et hätt hei zu Lëtzebuerg zu enger onméiglecher Diskussioun an zu gewësse Problemer gefouert, a Momenter wou d'Situatioun um Lëtzebuerg Aarbechtsmaart méi wéi prekär ass an een haut nach net weess, wéi laang déi prekär Situatioun unhält, Signaler ze setzen, dass Leit sollen en masse op Lëtzebuerg kommen, mat der Hoffnung hei Aarbecht ze fannen an dann awer musse feststellen, dass se aarbechtslos sinn, mat all deene Problemer, déi domat liéiert sinn, war et nämlech gutt a richtig, dass mer hei décidéiert hu fir während zwee Joer vun dem Recht Gebrauch ze maachen an Iwwergangsbestëmmunge gëllen ze loos sen. No zwee Joer gesi mer wéi d'Entwécklung ass an da wäert mer et jo fäerdeg bréngen, déi noutwendeg Entscheedungen hei ze treffen.

Kolleginnen a Kollegen, Här President, mir stellen also fest, dass opgrond vum Rapport vun deem statistesche Material, d'Immigration vun deene Leit, déi sech permanent hei wëllen niddleossen, während deene leschte Jore ganz gewaltig zougeholl huet an dat bedeit eng Schlussfolgerung, an zwar dass et onwahrscheinlech wichtig ass, wéi déi Leit hei emfaange ginn, wéi den Accueil ass a wéi se während virun allem deenen éischte Joren hei zu Lëtzebuerg begleet ginn, fir iwwerhaapt d'Chance an d'Méiglechkeet ze hu fir an eiser Bevölkerung akzeptéiert ze ginn an doriwuer eraus fir och kënnen un dem normale Liewen hei zu Lëtzebuerg deelzehuelen.

Dann en anert Kapitel - an de Rapport geet ganz eingehend dorober an - iwwert d'Bedeutung an de Stellerwäert vun der Zouwanderung fir Lëtzebuerg selwer. A mir ginn do zrëck bis virun 1900 a stelle fest, dass vun 1900 bis nom leschte Weltkrich effektiv d'Situatioun ganz eendeiteg war, dass Lëtzebuerg ouni Immigration, ouni Zouwanderung mat Sécherheet et net fäerdeg bruecht hätt, mat vill Aarbecht, mat villen Entbehungen, dee Wuelstand sech ze schafen, wa mer net déi Frontaliere gehat hätte während där Zäit an och déi vill auslännesch Matbierger, déi mat Undeel geholl hunn un der Entwécklung zu Lëtzebuerg. Déi jéngst Vergaangenheet weist, dass déi Tendenz absolut identesch ass.

Mir hätten et mat Sécherheet net fäerdeg bruecht hei zu Lëtzebuerg de Sprong aus der Wirtschaftskris vun den 80er Jore zu méi Wuelstand, zu enger Erhéijung vum Liewensstandard an zur Festegung vum sozialen Netz, ze realiséieren, wann net während deenen Joren iwwer 100.000 auslännesch Matbierger op Lëtzebuerg komm wären a wann net innerhalb deene Jore ronn 80.000 Frontaliere méi op Lëtzebuerg schaffe komm wären. An déiselwecht Tendenz - an dat beweisen eis d'Zuelen - weist ganz kloer, dass déi Tendenz vu virun



1900 an déi Tendenz an den 80er Joren och nach haut identesch ass.

Wann ech déi dräi lescht Joer kucken, stelle mer fest, dass hei zu Lëtzebuerg den Emploi global ëm 29.700, also ronn 30.000 Unitéite gewuess ass, dass d'Lëtzebuenger Bevölkerung awer an deenen dräi leschte Joren nëmmen ëm 1.300 Unitéiten zougeholl huet, d'auslännesch Bevölkerung ëm 11.300 an d'Frontalieren ëm ronn 20.000. Ouni déi 11.000 auslännesch Bierger hei zu Lëtzebuerg an ouni déi 20.000 Frontaliere wär et net méiglech gewiescht, fir deen Emploi, deen eis Economie geschaaft huet, mat Liewen ze erfëllen a fir deen iwwerhaapt um Liewen ze erhalen an ze realiséieren. Mat deem Resultat, datt de Moment hei zu Lëtzebuerg d'aktiv Bevölkerung sech zesummesetzt aus engem Drëttel nach Lëtzebuenger, engem Drëttel Auslänner, déi hei wunnen, an engem Drëttel Frontalieren. Dat huet zur Konsequenz, datt hei an dësem Land de Moment 38,2% Net-Lëtzebuenger, also auslännesch Matbierger, liewen, schaffen an eist Liewen hei mat gestalten. D'Schlussfolgerung vun deem ass ganz kloer: Lëtzebuerg war, Lëtzebuerg ass a Lëtzebuerg bleift een Immigratiounsland.

Mat wellecher Entwécklung kënnen mer elo an d'Zukunft kucken a wellech Schlussfolgerunge sinn opgrond vun där Entwécklung ze zéien? Mir hunn an engem bestëmmte Moment am Land Angscht an Onrou emfonnt, wéi dat Schlagwuert vun engem Lëtzebuenger Land vu 750.000 Awunner un d'Wand projezéiert ass ginn. Ech wëll elo net nach eng kéier dorop agoen, mä ech wëll awer beweisen, opgrond vun deem, wat mer an eiser Kommissioun hei gesinn hunn, datt mer éischters keng Angscht brauche vis-à-vis vun esou engem Lëtzebuenger Land ze hunn, mä datt mer wäit ewech mat Sécherheet wäerte si vun esou enger héijer Zuel vun Awunner am Joer 2050.

An op Grond vun deem wat ee konnt feststellen, wëll ech da folgend Zuelen nach eng kéier ganz kuerz an Erënnerung ruffen - Dir fannt se ausgiebeg a mengem schréffleche Rapport -: d'Zouwanderung hei zu Lëtzebuerg war an der Moyenne pro Joer während deene leschten zéng Joer eppes iwwer 4.900, ronn 5.000. Vun dem 1. Januar 2002 bis den 1. Januar 2003 ass den Zouwuess nach ëm 3.980. Dat heescht, d'Immigratioun wiisst vill manner staark, a si huet eng falend Tendenz.

Den Excédent migratoire, dat heescht de Migratiounszouwuess hei zu Lëtzebuerg war bis 1999 während 15 an 20 Joer an der Moyenne 4.700 pro Joer. Do ware Joren dobäi mat iwwer 6.000, mä an der Moyenne 4.700. Am Joer 2002, dat sinn déi lescht Zuelen, déi eis zur Verfügung stinn, war den Excédent migratoire just nach d'Halschent vun deem, dat heescht 2.649, also däitlech manner, esou dass ee ka feststellen, dass effektiv d'Immigratioun no Lëtzebuerg net méi déi Vitesse de croisière wäert déi nächst Joren hunn, wéi dat während 20 Joer de Fall war, a wann ee kuckt wéi d'Wirtschaft sech entwéckelt - an ech kommen zréck op déi Prognosen - wäert et d'Tendenz an d'Tatsach sinn, dass een net méi brauch ze rechner mat esou enger héijer Entwécklung vun Immigratioun hei no Lëtzebuerg.

An da stelle mer interessanterweis och nach fest, dass déi éischte kéier, säit Joerzénge, vum Juni un, d'Zuel vun de Frontalieren, déi op Lëtzebuerg kommen, ofhëlt. Déi ass haut méi kleng wéi se am Juni 2003 war.

Wéi sinn dann elo déi Prognosen, déi d'Wirtschaft eis konnt liwweren, a wellech Auswierkunge kann dat op den Aarbechtsmaart hunn? Virun zwee Joer hate mer eng Ausprooch mat alle Branché vun der

Lëtzebuenger Economie, déi eis da geschwat hu vun hirem grouss Besoin un Aarbechtskräften hei zu Lëtzebuerg. An do si mer, wa mer d'Additioun gemaach hu fir zwee Joer, op ronn 6.000 Unitéite komm. Dat war dat, wat d'Wirtschaft eis als Prognosen als Besoinen duer gestallt huet.

Haut, op Grond vun deene leschten Etüden, déi gemaach gi sinn, de leschten Emfroen, ass déi Zuel wesentlech no ënne revidéiert ginn, an ech géif soen, dass se vläicht ëm 1.000 de Moment läit. Mä ech wäert d'Geleeënheet hunn der Regierung dat nach méi konkret virzustellen, op Grond vun deem Opdrag, deen ech kritt hunn, fir eng Etüd ze maachen iwwert d'Immigratioun op den Aarbechtsmaart.

Den Emploi hei zu Lëtzebuerg war am Januar 2003 270.639 Unitéiten. Am Dezember 2003 ass en natierlech geklommen, vill méi lues wéi virun, do waren et der 274.575. Dat ass also e Plus vun 3.940 Unitéiten. Wann ech awer elo déi lescht Statistike vum Statec kucken - an da gesidd Der wat ee mat Statistiken alles ka maachen a wéi onsécher se sinn -, da gëtt gesot, dass dat lescht Joer iwwer 6.000 Aarbechtsplazen hei geschaaft gi sinn. Mir stellen awer fest, dass den Emploi nëmmen ëm 3.900 Unitéiten zougeholl huet. Dat huet dann déi logesch Konsequenz, dass wuel vläicht esou vill Aarbechtsplaze geschaaft gi sinn, mä dass der awer ronn 3.000 ofgebaut gi sinn, déi net méi bestinn. An dat erkläert dann och, dass den Emploi während deene leschte Méint réckleefeg ass. Am Juni 2003 waren et der ronn 275.000, an am Dezember, elo virun zwee Méint, waren et der nëmme méi 274.000.

Mir gesinn also, dass d'Zuele vum Emploi hei zu Lëtzebuerg zumindest stagnéieren de Moment. A wann ech kucken, wat sinn dann elo d'ekonomesch Prognosen, a wat fir eng Auswierkunge kann dat op den Aarbechtsmaart hunn, da stelle mer fest, dass de Moment eng Politik gemaach gëtt, fir dat ze hale wat mer an der Industrie hunn. A wann ech déi jéngst Informatiounen, déi mir kritt hu mat d'Sidérurgie betrëfft, an déi Betriber, déi ronderëm d'Sidérurgie hanken, kucken, da kann een dovun ausgoen, dass geplangt gëtt, fir nach e ganz gewaltigen Ofbau vun Aarbechtsplazen ze verwickelen.

Mir gesinn op eiser Finanzplaz, datt den Emploi däitlech erofgaangen ass während engem ganze Joer, an esou wäit wéi d'Prognose reechen, an dat wat mer héiere vun deene Leit, gi se zwar dovun aus, dass fir d'nächst Joer mat engem Wuesstum ze rechnen ass, mä mat Sécherheet wäert dat absolut keng Auswierkungen op den Aarbechtsmaart hunn, au contraire, mir kënnen dovun ausgoen, dass den Emploi op der Finanzplaz zu Lëtzebuerg wäert weider ofhuelen.

Am Handwierk ass mat Sécherheet mat enger Zounahm ze rechnen, mä dat si keng zegausenden. Dat hält sech och a Grenzen op Grond vun de leschten Iwwerleeungen, déi mir vu Säite vum Handwierk gemaach hunn.

Wann een erkläerterweis eng Diversifikatiounspolitik an der Economie mécht, déi drop erausgeet fir an der Informatiounspolitik oder an der Informationtechnologie an an der Biotechnologie nei Entreprisen op Lëtzebuerg ze kréien, dat si kapitalintensiv Entreprisen, och wann do Wuesstum ze verzechen ass, a mat Sécherheet ass mat Wuesstum ze rechnen, bréngt dat absolut keng Verbesserung um Lëtzebuenger Aarbechtsmaart.

A wann een dat dann aus der Vergaangenheet léiert an et gesäit ee wellech Auswierkungen, dass dat op d'Immigratioun huet, da kënt een zur Konkusioun, dass während deenen nächste Joren een dovunner ausgoe kann, dass d'Immigratioun hei zu Lëtzebuerg nach

steige wäert, awer vill méi lues, manner schnell, manner important wéi dat während deene leschte Joren de Fall war.

Awer genausou kloer ass et, dass mir ouni Immigratioun an ouni Frontalieren hei zu Lëtzebuerg op Dauer kee wirtschaftleche Wuesstem, deen noutwendeg ass, kënnen gestalten a realiséieren. An dat heescht och, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dass ouni Immigratioun och an deenen nächste Jorzénge, an ouni zréckzegräifen op Arbeitnehmer aus der Groussregion eise Liewensstandard hei zu Lëtzebuerg net ofgeséichert ass. A mat Sécherheet ass et och eng Illusioun ze gleewen, dass ouni Immigratioun mir kënnen un eng Emverdeelung zu Gonschte vun de sozial Schwaache rechnen. A genausou ass et richtig, dass eng Diversifikatioun vun eiser Economie net machbar ass, net ze realiséieren ass, ouni eng noutwendeg Zuel vun Immigranten hei zu Lëtzebuerg a mat Sécherheet leeft eist Sozialnetz laangfristeg ouni Immigratioun Gefor ze zerbréckelen.

Also, Lëtzebuerg bleift een Immigratiounsland, Lëtzebuerg ass ugewisen op eng wäissen Immigratioun, déi mer awer versiche mussen ze steieren am Intérêt vun den Immigranten an am Intérêt vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, an dofir kënt et méi wéi jee drop un, dass de Schwéierpunkt vun eiser Politik geluecht gëtt op d'Integratioun an op d'Zesummeliewe vun deenen dausende vu Mënschen hei zu Lëtzebuerg.

An engem Land, Kolleeginnen a Kolleegen, wou 38,2% Auslänner liewen, do muss eng géigesäiteg Akzeptanz geschaaft ginn duerch d'Lëtzebuenger vis-à-vis vun den Auslänner, fir iwwerhaapt hei a Friden ze liewen, an eis gemeinsam Problemer zu Lëtzebuerg ze léisen.

D'Integratioun kann een net dekretéieren, déi kann een net duerch e Gesetz maachen, mä déi muss erschafft gi mat kleng Schrëtt, an Dag fir Dag a permanent. Si muss ufänke beim Empfang vum Auslänner, wéi e betreit gëtt. Dofir verlaange mer e Livret d'accueil, dass den Auslänner sech kann a Kenntnis setzen iwwert dat wat hei zu Lëtzebuerg geschitt a wat Lëtzebuerg ass.

Fir sozial Spannungen auszeschleissen, ass et evident, dass mer fir all Immigrant, deen hei zu Lëtzebuerg leeft a schafft, säin elementaart Mënscherecht mussen erfëllen, en elementaart Mënscherecht op d'Famill. Dofir ass et noutwendeg a wichtig, dass mer och fördernd awierken, fir dass d'Famillenzesummeféierung zu Lëtzebuerg net e Schlagwuert bleift. An dofir muss mer och deementsprechend - an dat geet och aus eise Propositionen däitlech ervir - déi gesetzlech Basis schaffen, fir d'Famillenzesummeféierung hei zu Lëtzebuerg ze gestalten.

Doriwwer eraus muss et evident sinn, dass all déi dausende vu Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, dezent a mënschewierdeg wunne kënnen. Déi Leit mussen en normalen Zougank zur Aarbecht hunn a si mussen sech iwwer hir Aarbecht kënnen entwéckelen. Si mussen och de Choix kréien hei zu Lëtzebuerg ze schaffen.

Dat setzt eng bestëmmte Politik viraus an eng bestëmmte Méiglechkeet duerch d'Erzéiung, duerch d'Schoul, schonn an der Primärschoul an doriwwer eraus. Et setzt viraus eng adequat Berufsausbildung, eng adequat Weiterbildung, och fir Auslänner. Dat sinn d'Viraussetzunge fir iwwerhaapt d'Chancéglaichheet hei zu Lëtzebuerg ze realiséieren. An och d'medezinesch Betreieung muss hei

fionctionnéieren, esou gutt fir déi Jénger wéi fir déi Eeler. D'medezinesch Betreieung muss och fonctionnéiere wann déi Leit, déi hei liewen, méi al ginn an duerno ugewise sinn op Hëllef, wa se sech selber net méi kënnen versueren. Dann ass et evident, dass déi sozial Ofsécherung muss garantéiert bleiwe fir jiddfereen.

Virun allem ass et och wichtig, fir d'Integratioun hei zu Lëtzebuerg ze realiséieren, dass mer eng gemeinsam Sprooch hunn, dass mer eis kënnen verstännegen, dass mer kënnen matenee schwätzen, an dat ass d'Lëtzebuenger Sprooch, dat ass déi Sprooch vun der Kommunikatioun. Dofir ass et richtig an noutwendeg, dass mer jiddferengem, deen op Lëtzebuerg wunnen, schaffen a liewe kënt, d'Méiglechkeet gi Lëtzebuergesch ze léieren, an et geet net, dass mer vun engem verlaangen, deen zéng Stonnen den Dag schafft an dat siwen Deeg an der Woch, dass deen owes no Feierowend, wann en ausgelaut ass, nach soll e Lëtzebuenger Cours besiche fir kënnen Lëtzebuergesch ze schwätzen. Mä da muss mer, wa mer dat wëllen a verlaangen, a mir wëllen dat, deene Leit och d'Geleeënheet an d'Méiglechkeet gi fir duerch e Congé linguistique kënnen d'Lëtzebuenger Sprooch ze léieren. Dobäi ass et evident, dass och Franséisch an Däitsch deene Leit mussen zougänglich gemaach ginn, well soss hu se och keng Chancéglaichheet am Liewen hei zu Lëtzebuerg fir sech um allgemenge gesellschaftleche Liewen ze bedeelegen, wat och eng Viraussetzung ass fir Zougank ze kréien an d'Fonction publique.

Dann ass et evident, dass d'biergerlech Matbestëmmung an d'gesellschaftlech Matbestëmmung vun all Mënsch, deen hei zu Lëtzebuerg leeft, muss realiséiert a muss méiglech gemaach ginn. Et muss een Zil sinn. D'Auslänner mussen also ugereegt ginn, vun deene scho bestehende Méiglechkeeten a Biergerrechter Gebrauch ze maachen. Dat konkretiséiert sech bei de Gemengewahlen a bei den Europawahlen. Dat konkretiséiert sech duerch en aktiv Engagement an der Gewerkschaft, an der Politik, an den Organisatiounen vum öffentlechen a gesellschaftleche Liewen.

Dat muss realiséiert an ugereegt ginn duerch nach méi Engagement an nach méi konkret Schaffen an de Gemengen an duerch d'Auslännerkommissiounen, dat muss ugereegt ginn an nach favoriséiert an ennerstëtzt ginn och par rapport zu den Aarbechte vun den Auslännerorganisatiounen, déi sech ëm d'Auslänner bekëmmern. D'Auslänner mussen ugereegt ginn, sech an de Gewerkschaften an an de Parteien ze engagéieren fir esou matbestëmmen an um gesellschaftleche Liewen Undeel ze huelen. Dat eleng ass d'Viraussetzung fir eng Kohesioun, eng sozial Kohesioun hei zu Lëtzebuerg ouni Spannungen ze garantéieren, an op Dauer och de soziale Friden an de Friden am Allgemengen, dat mënschlecht matenee Liewen hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren.

Voilà, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat sinn eng ganz Rei vu Schwerpunkten, déi mer an eiem Rapport festgeluecht hunn, déi haut nach solle méi verfeinert an diskutéiert ginn.

Mä et geet net duer mat der Feststellung. Fir dat ze realiséieren muss mer och strukturell Reformen an d'Wee leeden. Mir mussen de Conseil national pour étrangers a senger Zesummesetzung an a senger Kompetenz reforméieren a mir solle mat deene Leit Kontakt ophuelen. Déi hu wierklech gutt Idien. An doriwwer eraus ass et noutwendeg, dass mer déi politesch Kompetenzen an déi politesch Responsabilitéiten op Regierungssäit, déi jo ausschlaggebend a maassgebend si fir d'Definitioun, d'Begleitung an d'Exekutioun vun enger Immigratiouns- an Integra-

tionspolitik, net méi esou zerstreet weiderlaffe loosson, mä dass mer déi sollen zesummebündelen. Mir hunn eis dofir déi Iddi vu praktesch allen Organisatiounen aus dem zivile Liewen zu Eege gemaach, dass et noutwendeg ass, eng politesch Responsabilitéitsstell an der Regierung ze schaffen. Wéi déi soll ausgesinn, ob dat soll e Statssekretär, e Statssekretariat, sinn, wou se soll ugesidelt sinn, doriwwer kann een diskutéieren, mä et soll geschéien.

Dann hu mer och eng Alternativ nach dozou ugereegt, nämlech dass een de Comité interministériel soll ëmwandelen an e Conseil supérieur pour l'immigration. Mä wa mer esou e Conseil supérieur pour l'immigration hunn, wat ass dat aneschters wéi e Statssekretariat? Bon, ech mengen, doriwwer kann een diskutéieren, mä et soll wierklech eppes Seriös geschéien.

Dann ass et noutwendeg a wichtig, dass och d'Parlament responsabiliséiert gëtt, esou wéi mer dat elo gemaach hunn, nämlech et muss mat abezu ginn an déi ganz Entwécklung vun der Immigratiouns- an Integrationspolitik, an dofir soe mer: Am Parlament soll vun där staatlecher neier Stell, déi soll geschafe ginn, vum Statssekretär, all Joer e Rapport presentéiert ginn, deen an der Chamber soll debattéiert an diskutéiert ginn. Dat ass onbedéngt noutwendeg an engem Land wou et ëm d'Schicksal vun iwwer 40% vun de Leit geet, déi hei zu Lëtzebuerg liewen an Net-Lëtzebuenger sinn.

Doriwwer eraus hu mer och festgestallt, dass eng vun deene Moosnamen, déi am Integrationsfond ass, déi ass, dass ee sech Gedanke mécht iwwert d'Méiglechkeet vun der duebeler Nationalitéit.

Eis Kommissioun ass ganz eenditeg an där Majoritéit. Ganz eenditeg huet si sech ausgeschwat, dass d'duebel Nationalitéit eng Integrationsfördernd Moosnam ass, déi ee soll realiséieren, woubäi et awer kloer ass, dass d'Konditiounen, wéi déi soll realiséiert ginn, mussen festgeluecht ginn. Do brauchen d'Lëtzebuenger keng Angscht ze hunn et géif hinnen eppes geschéien, d'Identitéit, déi géif kapottgoen hei zu Lëtzebuerg. Mat Sécherheet ass se net kapottgaangen, doduerch dass hei Auslänner kënnen Lëtzebuenger ginn duerch d'Autorisatioun. Firwat sollen dann och déi Mënsche mussen verzichten op hir Identitéit an all Brécken ofbriechen, déi se opgrond vun hire Kultur an hire Vergaangenheet mat Stolz sollen droen? Wa mir am Ausland wäeren an do géinge liewen, da géife mer och vläicht déi Nationalitéit gären unhuele vun deem Land wou mer wieren, mä mir wëllten awer net ofbriechen mat Lëtzebuerg. Et muss een nach kënnen Lëtzebuenger bliwen. An dofir fanne mir et richtig a gutt, dass ee soll an deem Kontext en Débat hei zu Lëtzebuerg féieren fir d'duebel Nationalitéit schnellstméiglech anzeféieren.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, deemzufolleg verlaange mer dann - an ech maachen dat ganz kuerz, well Dir kënt dat am Detail noliesen - eng schnellstméiglech Emsetzung vun der europäescher Richtlinn vum 22. November 2003, déi d'Famillenzesummeféierung regelt, an deementsprechend och ee Gesetz.

Da verlaange mer, ech hunn et scho gesot, d'Aféierung vun engem Congé linguistique, doriwwer soll een diskutéieren. Da verlaange mer a mir proposéieren d'Ratiofizéierung vun der Convention sur la nationalité vum 8. November 1997 beim Europarot. Mir sinn eent vun deene weínege Länner, déi d'Convention nach net ennerzeechent hunn. An dann hätte mer gär d'Ofännerung vum groussherzogleche Reglement vum 28. März 1972, wat d'Openthaltsgenehmigung an d'Dispens fir auslännesch Studente bedeit,



dass si hei zu Lëtzebuerg kënnen schaffen.

Dann hätte mer endlech och gären dat groussherzoglecht Reglement, dat virgesinn ass duerch d'Gesetz vum Juli 1993, wat d'Konditiounen, d'Openthalt- an d'Reglementskonditiounen bedénkt an d'Wunnbedingungen definéiert vun deenen Auslänner, déi a staatlech verwalten Heemer, Opfangheemer, sinn, do feelt d'absolut gesetzlech Basis. Mir verlaangen och en vue vun der Kreéierung vun der Universitéit zu Lëtzebuerg eng Schafung vun engem Bureau des Affaires étrangères pour les étudiants étrangers. Et ass ganz wichteg och déi Studenten, déi op Lëtzebuerg kommen, ze betrieien an ze emfänken, fir dass se och d'Méiglechkeet hunn hei zu Lëtzebuerg hir Studien zesumme mat hire Lëtzeburger Kolleeginnen a Kolleegen ze maachen.

Voilà, meng Zäit, déi ech hei zur Verfügung hunn, ass ofgelaf. Ech wëll dann zum Schluss nach eng Kéier op déi gutt Aarbecht hiweisen, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass. A wann och deen een oder anere vläicht e bësse frustréiert war iwwert de Schluss vun der Aarbecht, mat Sécherheet war dat net schlecht gemengt, a mir hunn haut nach d'Geleeënheet op dëser Plaz hei, fir dee Bericht, dee virläit, an Nuancen ze verbessern, fir nei Propositionen ze maachen, a wa se wierklech machbar a méiglech sinn, firwat déi dann net och iwwerhuelen? Fir all gutt Iddi si mer frou.

Ech soen also all eenzelnem Member merci, a virun allem soen ech deene merci, déi mech während deenen zwee Joer ganz kritesch begleet hunn. Haut de Mëtteg wäerte mer dat och nach héieren. Ech hunn domat absolut kee Problem. Dat war ganz flott, dat huet och dozou bäigedroen, dass mer e seriöse Bericht konnte maachen. Ech soen allen Organisatiounen, Experten a Ministère merci fir hir Kollaboratioun während deem annerhallwe Joer. Laang Stonne vun Diskussioun ware wichteg a mir hu festgestallt, dass mer e gudden Choix gemaach hunn an dass mer mat Sécherheet méi Chance hunn, hei zu Lëtzebuerg déi Integrationspolitik ze maachen, déi noutwendeg ass, duerch den Dialog mat alle bedeelegten Organisatiounen. Nach eng Kéier villmools merci. Den Dialog solle mer och weiderféieren.

Ofschléissend wëll ech merci soen dem Sekretariat vum Parlament, wat vill Aarbecht hat, an ech ka mech erënneren, déi éischt sechs Méint hu mer esou oft getagt, dass d'Sekretariat vum Parlament net méi à même war, d'Rapporte rechtzäiteg ze schreiwen. Also nach eng Kéier villmools merci, an dann och menge Mataarbechter an der Fraktioun, merci fir Är Verfaassung vun deem Rapport, an lech alleguerde villmools merci, dass Der mer esou laang nogelauschert hutt.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Patrick Santer (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, Immigration ass zu Lëtzebuerg zënter Jorzéngten e gradsou wichtegt wéi natierlecht Phänomen. No laange Jore vun Aarmut, während deenen am 19. Jorhonnert vill Lëtzeburger hir Heemecht verlooss hunn, fir enzwousch anescht an der Welt Aarbecht a Brout ze fannen, huet d'Opliewe vun eiser Stolindustrie zum Schluss vum 19. Jorhonnert der Lëtzeburger Wirtschaft nei Perspektive bruecht. Mat der neier industrieller Dynamik kommen déi éischt Immigranten a grousser Zuel an d'Land.

Zënterhier, zënter also iwwer 100 Joer, ass Lëtzebuerg en Awanderungsland. Dat ass kee Projet, mä eng Tatsaach. A mat där Tatsaach, gradsou wéi mat der Aart a Weis, wéi mer an Zukunft d'Immigratioun op Lëtzebuerg wëllen organiséieren an encadréieren, hu mer eis de Mëtten hei ze beschäftegen.

D'Spezialkommissioun huet an hire jorelaanger Aarbecht all Facette vun Awanderungsphänomeneen zu Lëtzebuerg bellicht, ënnert d'Lupp geholl an analyséiert. Ennert dem Impuls vun hirem President a Rapporteur, mengem Fraktiounskolleeg Marcel Glesener, huet si all betreffen Acteuren emfaangen, Statistiken an Zuelen ausgewäert an Zukunftsperspektiven opgezeechent. Fir dee gradsou emfangräiche wéi opschlossräiche Rapport vun eiser Kommissioun, wëll ech och am Nimm vu menger Fraktioun dem Här Glesener merci soen.

D'Kommissioun hat sech zum Zil gesat, Leitlinie vun enger richteger Integrationspolitik ze definéieren. Dat hu mer erreecht. An et ze erreeche war net einfach, wann ee weess, dat deen zuleeméisseg iwwergroussen Deel vun den Awanderer aus dem EU-Ausland kënnt an dese Leit hiert Kommen a Goe gradsou weénege ze steieren ass, wéi hir Integrationsbestriewungen zu Lëtzebuerg oder eben de Géigendeel vun esou Bestriewungen. Europäesch Recht gesteeet all Bierger vun der Unioun de fräien Zougank an Openthalt um Territoire vun alle Memberstaten zou, och mat heiansdo Iwwergangsregelungen. Ze reguléieren huet den nationale Législateur am Bezuch op d'Unionsbürger näischt. E ka just offréieren, suggeréieren, ureegen an e ka sech Gedanken maachen, wéi en eng fräiwëlleg besser Integratioun vun den Unionsbürger, déi dauerhaft zu Lëtzebuerg wëlle bleiwen, ka realiséieren. Dat bedeit, datt e sech nawell muss mat den Unionsbürger am Kontext vun der Immigratioun beschäftegen.

Eng weider Kategorie vu Leit, déi net Lëtzeburger sinn, sech all Dag vu méindes bis freides an eise Land ophalen an dofir suergen, datt Lëtzebuerg dagsiwwer bal iwwer 600.000 Awunner huet, sinn d'Frontalieren. Mä well si net hei wunnen, well si sech net hei dauerhaft niddleoossen a well si zum allgeréissten Deel och nach Unionsbürger sinn, kënnen se vun enger Awanderungspolitik net erfaasst ginn. An dach, grad wéi bei de résidenten Unionsbürger muss eng Lëtzeburger Integrations- a virun allem eng Integrationspolitik och d'Frontaliere berücksichtegen, an ustriewe si iwwer hiert professionellt Émfeld eraus besser an der Lëtzeburger Realitéit a Gesellschaft ze bedeelegen.

De Rapport vun der Spezialkommissioun ass weénege op d'Asylwerber agaangen. Dat hat säi gudde Grond, well den Asyl eng Thematik ass, déi mat Immigratioun am eigentleche Sënn vun Wuert weénege ze dinn huet. Asylante sinn onfräiwëlleg ënnerwee, si goufe verdréiwven, vun hiren individuelle Liewensëmstänn zur Flucht genéidegt a si brauchen Hëllef am humanitäre Sënn vum Wuert. Awanderung am 21. Jorhonnert ass am Géigesaz dozou e fräiwëllegt Phänomen, wat vill mat besserer Aarbechtsperspektiv ze dinn huet oder mam Zesummeféiere vun enger Famill oder mat anere Facteuren, déi Mënschen dozou brénge sech an en anert Land ze transportéieren a sech do niddlezeloossen. Selbstverständlech kann een déi zwee Phänomeneer net vollständeg vuneneen trennen, an dat ass wuel och de Grond, woufir sech ëmmer nees an d'Kommissiounsdebatten an an déi öffentlech Debatt ronderëm d'Asylthematik ageschlaach huet.

Här President, ech wëll elo net op all eenzelnen Aspekt vum Rapport

agoen, dat huet den Här Glesener gemaach an et war onnëtz hei seng Ried ze paraphraséieren. Eng Aktualisatioun vun der Législatioun iwwert d'Aarbechtsspermissen, déi am Rapport virgeschloe ginn ass oder e Regroupement familial an doriwwer eraus eng eenheetlech Regelung an Europa vun der Visasflicht zum Beispill, gehéieren natierlech och an de Kader vun der Diskussioun. An alle Fäll, déi ech elo ugeschnidden hunn, fir all Kategorie - wann een esou dierf soen - vun Awanderer, deene permanenten an deene temporären, déi just dagsiwwer wandere an nuets doheem verbréngen oder emgedréint, ass de Maître mot vun enger Integrationspolitik, déi gräife wëllt, d'Integratioun. Si spillt dofir eng absolut zentral Roll am Rapport. Mä do virdrun ass mer un e puer Aussoe geleeën, den Thema ze encadréieren.

Déi éischt ass, datt, wa mer wëllen der Immigratioun eng politesch Rumm ginn, da muss mer déi illegal Awanderung resolut bekämpfen. Illegal Immigratioun kann net kontrolléiert, net erfaasst a per Definition net gesteeert ginn. Illegal Awanderer befanne sech an enger rechtsloser Situatioun. Si sinn net sozial verséichert, si hu keng offiziell Wunneng, si schaffe fir en Apel an e Stéck Brout, offiziell gëtt et se eigentlech iwwerhaupt net. Dat ass onméiglech fir déi betrafte Leit an et ass och onméiglech fir Lëtzebuerg. Mir kënnen net dauerhaft déi sozial Kohesioun vun eiser Gesellschaft sécherstellen, ëm déi et primordial geet.

Fir deene legalen Immigranten déi beschtméiglech Conditions d'accueil an eng optimal Integratioun kënnen ze assuréieren, muss mer déi illegal Awanderung ofschrecken. E konsequent Virgoe géint illegal Awanderung bedeit Signaler no banne mä och no baussen. Mir müssen dofir suergen, datt Lëtzebuerg keen Image kritt - leider huet et e schonn deelweis - vun engem Land wou een emol roueg kann ukommen, well am Prinzip do näischt geschitt. Déi Passeurs-seauen, déi mer kennen, an déi mam Misär vun de Leit hiert knaschtgeld verdéngen, dierfe mer net nach duerch weideren Erfolleg vun hirer Aktivitéit sponseren an esou ureege fir weiderzefueren. Et muss also den Androck entstoën, datt mer zu Lëtzebuerg strikt eis Awanderungsgesetzgebung applizéieren.

Lëtzebuerg ass ze kleng a seng Populationsstruktur ze komplex fir lasch a relax mat illegaler Immigratioun ëmzegoen. Illegal Awanderung soll net nëmmen national mä och um europäeschen Niveau bekämpft ginn. Et kann ee jo net zouloossen, datt an der Europäescher Unioun, déi och eng Unioun vum Recht wëllt sinn, d'Passeuren déi ënnerschiddlech Auslännerregelungen a -gesetzgebungen an deene 15 a gläich 25 Memberstaten an déi ënnerschiddlech Ausleeunge vun deenen Gesetzter zu hire Gonschte benotzen.

Déi zweet Ausso, déi ech wëll maachen, ass déi, dass ee Land, wat elo scho 40% Auslänner zielt, keent ass wéi all déi aner. Lëtzebuerg weist eng eendeiteg Tendenz no nach méi enger héijer Proportion un Auslänner op eise Territoire aus an dës Tatsaach muss eng politesch Berücksichtigung fannen. Leschten Enns geet et hei ëm den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft, also där Gesellschaft, déi an eise Land zesummeliift.

A 15 oder 20 Joer kann et sinn, datt méi nei Auslänner bei eis wunnen, wéi Lëtzeburger. All Joer kommen der e puer dausend dobäi, während d'Zuel vun de Lëtzeburger zënter Jorzéngte stagnéiert. Datt se net zréckgeet ass och op d'Na-

turalisatiounen zréckzeféieren. Elo scho sinn d'Lëtzeburger an der Haaptstad an an anere Gemengen, wéi der Fiels, an der Minoritéit. An de Schoule fanne mer plazeweis Klassen an deene kee Lëtzeburgergeschicht Kand méi sëtzt. Um Aarbechtsmaart maache mer nach ronn en Drëttel aus; Tendenz falend. Haut ginn dräi Véirel vun allen nei geschafenen Aarbechtsplaze vu Frontaliere besat.

Dës sinn Tatsaachen. Déi müssen eis awer keng Suerge maachen, mä si müssen een zum Handeln inspiréieren. Wa mer wëllen eis Gesellschaft an där net nëmmen d'Zuel vun den Auslänner mä och de Fächer vun hiren Hierkunftslander ëmmer méi grouss gëtt, op Dauer zesummen- a beieneenhalen, da brauche mer eng Politik, déi sech deem Zil verschreift. Just komme loosse, wat dann ze kommen huet, ass ugesichts den Zuelen an der wierklecher Welt keng Optioun méi.

An da muss Lëtzebuerg sech och bewosst sinn, dass mer d'Auslänner jo hei hunn, well dat eis, hinnen an dem Land eppes bréngt; an zwar e ganze Pak. Ouni Immigranten, ouni Italiener a Portugisen hätte mer keng formidabel industriell Entwécklung an dem 20. Jorhonnert kannt. Hätte mer d'Frontalieren net, déi zu hirer bal 110.000 haut all Dag an d'Land schaffe kommen, da wär e gudden Drëttel vun eise Aarbechtsmaart souzesoen net besat. Da kënnte mer elo schonn, an zwar direkt, eise soziale Versécherungssystem mat deene Leeschtungen, déi mer kennen, vergiesen, och wa mer d'Immigrationspolitik aus der Optik vum Finanzement vun esou enger sozialer Versécherung haut net dierfe gesinn. Immigratioun eleng ka strukturell Problemer net léisen; schlëmmstefalls just op e spéideren Zäitpunkt verleeën.

Ouni d'Auslänner, ouni d'Immigranten, ouni d'Frontaliere géif et ganz einfach dat Lëtzebuerg net ginn an deem mer liewen. Ouni hir Steieren an ouni hire Konsum, deen 768 Millioune ausmécht, géifen et déi Infrastrukturen, déi mer haut hunn an déi mer amgaange sinn ze kréien, net ginn. Ouni si wär Lëtzebuerg aarm, aarm a villen Hilsichten; an dat net nëmmen aus strikt materiellem Siicht.

Also en dueble Constat: Mir brauchen Auslänner, déi am Land wunnen, mir hu se ëmmer gebraucht a mir brauche se weider, gradsou wéi d'Frontalieren. Mä mir müssen oppassen, datt mer keng dräi oder méi Parallelgesellschaften zu Lëtzebuerg kréien. D'Lëtzeburger, déi zu enger ëmmer méi grousser Proportion an öffentlech-rechtlechen Aarbechtsverhältnisse sinn, d'Frontalieren déi eis Privatbetrieber um Liewen halen an déi résident Auslänner, déi sech nach eng Kéier an eenzelne Gemeinschaften erëmfinden a sech vun de Lëtzeburger ofschotten. Dat dierfe mer net zouloossen, well et den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft futti géif maachen; mat allen negative Konsequenzen, déi sech aus esou enger Entwécklung kënnen erginn. Dofir ass Integratioun gefrot. Integratioun brauche mer an Integratioun muss mer, mat alle Mëttelen, déi d'Politik sech kann dofir ginn, fördern.

Här President, Integratioun huet zu Lëtzebuerg zwee noutwendeg Voleten. Een ergëtt sech aus der Zuel vun den ze integréierende Leit, déi proportionell méi grouss ass wéi bal iwwerall op der Welt. Deen anere betrëfft déi spezifesch Situatioun vun eise Land, engem klengen Land un der Schnëttstell vun zwee Kultur- a Sproochraim, dat säin eegene Wee wëllt weidergoen an deem - fir et emol krass ze formuléieren - esou lues seng eege Leit ausginn.

Fir déi 170.000 Leit mat enger Integrationspolitik ze erfaassen, ass kee Cadeau. Rechent een hei nach 110.000 Frontalieren derbäi, déi wuel spezifesch mussen berück-

sichtege ginn, da kënnt een op 280.000 ze integréierend Mënschen zu Lëtzebuerg, fir et emol esou ze soen. Dat sinn der gradsou vill wéi et Lëtzeburger gëtt an deemnächst méi. Et kënnt ee sech reng arithmetesch gekuckt d'Fro stellen a wéi eng Richtung wuel den Integrationsprozess stattfënnt, wann déi integréierend Gesellschaft scho bal zu männer ass wéi déi, déi se wëllt integréieren? Mä well dat hei keen arithmeteschen Défi ass, mä e politeschen, sozialen a kulturellen, muss déi Lëtzeburger Gesellschaft deen Défi op d'Schëlleren huelen.

Et muss deemno e grouss ugeuechten Integrationsprojet entworf ginn. Mat Gebastels komme mer net weider. Natierlech misst ee ganz vill jonk résident Auslänner eigentlech vum Zilpublikum vun der Integrationspolitik ewechrechnen, well se hei an d'Schoul ginn oder gaange sinn, well se schonn integréiert sinn an hei wëlle bleiwen an dacks genuch Lëtzebuerg besser kenne wéi d'Heemechtsland vun hiren Elteren. Mä et bleiwen nach méi wéi genuch Leit iwwer, déi hautdesdags niewent der eigentlecher Lëtzeburger Gesellschaft funktionéieren, mat hire Landsleit a mat de Lëtzeburger eigentlech näischt ze dinn hunn an et kommen der all Dag derbäi. An deen Zoustand ass integrationshemmend.

Dës Realitéit muss eis dozou ureege Lëtzeburgergesch den Net-Lëtzeburger hei am Land konsequent méi no ze bréngen. Op Grond vun der Zuel vun den Auslänner, déi hei am Land sinn, huet een hei zu Lëtzebuerg, wat ee kënnt e relativen Integrationsdruck nennen, dee ganz oder relativ kleng ass. Dacks genuch ass den Undeel vun den Auslänner aus enger Nationalitéit oder esouguer enger Region esou grouss, datt d'Fonctionnéiere vun esou enger Gemeinschaft ausserhalb vum Lëtzeburger Mainstream zouloosbar ass. Si ginn eleng eens, si ginn an hir Veräiner, op hir eege Fester an an hir eege Restauranten.

An eis Sprooch, nu jee, mir wësse jo all, datt déi am Alldag nach Verwendung fënnt, besonnesch an der Privatwirtschaft. A well all Mënsch, deen e Lëtzeburger Pass huet, franséisch léiert, schwätzt en dann och ëmmer, ouni weider driwwer nozedenken, mat de Leit aus der romanescher Immigratioun franséisch. Datt ee si am Fong dovunner ofhält sech ëm d'Erléiere vun der Lëtzeburger Sprooch ze këmmen ass zwar onbestritten, mä am Fong geholl interesséiert et keen. Mä et muss ufänken eis ze interesséieren.

Integratioun hunn ech gesot sur une large échelle an déi Integratioun iwwert d'Vermëttlung vun eiser Sprooch an deem wat Lëtzebuerg als Stat ass, wat e kennzeechent, wéi e fonctionnéiert, woufir et e gëtt a wou en hiwëllt, an dat iwwert d'Abanne vun de Leit vu bausen an eis Gesellschaft, an eis Veräiner, an eis Fester, um politeschen Liewen an iwwert d'Vermëttelung vun deem wat d'Lëtzeburger gemengerhand vu sech halen. Alles an allem brauche mer also e sproochlechen a soziokulturellen Integrationsprojet.

Besonnesche Wäert leeën ech hei, an et geet net anescht, op den zweete Volet vun der Spezifisitéit vun enger Lëtzeburger Integrationspolitik, d'Bedeitung vun der Sprooch. Si ass d'Mammesprooch vun all Lëtzeburger a Kommunikationsmëttel vun alle Lëtzeburger. Si ass d'Sprooch vum öffentlechen Liewen an der politescher Auseenansetzung. Si ass d'Ausdrucksform vun eiser Geschicht a Vehikel vun eiser Kultur. Lëtzeburgergeschicht ass dat Element wat all Lëtzeburger iwwerall an der Welt matenee verbënnt. An dëser Hilsicht ass déi offiziell Dräisproochegkeet irrelevant.

E Lëtzeburger, deen zum Beispill virun zéng Joer a Kanada ausge-



wandert ass, fillt sech net emotional oder un doheem ernënnert, wann ee vu Lëtzebuerg, dee bei e kënnt, franséisch mat em schwätzt. Wie mengt, et géif Lëtzebuerg an et géif eng bedeitungsfull, eng emotiounsgebonden, eng gefillsrelevant Acquisitioun vun der Nationalitéit ouni Sprooch ginn, deen iert sech. Lëtzebuergesch ass eng Sprooch, virun allem aneren, esouguer virum Wuelstand an de relativ gesinn héije Léin a soziale Leeschtungen. Esou wohlfahrtsstaatlech Elementer ersetze keng Identitéit an ëm si geet et, wa mer de Leit, déi bei eis wunne kommen, wëlle vermëttelen wat mir sinn a wat eist Land ass, an esou integréiere wëllen.

Meng Fraktioun an ech selwer sinn deemno der Meenung, datt mer müssen d'Offer vun de Coursen, an deenen den auslännesche Matbierger eis Sprooch bäibruucht gëtt, drastesch vergréisseren. Dat wäert net zum Nulltarif ze kréie sinn. Mä hei geet et ëm d'Zukunft vun eiser Gesellschaft. Allerdéngs geet et mat de Sproochen eleng net duer, och wa mer méi Enseignanten hätten. Wat mer eigentlech an am Fong brauchen, speziell fir Leit aus Drëttstaten a solcher, déi wëlle Lëtzebuurger ginn, dat si véritabel Integrationscoursen, wéi se an anere Länner, an der Schwäiz, Holland, Dänemark an op anere Plaze mat Succès duerchgefouert ginn. Also Coursen, déi eppes vun der Geschicht vum Land vermëttelen, seng Kultur, seng Sprooch selbstverständlech, an déi d'Identitéit vun de Lëtzebuurger op eng novollzéibar Manéier de Leit aus anere Länner no-bréngen. Dat ass net onméiglech, et fonctionnéiert op schrecklech ville Plazen. Et muss een et just wëllen.

Wat een och muss wëllen, dat ass unerkennen, datt et haut an enger Welt vu Reesen, Kommunikatioun a Leit, déi sech an hirem Liewen op e puer Plazen néierloossen, fir do ze schaffen, méiglech ass méi wéi engem Stat loyal ze sinn.

Konkret bedeit dat, datt mer müssen op Dauer eis Nationalitéit zougänglech maache fir Leit, déi och en anere Pass hunn, ouni datt se deen, wéi dat bis elo de Fall ass, müssen ofgi wa se Lëtzebuurger ginn. Et géife méi Auslänner, déi bei eis liewen, Lëtzebuurger ginn, wa se net da missten déi institutionell an organesch Verbindung mat hirem éischten Heemechtsland kappen, fir just nach hirem zweeten Heemechtsland unzegehéieren.

Well mer awer och d'politesche Participatioun vun deene Leit brauchen, déi net Lëtzebuurger ware wéi se bei eis koumen, well déi Leit en Apport ze leeschten hunn an eiser Gesellschaft, dee se solle kënne als vollwäertge Bierger zu Lëtzebuerg abréngen, muss d'Méiglechkeet vun der duebler Nationalitéit geschafe ginn, dést natierlech och ënnert der Bedingung, datt déi nei Lëtzebuurger eis Sprooch beherrschen. Vu politescher Participatioun an engem Land ze schwätze wou d'Politik op Lëtzebuergesch stattfënnt, ouni datt een dës Sprooch kennt, dat ass surrealistesch. Hei geet et awer net duer an eisem Nationalitéitgesetz de Passus ze sträichen, wou gesot gëtt, datt deen, dee Lëtzebuurger wëllt ginn, seng Nationalitéit fir d'éischt misst ofginn.

Et nëmme dobäi ze loossen, wier emol keng hallef Aarbecht gelescht. D'duebel Nationalitéit bréngt konkret rechtlech Problemer mat sech, déi ee fir d'éischt misst klären. Dat ass och esou.

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).**- Dat ass dach kee Wäertuerteel.

■ **M. Patrick Santer (CSV).**- Dach, et ass e Wäertuerteel, fir einfach e Saz ze sträichen an engem Nationalitéitgesetz an ze soen, elo hu mer d'duebel Nationalitéit, sieft alleguete froen. Dat stëmmt net. Et ass onrealistescht dat ze denken. Firwat mengt Der dann, datt déi

Belsch oder déi zwee belsch Professeren dem Justizminister fir hire Rapport iwwert d'duebel Nationalitéit bal honnert Säite geschriwwen hunn? Déi hunn dat net als einfach Literatur dohinner geschriwwen, wann et nëmme drëm geet fir ee Saz an engem Gesetz ze sträichen. Dat wier och op enger Sait duergaangen.

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).**- Dir sidd fir de Prinzip.

■ **M. Patrick Santer (CSV).**- Mir si fir de Prinzip. Dat hunn ech och elo grad gesot, op eng verständlech Aart a Weis.

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).**- Eenegermoossen, jo. Mä Dir hutt nuancéiert, a ganz nuancéiert doriwuer geschwat, a relativéiert.

■ **M. Patrick Santer (CSV).**- Dat ass schonn hei laang a breet diskutéiert ginn an den Här Glesener huet dat och gesot.

Am Sënn vun deem wat ech iwwert d'Integratioun als Haaptpillier vun enger zukünftger Immigratiounspolitik gesot hunn, wäert ech och eng Motioun abréngen. Zu engem perfekte Rapport gehéiert och eng perfekt Motioun, déi ech hoffe vun deene meeschten heibanne gedeelt ze kréien.

**(Interruption)**

Also esou onperfekt wéi Dir, Här Urbany, kann ech laang net sinn, och wann ech mech dru ginn.

**(Hilarité)**

Ech wäert déi Motioun am Laf vun der Diskussioun abréngen, well e puer redaktionell Imperfektionen nach drastinn.

Här President, Immigratioun ass e Phenomeen, wat een nëmme géintiwwer Statsbierger vun Drëttstate wierklech ka kontrolléieren a steieren. Si, déi eng Openthalt an eng Aarbechtsgenehmegung brauchen, kënne net einfach esou op Lëtzebuerg kommen an hei bleiwen, mä mir brauche se. Et gëtt hei eng Rei vu Beräicher um Aarbechtsmaart, fir déi mer einfach net genuch Lëtzebuurger an esouguer EU-Auslänner hunn a wou mer müssen iwwert dës Grenzen eraus Leit sichen a fannen, an also och eraloossen. Ob dat Leit aus dem afrikanesche Kontinent, Brasilianer, Rumäne sinn, dat ass eigentlech net wichteg.

Oder mengt een, wann hei e puer indesche Software-Betriber sech géifen niderloossen an e puer Mataarbechter aus Drëttstate géife matbréngen, déi zu Lëtzebuerg kënne Saache fäerdeg bréngen, déi hei kee kann, da géifen déi puer Leit de Gesellschaftsfridde fundamental perturbéieren?

Loosse mer op deen Niveau mat Serenitéit kucke wie wëllt heihinner kommen a woufir, ouni awer grundsätzlech Appréciatiounen ze hunn, wann emol ee kënnt, deen Hindu ass oder eng schwaarz Hautfaarf huet, oder deen net dat ésst, wat mir esou iessen, virausgesat natierlech si hunn oder fannen direkt eng Aarbecht, déi nëmme si kënne besetzen, well ouni dës Viraussetzung mécht Awanderung iwwert de kommunautäre Raum eraus kee Sënn. Do hu mer och genuch Leit, déi no Aarbecht sichen, a wann eng Plaz gradsou gutt vun engem Lëtzebuurger oder engem Hollänner ka besat gi wéi vun engem Amerikaner, dann hu mer emol eng Préférence communautaire, an da mécht déi och Sënn. Dovunner däerfe mer net ofrécken.

Zum Schluss nach eppes, wat am Fong eng Widerhuelung ass vun deem, wat mäi Fraktionskolleeg Claude Wiseler virgëschter am Numm vu menger Fraktioun op dëser Tribün gesot huet. Mir applizéieren elo eng Iwwergangszäit vun zwee Joer bei der Fräizüggerecht vu Persounen vis-à-vis vun aacht mëttel- an osteuropäesche Staten, déi den 1. Mee an d'Europäesch Unioun kommen.

Dat ass esou an der Rei, well et fënnt sech, datt déi aktuell Membrelänner dat bal all maachen, a mir esou wierklech net kënne „bande à part“ maachen. Den Drock op Lëtzebuerg géif soss iwerproportionell ginn, wat eisen Aarbechtsmaart an där aktueller gespaanter Situatioun net kéint verkraaften. Mä doriwwer eraus soll ee realistesch sinn. Wien dës Länner kennt, wien d'Leit aus deene Länner kennt, hir Identitéit an hire Stolz, hir Leeschtungsbereitschaft och, dee weess, datt hei net Horde vun neien Uniounsbierger just drop waarden, fir kënne an de Weste vun Europa auszewandern. Dat ze mengen, ass d'Leit an deene Baitrëtsstate fundamental ënnerschat an eigentlech degradéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Härren, Immigratioun mat der Komponent Integratioun ass keng Horrorysioun fir Lëtzebuerg. Integratioun soll een als Chance ugesinn, an déi Chance muss een huelen zum Wuel vun allen an zum Wuel vum Land.

Ech soen lech merci.

Pardon, Här President, d'Motioun ass ukomm mat den Imperfektionen, déi erausgeholl si ginn!

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le Luxembourg est depuis plus d'un siècle pays d'immigration, après avoir connu pendant longtemps la réalité d'un territoire d'émigration, et que le phénomène migratoire fait dès lors partie de la conscience nationale;*

*- considérant que notre pays connaît toujours une immigration importante qui, bien que se composant essentiellement de citoyens communautaires, est néanmoins une immigration à facettes multiples et variées;*

*- considérant que le Luxembourg compte d'ores et déjà presque 40 pour cent de résidents qui ne sont pas des nationaux, et que cette proportion ne cessera pas de s'accroître;*

*- considérant que l'immigration doit être un phénomène contrôlé et régulier, et que l'immigration clandestine doit partant être résolument combattue, dans l'intérêt aussi bien des immigrés réguliers que de la société d'accueil luxembourgeoise;*

*- considérant que dès lors, il importe de définir une politique de l'immigration cohérente et horizontale, visant à la fois le meilleur accueil des nouveaux venus et leur intégration optimale dans la société du Luxembourg, de manière à en garantir durablement la cohésion et la capacité d'accueil;*

*- considérant qu'une telle politique doit reposer avant tout sur la compréhension et la communication de l'identité luxembourgeoise aux concitoyens étrangers et à une interaction positive avec ces derniers qui comporte un enrichissement mutuel;*

*- considérant que l'accès à la nationalité luxembourgeoise est un biais de choix pour favoriser et réaliser l'intégration des concitoyens étrangers dans la société luxembourgeoise et pour garantir un attachement et une identification vérifiables avec le Luxembourg;*

*invite le Gouvernement*

*- à définir une politique globale de l'immigration et de l'intégration, et d'en garantir la mise en œuvre la plus cohérente possible;*

*- à étudier la possibilité de confier la mise en œuvre de cette politique à un membre du Gouvernement ayant dans ses attributions la coordination de la politique de l'immigration;*

*- à maintenir une attitude ouverte à l'égard de l'immigration à partir de pays non membres de l'UE, dans la mesure où le marché de l'emploi peut offrir des perspectives à des immigrés de pays tiers et que ces derniers peuvent donc intégrer dans la société luxembourgeoise;*

*- à continuer de combattre de manière efficace l'immigration clandestine, donc irrégulière, qui ne peut conduire à l'intégration harmonieuse des personnes concernées dans la société luxembourgeoise et qui peut compromettre le succès de l'intégration des immigrés légaux;*

*- à promouvoir l'apprentissage de notre langue nationale par le biais d'un renforcement en personnel des structures de l'enseignement du luxembourgeois, afin de pouvoir faire face aussi bien à une demande croissante de cours de luxembourgeois et aux défis d'une véritable politique de l'intégration;*

*- à étudier la possibilité d'offrir des «cours d'intégration» à l'intention des immigrés non communautaires, comportant l'enseignement de la langue luxembourgeoise, de l'histoire nationale, ainsi que de la culture et de l'identité luxembourgeoises, à l'instar des cours pratiqués au Danemark; la fréquentation de ces cours pourrait en cas de besoin faire partie du processus d'intégration menant à l'acquisition de la nationalité luxembourgeoise;*

*- à favoriser l'intégration durable dans la société luxembourgeoise par le biais de l'acquisition de la nationalité luxembourgeoise, tout en gardant à l'esprit que l'impossibilité légale actuelle de combiner l'acquisition de la nationalité luxembourgeoise avec le maintien de la nationalité d'origine peut s'avérer dissuasive à l'égard de demandeurs potentiels en naturalisation qui voudraient pourtant conserver, y inclus de manière formelle en en portant toujours le passeport, leurs attaches avec leur pays d'origine;*

*- à envisager, dans cette perspective, l'abrogation de la disposition contenue actuellement dans la loi sur la nationalité luxembourgeoise selon laquelle le demandeur en naturalisation doit préalablement renoncer à sa nationalité d'origine, rendant ainsi possible la double nationalité, et à permettre un débat démocratique sur l'opportunité d'une telle démarche;*

*- à étudier la possibilité de l'introduction d'un congé linguistique, pouvant permettre à des immigrés ne disposant pas du temps libre nécessaire pour ce faire, de suivre les cours de langue et de culture offerts en vue d'une meilleure intégration des immigrés;*

*- à transposer en droit national la directive 2003/86/CE du Conseil du 22 septembre 2003 sur le regroupement familial;*

*- à signer et à ratifier la Convention sur la nationalité du Conseil de l'Europe du 6 novembre 1997;*

*- à modifier le règlement grand-ducal du 28 mars 1972 concernant l'autorisation de séjour, afin de conférer une base juridique à la dispense des étudiants de pays tiers de prouver des moyens personnels suffisants pour couvrir leurs frais de séjour;*

*- à prendre le règlement grand-ducal concernant les conditions du séjour dans les foyers d'accueil de l'État, prévu dans la loi du 27 juillet 1993.*

(s.) Patrick Santer, Marcel Glesener, Gusty Graas, Alexandre Krieps, Renée Wagener.

■ **M. le Président.**- D'Motioun gëtt ausgedeelt, dass jidderee ka Kenntnis dervun huelen.

De Rapporteur, den Här Marcel Glesener, freet kuerz d'Wuert.

■ **M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.**- Här President, ech wollt d'Wuert froen als Rapporteur

an als President vun der Kommissioun.

Déi Motioun, déi den Här Santer elo hei déposéiert huet, déi steet op, fir datt och nach aner Parteien, déi se bis elo nach net ënnerzeechen hunn, dat nach kënne maachen. Si gëtt fir de Moment ënnerstëtzt vun der CSV, der DP an der grénger Fraktioun.

Merci.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, eng Motioun kann een natierlech nëmme ënnerzeeche wann ee se gesinn huet. Dat ass nach net de Fall, soudass ech dozou natierlech nach näischt ka soen.

Här President, um Fong vun enger Diskussioun iwwert d'Awanderung steet ëmmer d'Fro no der Gesellschaft, déi ee wëllt. Dofir muss een am Ufank vun dëser Debat soen, wat fir eng Gesellschaft, wat fir ee Lëtzebuerg ee wëllt, haut, muer an iwwermuer.

Dat Lëtzebuerg kann net grondverschidde si vun deem, wat et säit jeehier war. Ech mengen, mir wëllen alleguer e Lëtzebuerg wat wirtschaftlech gesond ass, ekologesch am Gläichgewicht, sozial gerecht, kulturell op der Héicht. Mir kënne dat net eleng. Mir kënne dat nëmme an der Solidaritéit mat der Welt dobaussen a ronderëm ons erreechen. Nationalen Egoismus, national Ofschottung, Iwwerreaktioun vum Nationale sinn do net méiglech. Mir wëllen e Lëtzebuerg, wat an der EU handelt an iwwert d'Europäesch Unioun an der Welt aktiv ass, e Lëtzebuerg, deem säin Horizont och d'Groussregioun ass a wat seng Plaz an der Groussregioun huet. Esou e Lëtzebuerg bedeit säit jeehier automatesch Wanderungen, Awanderung, Auswanderung, en Hin an Hier vu Mënschen a vu Famillje vun de verschiddensten Zorten, Rassen a Reliounen.

Migratiounen sinn haut wéi fréier en natierlecht Element vun onser Gesellschaft wéi vun all entwëckelter Gesellschaft. A säit dee kleng Fleck Lëtzebuerg besteet, sinn hei déi verschiddenst Leit aus- an agangen, hu sech gekräizt a géigesäiteg beräichert. Lëtzebuerg ass eng Kreatioun vu Migratioun, léif Kolleegen a Kolleginnen. Awanderung heescht, dass Leit aus frieme Länner bei ee kommen an zwar aus de verschiddensten Ursachen. Et gëtt Lëtzebuurger Auswanderer iwwerall an der Welt a mir si jo mächtig stolz drop, wann déi dobausse reüsséieren.

Betruechte mer also wann ech gelift, haut wéi gëschter, d'Migratioun als eppes fundamental Positives, als eng Beräicherung an net nëmme als eng Noutléisung, wann et mol zoufälleg net genuch Lëtzebuurger méi géif. A fir dass d'Awanderung positiv ass, däerf ons Gesellschaft d'Awanderer net ausgrenzen, muss se un ons bannen a se participéiere loossen um Liewe vun der Gesellschaft, wirtschaftlech, sozial, kulturell a politesch.

Ech hätt mer mol gären dës Astellung iwwert d'Awanderung an onser Aarbecht vun der Chamber gewënscht. Ech fannen se leider am schrëffleche Bericht vum Här Glesener net erëm. Hien huet elo éinescht probéiert a sengem mëndlechen Exposé e bësse méi Begeeschterung fir Migratiounen zum Ausdrock ze bréngen, wéi dat an dem schrëffleche Bericht ass. Ech fannen an deem Bericht ganz oft eng ängschtlech Haltung a virun allem de Wonsch méiglechst schnell aus all Auslänner e perfekte Lëtzebuurger ze maachen.

Här President, firwat komme Leit bei ons? Meeschtens komme se fir ze schaffen a fir e bessert Liewen ze kréien. Heiansdo fir enger Gefor ze entgoen. Oft brénge se hir Famillje mat, well d'Zäit vun den Een-



zelen, déi schaffe koumen an no e puer Méint hirer Wee gaange sinn, ass eriwwer. Erënnert lech, déi déi d'Geschicht e bësse kennen, d'Italiener zum Beispill, déi hu laang bei ons, um Ufank vum Jorhonnert bis an d'30er Joren, wéi Béischte geschafft a gelieft. Als Aarbechtsbéischte si se considé- réiert ginn an no e puer Méint, wa se net méi gebraucht gi sinn, konn- te se dann hirer Wee goen. Dat ass haut glécklecherweis eriwwer. Si kommen alleguer, wa se d'Chance kréien hei hiert Liewe besser ze maachen, a Betriber, öffentlecher oder privater, bei der Arméi - hu mer jo gesinn -, an onse Klinicken, beim Stat, iwwerall.

Et kommen Der well se vun do- heem flüchte mussen, well bei hin- ne Rapp a Klapp ass, well se ver- follegt si wéinst hirer Relioun, wéinst hirer Rass, hirer Nationalitéit oder hire politeschen Opfaassun- gen.

Et kommen Der eng ganz Partie, well mer se ruffen, an déi gehéie- ren och zu der Immigratioun. Spe- zialiséiert Kaderen, friem Kapital- besëtzer, Experten, bekannt a manner bekannt Sportler, Trainer, Professerer a Wëssenschaftler. Ouni si fonctionnéiert ons Wirt- schaft net, ons Uni muer wäert net ouni si fonctionnéieren, ons Betri- ber, ons Veräiner fonctionnéieren net ouni si an ouni si fonctionnéiert Lëtzebuerg net.

Et komme muer Studente vun iw- werall. Vun deene 5.000 Studen- ten, déi mer op der Uni Lëtzebuerg erwaarden, soll op d'mannst d'Hal- schent aus dem Ausland kommen, a vun där Zuel op d'mannst 20 bis 30% aus Drëttlänner, also net aus der Europäescher Unioun.

Sécher stellen d'Migratiounen all Land an och Lëtzebuerg viru grouss Erausfuerderungen. Meng Iwwerzeegung ass et, dass mer dës Erausfuerderung am beschten am Kader vun der Europäescher Unioun ugoe sollen. Sait Joren ass d'Europäesch Unioun amgaangen u Léisungen um Gebitt vum Asyl an der Awanderung ze sichen. Et geet wuel ganz lues virun an deem sou genannten drëtte Pilier, deem zwar am Vertrag vun Amsterdam com- munitariséiert ginn ass, mä wou mer trotzdeem nëmme ganz lues virukommen, well d'Länner do op hir national Souveränitéit pochen.

Et gëtt eng Proposition iwwert de Statut vu Leit aus Drëtlänner. Et gëtt eng Direktiv iwwert de Regrou- pement familial, déi relativ onze- friddestellend ass. Et gëtt eng Kommunikatioun iwwert d'Awande- rung. Et gouf zu Tampere de Ver- such fir e Kader fir d'Migratiouns- politik vun der Europäescher Unioun festzeleeën. Et gëtt Propo- sitionnen iwwert d'Asylpolitik an esou weider.

Iwwregens muss ech soen, Här President, dass dëst alles relativ weéne am politeschen Débat zu Lëtzebuerg war. Et ass um Justiz- minister - a mir si frou, dass en hei ass -, an e wäert eis vläicht hoffent- lech e puer Saachen dozou soen, well ech hunn d'Impressioun, dass eis Chamber sech net genuch mat all deenen Aspekter um euro- päesche Plang befaasst huet, well dat fir muer eis Politik hei zu Lëtze- buerg ganz staark determinéiere wäert.

Här President, de Bericht huet och d'Flüchtlingspolitik ausgeklamert, obschonn d'Migratiounspolitik, wann ech dat emol esou kann all- gemeng nennen, an de leschte Jo- re vun der Flüchtlingsproblematik dominéiert gouf an och influen- zéiert gouf. D'Linne vun där heite- ger Politik op deem Gebitt goufe jo bekanntlech an eiser Chamber am Mäerz 2001 festgeluecht, an et wär awer wëschenswäert gewiescht, wann am Bericht vum Här Glesener wéinstens probéiert gi wär, eng Evaluatioun vun där Politik ze maachen, déi deemools an der Motioun vum Här Mosar duerge- luecht ginn ass, och well dat kann Influenzen op den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg hunn, well et jo do-

ranner geheescht huet fir d'De- mandeurs d'asile op den Aar- bechtsmaart ze loossen, fir déi, déi fir Raisons humanitaires eng Openthaltsgenehmegung kréien, fir déi och op den Aarbechtsmaart ze loossen. Ech mengen, all déi Aspekter hunn en Impakt op den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg, an et wär interessant gewiescht, dat och am Bericht ze weisen.

Ech bedauern och, dass am Fong geholl näischt am Bericht steet iw- wert den Impakt, iwwert d'Interak- tioun vun der Awanderung an dem Sozialsystem zu Lëtzebuerg. Den Här Glesener mécht wuel eng Re- marque, dass et keng Awanderung an de Sozialsystem däerf ginn, an e mécht domat eigentlech Refe- renz op en däitschen Débat, deem eng Zäit bestanen huet, well déi eben Immigranté gefaart hunn, déi just géifen no Däitschland komme fir vum Sozialsystem ze profitéie- ren.

Mä ech mengen, mat esou enger Debatt ass eigentlech näischt ge- léist. Wa mer an der Finanzéierung vun der Altersversécherung nach elo kee Problem hu fir den Abléck, dann ass et well mer jo eng relativ jonk an aktiv Bevölkerung hunn, an déi jonk, aktiv Bevölkerung ass jo nëmmen duerch d'Awanderung ze erklären, a vill vun deene Leit, déi haut bei eis schaffen, déi wäerte jo an der Pensioun fortzéien an hir Pensioun enzwousch aneschtens genéissen. Weéne wäerten zu Lëtzebuerg bleiwen, well mer, mengen ech, net genuch Efforte gemaach hu fir déi Leit u Lëtze- buerg ze bannen, zum Beispill d'Portugisen, fir hinnen d'duebel Nationalitéit ze erlaben an do- duerch hinnen Ursaachen ze gi fir zu Lëtzebuerg och an der Pen- sioun ze bleiwen. Dat si Kompo- nenten, Här President, déi an deem Bericht feelen, an ech wär wierk- lech frou gewiescht, wann dat dra- komm wär.

Ech wëll och nach eppes soen iw- wert d'Manéier wéi mer dëse Be- richt gemaach hunn. Ech mengen, sécher hu mer eng Aarbecht ze- summe gemaach mat Auditioenen, zweemol, an den Här Glesener war och op fir eng ganz Partie Sugges- tiounen, dat wëll ech och hei soen, mä et ass awer eigentlech e Be- richt, Här President, vun der Majo- ritéit, well zweemol huet d'DP-CSV- Majoritéit vu sech aus Saachen an de Bericht gesat an déi einfach esou duerchgesat. Dat heescht dee Konsens, deem een eigentlech hätt kennen do sichen an de For- mulatiounen, an den Inhalter, deem ass vun der Majoritéit net gesicht ginn, an dat bedauern ech, well d'Immigratioun ass e sensibelen Thema, deem een objektiv muss ugoen a wou een net däerf Partei- politik maachen oder d'Opposi- tioun géint d'Majoritéit vis-à-vis stellen. An dofir hätt ech wierklech gär gehat wa mer déi Fait-accom- plien, déi vun der Majoritéit ge- maach gi sinn, ewechgelooss hät- ten a wa mer an der Manéier wéi mer dorunner gaange si méi objek- tiv a méi zesummen dru gaange wäeren.

Här President, ech wëll fir d'éischt emol ee Punkt ervirhiewen an deem Bericht, dee wéi en Zauber- wuert ausgesäit. E kënnt an all Ried erëm, am Bericht vum Här Glesener kënnt dat Wuert ganz oft erëm. Et ass d'Wuert Integratioun. Bon, mir sinn alleguer fir Integra- tioun, dat heescht dass mer gären hätten, dass Leit, déi bei eis kom- men, hei an der Gesellschaft sech integréieren. Mä dat gesot hu mer eigentlech nach keng Definitiou- nen vun deem wat Integratioun ass, an et wäert och ganz schwéier si fir eng Definitiou ze gi wou jiddfe- reen domat d'accord ass, well Inte- gratioun ass eppes extrem Di- verses, geschitt op ganz villen Ni- veauen an hänkt dovunner of wat een hei schafft, wéi een hei lieft, wat fir Mëttelen een huet fir hei ze liewen, wéi aarm oder wéi räich, dass een ass, vu wou dass ee kënnt, wat fir Kontakter, dass een huet. All dat determinéiert d'Inte- gratioun.

Ech mengen, Här President, et gëtt Lëtzebuerger, fir emol e puer Bei- spiller ze soen, Lëtzebuerger, déi kee Lëtzebuergesch schwätzen, an dann awer Statsbeamte gi sinn zu Lëtzebuerg. Dat ass et alles ginn. Et gëtt och Leit, déi zu Lëtze- buerg säit éiweg liewen, déi Lëtze- buergesch schwätzen a méi echt wéi en echte Lëtzebuerger sinn, an och ni drun denke fir hirer Wee ze goen, an déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn an och net mat stëmme ginn. Et gëtt och Auslän- ner zu Lëtzebuerg, déi souzeseo keng Relatioune mat der Lëtze- buerger Gesellschaft hunn an awer d'Liewen zu Lëtzebuerg apprécie- rien a gutt Matbierger sinn. An et gëtt och Auslänner, déi hir Sprooch schwätzen, hei schaffen an awer un der Lëtzebuerger Poli- tik interesséiert sinn an awer wëllen an där Politik matdiskutéieren. Et gëtt also ganz vill Niveauen, an ech géif net soen, dass vun deene Leit keen hei zu Lëtzebuerg integréiert ass. Et gëtt ebe verschidden Zorte vun Integratioun, an deem musse mer och Rechnung droen.

An da wëll ech och soen, dass d'Integratioun en dynamesche Prozess ass. De Wee ass d'Zil, a mengen Aen. An dat ass zum Bei- spill eppes wat am Nationalitéite- gesetz, wat mer 2001 gestëmmt hunn, eigentlech net gekuckt ginn ass. Fir zu Lëtzebuerg Lëtzebuer- ger ze gi muss ee schonn e fäerde- ge Lëtzebuerger sinn, a mir kucken eigentlech net, dass et interessant ass fir ee Lëtzebuerger ginn ze loossen an en op déi Manéier och op de Wee vun enger méi déiwer Integratioun ze bréngen. Ech mengen, friem Leit déi bei eis liewe sollen encouragéiert ginn, sech an eiser Gesellschaft esou ze behue- len, dass hiert Liewe gutt ass an de Relatioune mat den Noperen, an de Relatioune mat dem Duerf oder dem Quartier wou se wunnen, an dem dagdeeglechen Émgank. Mä d'Integratioun ass net, mengen ech, alles opzegi wat een ass, wou een hierkënnt.

Ech mengen d'Beispill vun den Ita- liener kann een zu Lëtzebuerg ginn. D'Italiener zu Lëtzebuerg hunn hir Wuerzelen net opgi wéi se sech hei festgesat hunn, weder hir Relatioune mat der éischter Hee- mecht nach hir Sprooch, weder hir Kichen nach hiren Interessi fir d'ita- lienesch Kichen. Wat géife mer zu Lëtzebuerg ouni d'italienesch Kiche maachen?

#### (Interruptions diverses)

D'Mëschung, Här President, déi do erauskënnt, ass eppes méi wéi just d'Erhale vun enger Identitéit, mä et ass eben eng nei Etapp op dem Wee vun engem Vollek, vun enger Identitéit. An ofgesinn dovunner stellt d'Fro sech jo wat iwwerhaupt eng Identitéit ass. Dat ass jo näischt wat ee fir allemol figéiert ass. Eng Identitéit haut an enger Gesellschaft ass eppes aneschtens wéi viru 50 oder 100 Joer. Identitéit ass multiple an divers, an dofir musse mer oppassen, dass mer an där Diskussioun do net laanscht d'Realitéit ginn an dass mer net eng national Ideologie do fleegen, déi, a mengen Aen, esou wéi d'Welt haut ass, dépasséiert ass.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, de Bericht vum Här Glesener ass an där Hisicht am Fong geholl e bësse enk geréppt, well en d'Immigratiounspolitik haapt- sächlech a bal ausschliesslech op d'Besoinne vun der Ekonomie zen- tréiert. Dat ass enk geréppt soen ech, well et entsprécht net där Realitéit an där mer liewen.

Éischtens emol, dat ass jo kloer, dat ass jo och gesot ginn, dat wat mer hei zu Lëtzebuerg hunn, ass eng libre circulation des tra- vailleurs am Kader vun der Euro-

päescher Unioun. Bal 80% vun den Auslänner, déi zu Lëtzebuerg sinn, si Ressortissants communautaires, an dozou gehéieren natierlech d'Frontalieren. A wat d'Frontalieren ugeet, do muss ech soen, do war ech terribel erstaunt iwwer ver- schidde Formulatiounen, déi am Bericht vum Här Glesener sinn, well ech muss lech éierlech soen, ech considérieren, dass d'Fronta- liere fir Lëtzebuerg eng ganz grouss Chance sinn, well mir do e Réservoir d'emplois hunn, dee fäerdeg forméiert ass, déi brauch een net zu Lëtzebuerg ze logéie- ren, mä deen hu mer einfach virun der Dier,...

■ M. Jos Scheuer (LSAP).- Ouni Green Card!

■ M. Ben Fayot (LSAP).- ...an deene musse mer hei zu Lëtze- buerg keng Haiser oder Wunnenge bauen.

#### (Interruption)

A wann ech dann erëm eng Kéier am Bericht vum Här Glesener dat hei liesen: „L'intégration des tra- vailleurs frontaliers dans la société luxembourgeoise pose énormé- ment de difficultés.“ An nach wei- der: „Il s'ensuit que les frontaliers ne peuvent être utilement affectés par une future politique de l'immig- ration.“ An da gëtt natierlech drop higewisen, dass se ganz grouss Schwieregkeeten ervirbréngen, wat d'Circulatioun ugeet. Selbst- verständlech kenne mer alleguer- ten déi Problemer, déi mer op den Autobunnen hunn, déi awer dohier kommen, well mer net mat Zäit eng seriö Transportpolitik gemaach hunn, fir déi Leit heihinner ze brén- gen an déi, déi mam Zuch kom- men...

#### (Interruptions diverses)

■ M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Wann dat stëmmt!

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Wéi mengt Der, Här Glesener?

■ M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Jo, wann dat dote stëmmt, Här Fayot, wie war dann zoustänneg fir déi schlecht Trans- portpolitik während deene leschten 20 Joer?

#### (Interruptions diverses)

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir waart net an der Re- gierung! Dir sidd sait 20 Joer net méi an der Regierung.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wann een lech héiert, da mengt een, Dir wäert nach ni an der Regierung gewiescht. Haalt nëmmen op!

#### (Interruptions diverses)

Dir maacht wéi wann Dir nach ni dobäi gewiescht wiert. Dat ass for- midabel!

#### (Brouhaha général)

■ M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- ...Saachen, déi net stëmmen.

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir sidd fir näischt respon- sabel, nëmme fir déi gutt Saachen.

#### (Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Deen, deem eppes ze soen huet, dee ka sech jo aschreiwe loossen.

#### (Brouhaha général)

■ Une voix.- Den Här Grethen ass den éischten Transportminis- ter!

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Also ech ka mech erënnere, Här Glesener, dass déi viregt Regierung e Konzept virgeluecht hat, wat BTB heescht a wat et sollt fäerdeg brén- gen...

#### (Interruptions diverses)

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ma sécher!

#### (Interruptions)

■ M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Nach méi? Neen, dat hunn ech och net verstanen.

■ Une voix.- Dat ass dach fir ze laachen!

#### (Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Den Här Fayot wëllt gär weiderfueren. Ech géing lech bidden nozelauschte- ren, wat de Riedner seet.

■ Plusieurs voix.- Jo.

■ M. le Président.- Et muss een och kënnen nolauschteren an eng aner Opfaassung hunn, ech mengen dofir si mer hei, fir dann eng Resolutioun ze stëmmen. Abee, mir wësse jo net wat nach alles kënnt, de Vote huet jo eréischt ugefaangen an et ass jo keen hei, deem eng virgefaasste Meenung huet - huelen ech un.

#### (Brouhaha général)

Mir hunn alleguerde wëlles dat Bescht aus der Situatioun erausze- huelen an dofir appelléieren ech un Är Opmierksamkeet. Lauschtert dem Riedner no an da kënnt Der herno och Stellung huelen.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Ech wollt awer soen, dass déi viregt Re- gierung e Konzept virgeluecht hat, fir eben déi Leit, déi aus de Grenz- géigenden op Lëtzebuerg kom- men, mam öffentlechen Transport esou schnell wéi méiglech...

#### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dat do ass wierklech net nozelauschteren!

■ M. le Président.- Fänkt dach net erëm un!

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wann näischt do war, fir- wat hutt Der et da bekämpft, wann näischt do war? Dat ass awer wierklech de Clou! Dir hutt et bekämpft an et war näischt do?

#### (Interruptions diverses)

■ Une voix.- Eng Fata Morgana!

#### (Brouhaha général)

■ M. le Président.- Ech fan- nen, dass den Här Fayot hei kee provoziert huet. Hien huet hei éierlech an offe seng Meenung ge- sot an Dir sollt elo nolauschteren. Dat Gedeessesms do dertëschent bréngt jo näischt.

■ M. Jos Scheuer (LSAP).- Den Här Fayot huet e Steen an d'Waasser gehäit, hien huet dat bewosst gemaach.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Also, Här President, ech hunn elo opge- passt, ech sinn elo schonn zwou Minutte mat deem Incident am- gaangen an ech wäert jo hoffen, dass mer do large si bei menger Riedezäit.

■ M. le Président.- Dir kritt déi zwou Minutte bäigeschriwwen.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Ech wollt also soen, Här President, dass déi viregt Regierung, no laan- gen Etüden, e Konzept virgeluecht hat - dat war eng CSV-DP...

#### (Hilarité)

...entschëllegt, eng CSV-LSAP-Re- gierung -, fir d'Leit schnell vun hirem Lieu de domicile op hir Aar- bechtsplaz ze bréngen. Dëst Kon- zept ass virun de leschte Wahle vun der CSV an der Stad, dat wëll ech och rappeléieren, refuséiert ginn, zesumme mat der DP, an do- fir ass dat Konzept also net zum Droe komm, sou dass mer elo d'neff Joer duerno nach ëmmer näischt hunn an d'Leit, déi aus deene Grenzgéigende kommen,



sech an engem bondéierten Zuch elo musse fortbewegen oder an hirem Auto an de Stauen op den Autobunne stinn.

#### (Brouhaha général)

Mä wat mech am Fong geholl am meeschte frappéiert huet, Här President, un deenen Aussoe vum Bericht vum Här Glesener, dat ass, dass do déi Visioun vun der Grande Région komplett feelt. Well mir maachen zum Beispill 2007 Lëtzebuerg Capitale européenne de la culture, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä och an der Grande Région. Do sinn déi Leit dann net derbäi, dat heescht déi Integratioun vun där Dir schwätzt, Här President, vun där de Rapporteur schwätzt, déi fënnt wuel statt, mä si fënnt natierlech net exklusiv zu Lëtzebuerg statt, mä si fënnt um Niveau vun der Groussregioun statt. A wat soll dat Gespréich, wa mer hei iwwert d'Groussregioun schwätzen, wann dat net en Espace ass fir ze wunnen, fir ze liewen, fir ze schaffen, fir kulturell a politesch tätég ze sinn. An dat, muss ech éierlech soen, bedauren ech an där Manéier, wéi hei de Problem vun de Frontaliere considéiert gëtt.

Dann hu mer natierlech bei verschiddene Frontaliere probéiert - an dat ass glécklecherweis am Rapport erauskomm -, fir si duerch Résidenten ze ersetzen. Nach eng Kéier, ech weess net wéi mer dat géife maachen, wa mer kucke wéi schwéier, dass et ass, fir zu Lëtzebuerg eng Wunneng ze fannen, wéi deier d'Terraine sinn a wéi mer scho souwisou onst Land zersidelt hunn. Dofir fannen ech d'Utilisatioun oder den Emploi vun de Frontaliere fir Lëtzebuerg wierklech eppes Guddes. Selbstverständlech sinn ech mat all deenen d'accord, déi soen, dass déi Leit, déi hei bei ons schaffe kommen, sech am Émgank mat deenen Leit, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, eben upasse sollen a wa se da mateneen a Kontakt sinn an de Klinicken, a Guicheten an esou weider, se dann och Elementer vu Lëtzebuergesch solle léieren.

Iwwert d'Ressortissanté vun den neien États membres, iwwert dat, wat mer do maachen, hu mer de leschten Dënschdeg geschwat, dass mer do de fräie Verkéier vun den Aarbechtskräften während zwee, fënnf oder siwe Joren ënnerbannen, dat wäerte mer jo da mol nach gesinn. Ech hunn de leschten Dënschdeg gesot, dass et wichteg wier, dass mer do sou flexibel wéi méiglech sollte sinn, well et komme jo och muer Studenten, Stagiairen, Experten heihinner an et sinn och scho Leit aus deene Länner bei ons, wou ee sech kann d'Fro stellen ob een, wa mer den 1. Mee déi Länner opgeholl hunn, déi soll als illegal Aarbechter heemschécken oder ob een net soll en Effort maachen, fir déi zu Lëtzebuerg ze regulariséieren.

An deem Bericht, muss ech soen, gëtt sech och ganz staark erëm op déi Demandé vun de Beruffsverbänn: Horesca, Konstruktioun an esou weider vun 2001 beruff. Et war wierklech gutt gewiescht wann een déi e bësse relativéiert hätt, well wéi den Här Rapporteur gesot huet, ass natierlech d'Situatioun um Aarbechtsmaart 2004 eng ganz aner wéi 2001 an ech gleewe kaum, dass déi Demandé vun e puer 1.000 Leit, déi ons deemools gesot gi sinn an der Kommissioun, haut nach gëllen.

Ech hu schonn an dem Rapport vun der Universitéit an och vun de Chercheuren, déi bei ons kommen, dovun geschwat, an dat wëll ech ausdrécklech ënnersträichen a guttheeschen, an elo gëtt jo proposéiert, dass Studenten aus Drëttlänner, déi bei ons kommen, och dierfe schaffen, wa se wëllen hir Studien op déi Manéier bezuelen. Dat ass jo gang und gäbe ënner de Studenten an ech mengen dat solle mer och der Regierung mat op de Wee ginn.

Da muss ech awer och nach eng Kéier soen, dass mer all déi Auslänner, déi ausserhalb vun deem wirtschaftlechen Aspekt bei ons kommen, net dierfen aus den Ae verléieren. Ech hu vun de Réfugiéé geschwat an de Regroupement familial ass natierlech eng Konsequenz dovunner. An nach eng Kéier, déi Direktiv vun 2003 ass eng ganz reduktionistesche Direktiv an deem Sënn, dass se wierklech nëmmen e Minimum vu Regroupement familial erlaabt an d'Europaparlament - souwäit wéi ech weess - huet jo och géint déi Direktiv beim Geriichtshaff geklot.

Ech menge bei all deem, solle mer och ons Vergaangenheet um humanitäre Plang net vergiessen. Lëtzebuerg war ëmmer e Land, wat mat ganz vill Generositéit Leit opgeholl huet, ob dat an den 30er Jore war oder ob et och duerno Chilenen, vietnamesesch Boat-People an esou weider waren, an dat soll och weider zu Lëtzebuerg esou sinn.

Här President, e wichtigen Deel vun dem Rapport vum Här Glesener sinn eigentlech administrativ Mesuren. Dat heescht, wéi kann een den Accueil vun de Leit, déi bei ons kommen, verwalungsméisseg besser maachen. Ech ginn do net op den Detail an, mä eppes ass jo grouss an der Press erauskomm, dat ass dee sou genannte Secrétariat d'État aux Immigrés.

Ech muss lech soen, ech hunn eigentlech näischt dogéint, mä dat heescht awer net, dass wann een elo géif eng Stell weider maachen, dass dann d'Problemer geléist wieren. Mir hunn e bëssen d'Tendenz ze mengen, dass wann ee beim Stat iergendwéi en neie Büro géif organiséieren, dass dann d'Problemer an der Gesellschaft geléist wieren. Ech mengen, dat wier falsch. Ech hu gezielt, dass d'Froe vun der Immigration op siwe verschidde Ministeré verdeelt sinn. Kënn Der lech virstellen, Här President, wéi een et géif maache fir aus deene Ministeren alleguerten déi Kompetenzen erauszehuelen an zesummenzeleeën? Mir hu gëschter hei e Waasserwirtschaftsamt geschaffen. Dofir hu mer fënnf Joer gebraucht, oder esouguer nach méi laang, 15 oder 20.

#### (Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Ech wollt am Fong geholl kee provozéieren. Ech wollt nëmmen ee Beispill gi fir lech ze weise wéi schwéier, dass et ass fir d'Kompetenzen aus Ministeren erauszehuelen an zesummenzeleeën an eppes Neies ze maachen. Ech gesinn zwar intellektuell wat dohannert stécht, mä politesch hunn ech d'Impressioun, dass et extrem schwéier war fir esou eppes ze maachen an iwwregens seet jo den Här Rapporteur och, dass wann een dat net géif maachen, da misst een e Conseil supérieur schafen. Do sinn dann nach méi Leit dran an dat géif da vläicht nach besser goen.

An da gëtt och nach zum Beispill gesot, et misst een d'Gesetz vun 1993 evaluéieren an et misst een dann och de Commissariat aux Étrangers iwwerdenken. Also, ech mengen, déi verwalungstechnesch Approche ass och net ganz ausgegoren. Et ass wuel e bëssen e Slogan. Ech weess, dass vill ONGen dat virbruecht hunn, well se sech vläicht erwaarden doduerch der Verwaltung e bëssen e Kick ze ginn, mä ech mengen, dat ass just en Ufank an et misst ee wierklech och de politesche Wëllen hunn, fir déi Kompetenzen zesummenzeleeën.

Iwwert d'Gesetz vun 1972 steet am Fong geholl am Bericht just, an dat ass natierlech ze begreifen, dass déi Kritäre solle méi transparent ginn an dass se och sollen allgemeng bekannt sinn. Mä sécher ass, datt e Gesetz, wat méi wéi 30 Joer al ass, och verdéngt op de Leescht geholl ze ginn an do wier ech frou gewiescht, wann eng kloer Deklaratioun an dem Bericht vum Här Rapporteur gewiescht wier.

E weidere Punkt betrëfft den Accueil an d'praktesch Integratioun vun de Leit, déi bei eis kommen. Fir d'éischt emol de Regroupement familial. Ech hu scho vun där Direktiv geschwat vun 2003, déi ganz staark kritiséiert gëtt.

Dann e puer Wuert iwwert d'Lëtzebuergesch. Do muss ech soen, do gëtt et jo an deene leschte Joren enorm vill Deklaratiounen, wéi wichteg d'Lëtzebuergesch war, ugefaange beim Statsminister iwwer allméiglech politesch Entscheidungsträger an dat ass e bëssen, wéi ech gelies hunn an engem Avis vun enger ONG, obsessiounell. Well de Problem ass jo net, dass een net dofir war. Dat ass alles an der Rei. Et ass jo och gutt, dass ee soll Lëtzebuergesch léieren, mä parallell dozou gesäit d'Realitéit awer ganz anescht aus. Ech hunn nach elo virun e puer Deeg eng Fro un d'Madame Kulturministesch gestallt iwwert den Dictionnaire, dee soll gemaach ginn. Dir wësst, dass et e Conseil de la langue luxembourgeoise gëtt, deen 1999 agesat ginn ass an deen huet als Optrag éischters fir e puer Zorten Dictionnairen ze maachen. E soll e populäre Lëtzeburger Dictionnaire maachen. Absolut an der Rei, formidabel. Déi kommen einfach net domat virun, well se keng Mëttelen hunn, well se keng Leit hunn. Esou eng Recherche maacht Der net mat e puer Vacatairen oder e puer Studenten an der Vakanz. Dir musst deene Leit Mëttel ginn.

Dann eng zweet Saach, déi och ganz interessant ass. Et solle lëtzeburger-däitsch, lëtzeburger-franséisch, lëtzeburger-portugisesch Dictionnaire gemaach ginn, eppes ganz Schwéieres. Esou eng lexikographesch Aarbecht muss jorelaang vu Wëssenschaftler, vu Linguistén gemaach ginn. Déi Leit, déi sech domat ofginn, hunn alleguerte schonn d'Bengele bei d'Tromm gepucht, well se einfach keng Mëttelen hunn a well se net virukommen.

An et ass och drëttens dee groussen Dictionnaire vu véier Bänn, deen Der jo alleguerten doheem an Ärer Bibliothék hutt, esouwäit wéi ech dat weess, dee soll iwwerkuckt...

#### (Hilarité et interruptions diverses)

■ M. le Président.- Da loosst dach de Riedner schwätzen! E kënnt gär zum Schluss an Dir loosst en net!

■ M. Ben Fayot (LSAP).- ..., deen also och soll iwwerschaft ginn, an dofir brauch ee wierklech Mëttelen a Leit, déi dat als Spezialiste kënne maachen.

Dir wësst jo och, dass universitär Studien iwwert d'Lëtzebuergesch am Ausland gemaach ginn. Déi sinn zu Sheffield gemaach ginn, déi ginn zu Tréier gemaach an zu Bonn. Zu Lëtzebuerg komme mer vläicht emol nach eng Kéier drun.

Da gëtt ëmmer erëm geschwat dovun, mir misste spezifesch Lëtzeburger Enseignanté forméieren. Ech hunn haut an de Lieserbréier - déi muss ee jo ëmmer liesen - e ganz interessante Lieserbréif vun dräi Profresseren, Kollege vu mir fonnt, den Hären Doemer, Hurt a Groben, déi däitsch Bicher fir d'ënnescht Klasse vun dem Secondaire gemaach hunn, an déi ganz richtig doranner schreiwen, dass se och an deem Däitschen, wat se do enseignéieren, Lëtzebuergesch an enger kontrastiver Optik mat eranhuelen. An dat schéngt mir méi wichteg ze sinn, wéi spezifesch Lëtzeburger Enseignanten elo ze forméieren, fir de Sproochenenseignanten hei zu Lëtzebuerg an der kontrastiver Approche, ob dat Lëtzebuergesch, Franséisch oder Däitsch ass, pedagogesch Mëtte-

len ze ginn, fir de Sproochenenseignement ze maachen, souwuel am Lëtzebuergesch, wéi och an deenen anere Sproochen. Natierlech ass dat, ech ginn et gär zou, eng ganz spezialiséiert Diskussioun, mä si ass wichteg, fir mol iwwert déi Klischeeen erauszekommen, déi iwwert d'Lëtzebuergesch iwwerall dorëmmer gemaach ginn.

Also, Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV an der DP an déi Häre vun der Regierung, wann Der wierklech eppes fir d'Lëtzebuergesch wëllt maachen a mir wëllen dat alleguerten, keen ass hei dergéint, dass eppes fir d'Lëtzebuergesch soll gemaach ginn, da gitt deene Leit Mëttelen, da gitt deenen Experten Zäit a Suen, fir dass se déi Aarbecht kënne maachen, soss hale mer op dovunner ze schwätzen. Soss bréngt et näischt.

■ M. Jos Scheuer (LSAP).- Dat geschitt um Niveau vum Volontariat an dat ass falsch.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt nach just eppes soen iwwert den Accès zur Nationalitéit, déi Diskussioun iwwert d'duebel Nationalitéit. Ech erënnere mech nach ganz gutt wéi mer deen Débat hei haten iwwert d'Nationalitéitegesetz 2001. Deemools war bal jidderee vun der Majoritéit - et waren e puer Ausnahmen - fir d'duebel Nationalitéit, si hu se awer refuséiert, well do huet d'CSV zum Beispill gesot, mir hu keng Legitimation vun de Wieler. Dat war net an onsem Wahlprogramm. Mir sinn dofir net legitiméiert. Et kann ee soen, an hirem Wahlprogramm stong och näischt iwwer eng Uni Lëtzebuerg. Ech hu genee nogekuckt. Ech kann lech et soen. Si hunn awer eng Uni Lëtzebuerg gemaach. Bon, Klammer zou.

Elo, Här President, hu mer jo eng interessant Etüd vun deene belsche Profresseren, déi jo duerch d'Bank extrem positiv ass. Ech wëll elo hei net d'Konklusiounen dovunner opzielen, déi eng ganz Partie interessant a positiv Konklusiounen do zéit an ech wier wierklech frou gewiescht wann am Bericht vun dem Här Glesener e kloert an däitlech Bekenntnis zu där duebler Nationalitéit gewiescht war, well ech mengen nämlech éierlech, dass d'duebel Nationalitéit ganz vill Fonctiounen kann hunn.

Si kann dozou bäidroen, dass d'Leit och um politesche Liewen zu Lëtzebuerg deelhuelen, déi elo dovunner ausgeschloss sinn. Ech mengen, d'Wahle fir an d'Chamber. Et kann och dozou bäidroen, dass Leit, déi d'duebel Nationalitéit hunn, zu Lëtzebuerg wunne bleiwen, wa se mol eng Kéier an der Pensioun sinn, dass se doduerch méi staark u Lëtzebuerg gebonne ginn an dass se op déi Manéier eben dann och Lëtzeburger ginn, echt Lëtzeburger, wéi mer dat esou schéi soen. Ech bedauern, dass dat an deem Bericht net dran ass.

Här President, et war nach vill iwwert dee Sujet ze soen, ech kommen awer elo zum Schluss. Fir ofzeschleisse just fënnf Punkten:

- D'Immigration ass eng Noutwendegkeet fir Lëtzebuerg, fir seng Wirtschaft, fir seng Demographie, fir säi System vu sozialer Sécherheet, fir seng kulturell Diversitéit;

- Lëtzebuerg muss sech Instrumenter gi fir déi verschidden Aspekter vun der Immigration op eng offen an effikass Manéier ze léisen, ob dat Réfugiéé sinn, ob et Immigranten aus Drëtlänner sinn oder Leit aus der Europäescher Unioun, déi bei ons schaffen;

- Net nëmmen de Stat mä och d'Lëtzeburger Gesellschaft muss d'Integratioun vun Zouwanderer op villen Niveaue favoriséieren, an déi Integratioun selwer ass eng ganz villfältig Integratioun, et ass net à sens unique;

- Besonnesch um Plang vun de Sproochen a vun der Erzéiung, ob

dat déi éischt Erzéiung ass oder d'Erwuessenebildung, muss Lëtzebuerg e groussen Effort maachen um materiellen, um finanziellen an um Plang vun de Ressources humaines, fir iwwerhaapt deenen Uspréch ze genügen, déi d'Politik stellt;

- D'Immigration muss, Här President, roueg, sensibel an ouni nationalistesch Demagogie approachéiert ginn.

Ech soen lech merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

■ M. Alexandre Krieps (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mä Virriedner, den Här Fayot, huet e ganz groussen Tour gemaach iwwer vill Froen. En huet zimlech alles ernimmt, en huet just de Kachkéis vergiess.

#### (Interruptions)

Ech weess, ech gleewen dat.

“Mir wëlle bleiwe wat mir sinn”.

Ech gleewen, dass opgrond vun dëser Debatt den Owend déi Feststellung nach net hifälleg ass. Ech woen dat zumindest ze bezweifelen. D'Festung Europa füllt sech belagert. D'Festung Lëtzebuerg geréit a Panik an zitt de Kapp ënnert d'Decken, fir näischt matzekréien.

Migrationen ginn diskutéiert, wéi säit 15 Joer net méi, nom Fall vun der Berliner Mauer an dem Balkankrich, wou mir jo selwer an Europa en Deel Schold drun droen. Ech erënneren lech un de Saz: „It's Europe's hour”.

Nom Fall vun der Berliner Mauer ass ons en zweeten Ustuerm à la Dschingis Khan virausgesot ginn. Iwwer 20 Milliounen Leit aus dem Oste sollten d'Abendland innerhalb vu kierzester Zäit iwwerschwemmen, an et ass alles vun deem näischt komm. Déi gesteiert Immigration tëschent den EU-Länner wéckelt sech ouni gréisser Problemer of a si ass gréisstendeels ofhängeg vum Aarbechtsmaart. Oft bleiwen d'Immigranten eng zimlech kuerz Zäit hei - an engem Mënscheliwe sinn 30 bis 40 Joer kuerz - a ginn dann an hir Länner zrëck.

Gewéinlech si se hei zu Lëtzebuerg zumindest net ganz ongefride. Si si fläisseg an hunn onst Ländche gär, well si eng Verwaltung virfannen, déi effikass ass, eng relativ gutt Pai, gutt sozial Versécherungen an eng gutt Krankenversuergung.

E Problem, an e grouse Problem, an deen dierfe mer net verkennen, un deem zu engem Deel onse Stat schold ass, dat ass d'Aschoulung vun den Immigrantekanner iwwert déi lescht 30 Joer, well de Stat d'Gemengen do am Ree stoe gelooss huet. De Xavier Bettel wäert herno dorobber agoen.

An de leschte Jore koumen d'Immigrante vu vill méi wäit hier, aus verschiddene Kultur- a Reliounskeesser. Dobäi bemierken ech och, dass mir mat de Schwäizer an Europa dat Land sinn, dat ni eng Kolonie hat. Dat ass opfalend. Vläch hunn dofir d'Leit Beréierungsängscht. Zu Lëtzebuerg hu mir op kee Fall bis elo eng Tradition vu Xenophobie gehat. Ech erënneren drun, dass iwwer 120.000 Lëtzeburger vun deenen 276.000 friemt Blut an hiren Odere fléissen hunn.

D'Demokratesch Parteioun an hir Membere vun der Partei dobause ware ganz verwonnert iwwer en Artikel d'lescht Woch an enger erziberaler Wochenzäitschrëft, wéi se genannt gëtt, wou déi keck Behauptung opgestallt ginn ass, ons Partei hätt keen Interessi um Immigrationsproblem, well mir wäeren net op der Table ronde op der Television vertruede gewiescht. Ech muss do mat Bedauern am Numm



vun onser Partei soen, dass mir guer net invitéiert waren, wat natierlech verwonnerlech ass, wann een iwwer 24% vun de Wielerstëmmen kritt huet.

#### (Interruption)

Ech sinn do zimlech zouversichtlech, Här Huss.

#### (Interruption)

Mat RTL a mat deene 24%.

D'Migratioun ginn an onsem Land dausende Joren zréck. Dëst geet net nëmmen aus der Archäologie an den Iwwerliwwerungen ervir, mä och d'genesesch Ofdréck vun deene Migrante si bliwwen. Ee vun onse Migrantekanner, de Professer Di Cato aus dem Centre Hospitalier huet dat bewisen: d'Béta-thalassémie laanscht d'Musel. Dat ware gewéinlech keng Fangerofdréck, an d'Légionnaire vu Roum waren zugläch Besetzer an ons éischt Frontalieren, wéi se laanscht d'Musel vu Metz op Tréier getréppelt sinn an zréck. Iwwer 20 Besatzungsperioden an onsem Land hunn zu der Immigratioun bäigedroen.

Ech géif natierlech net esou wäit goen, Här President, wéi ee vun onsen distinguéierten Historiker, dee virun zwee, dräi Joer gefuerdert huet, dass onst Land sech entschëllege sollt - wéi dat den Här Fayot virdru gesot huet - vis-à-vis vun der italienescher Communautéit an deenen Immigrante fir déi Period no 1929. Ech mengen, dat féiert ons e bësse wäit. Ech hu géigendelege Meenunge vun Italiener, déi vu Lëtzeburger Noperen 1931 zu Péiteng an der Haaptstrooss gehollef kritt hunn. An et waren esou wéineg Italiener Rescht bliwwen zu Péiteng 1931, dass, wéi eng Damm gedeelt ginn ass, de Paschtouer Pâtter an d'Hiefamm Giedel war. De Papp huet an der Galerie geschafft. Dat krut ech net méi spéit wéi gëschter gesot. Déi ganz Famill huet sech zu enger vun de Success-stories vun der italienescher Immigratioun zu Lëtzebuerg entwéckelt, wéi et där vill ginn. Ech wëll lech nëmmen drun erënneren. Ech kënnt lech där Beispiller méi wéi eent hei bréngen.

#### (Interruption)

Jo, vun de Portugisen. Dee Problem kenne mer och.

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).**- Do wär munches ze soen.

■ **M. Alexandre Krieps (DP).**- Schreift lech an, da kommt Der et herno soen.

Ee Problem, dee mer natierlech hunn, ass dee vun den Illegalen an de politeschen Asylanten, mä dat ass e Problem, dee fir ganz Europa gëllt an do wäerten och nëmmen europäesch Léisungen déi Problematik an de Grëff kréien. Den Här Fayot huet ernimmt d'Konventioun vun Dublin, de Sommet zu Laeken am Dezember 2001, Tampere 1999. Europa kënnt effektiv an deene Problemer net schnell genuch virun an ëmmer méi Länner huelen dann eegen Initiativen.

Ech verweisen op d'hollännesch Initiativen, wou elo d'Immigranten och d'Sprooch musse léieren, heiansdo schonn an hire Länner ier se do fortginn. D'Abiergerungs-coursen, vun deenen ëmmer geschwat gëtt, mussen erfollegräich ofgeschloss ginn. D'Käschte mussen um Individu gedroe ginn a ginn nëmmen zum Deel zréckbezuelt, wann déi Leit déi Coursé bestanen hunn. Den Alter, wou d'Immigrante sech bestuede kënnen, deen ass eropgesat gi vun 18 op 21 Joer. D'Familljenzesummeleung gëtt conditionnéiert op e Mindestrevenu, deen d'Leit hunn: 120% vum hollännesche Mindestloun. Och mussen déi Interesséiert Steiere bezuelen. Dat sinn also ganz schaarf Mesuren, déi do agefouert ginn. Ech wäert se net bewäerten, mä op alle Fall dat stellt e Problem.

D'Fransousen hunn am leschte Joer dräi déck Rapportage publi-

zéiert an hir Reglementer a Gesetzer verschäerft. De Gros vun hiren Illegalen bleift am Land, nodeem se mat engem Touristevisa erakomm sinn. Mä a Frankräich - mir reegen ons hei op wann d'lescht Joer 1.500 Asylanten en Antrag gestallt hunn - huet déi Zuel sech an de leschte fënnef Joer vervéierfacht. 99% vun hiren Demandé gi refuséiert. An Däitschland sinn et iwwer 90%. Am Frankräich hu se d'Regroupements familiaux limitéiert op fënnef Joer an da mussen déi Familljen hir Integratioun beweisen. Dat ass alles guer net einfach.

D'Mariages de complaisance gi verfollegt. D'Paternitéitsupréch gi verfollegt. Mariagen am Ausland, wou ee vun de Conjointë Fransous ass, mussen iwwer diplomatesch Circuiten ofgewéckelt ginn. Do si vill Bestëmmungen. Si wëllen - dat ass vläicht eng gutt Iddi - e «Contrat d'accueil et d'intégration» mat Rechter a Flichten aféieren, wou se d'Scolarisation, d'Formation professionnelle, d'Ve assosiativ, d'Participatioun definéieren. Dat ass natierlech net einfach. E bësse schued awer noutwendeg sinn déi biometresch Identifikationsmesuren, déi agefouert ginn, Eurodac, fir déi multipel Demanden a verschiddene Länner oder Fälschungen ze ënnerbannen. D'Fransousen hunn eng gutt Iddi: Si féieren en Débat annuel iwwert dee Problem vun der Immigration an. Dat ass och eppes wat eist Parlament iwwerhuele kënnt, wou een dann den Ist-Zoustand duergeleucht krit.

An da wollt ech och de Minister froen, dass en eis vläicht e puer Explikatiounen gëtt wat da virgeholl gëtt géint déi modern Schlepper, déi Négrieren. Déi Asylante gi jo regelrecht heihinner geféiert. Och wollt ech froe wéi vill Réckféierungsdécisiounen geholl gi sinn an net ausgefouert gi sinn, wéi eng Mesuren an der Législatioun virgeholl ginn, fir eben deene Gesetzer aus de fréie 70er Joren ënnert dem Eugène Schaus e Facelifting ze ginn, well d'Situatioun effektiv net méi déi nämlecht ass wéi virun 30 Joer. An ech erënneren lech all drun, dass deemools 1972 déi Gesetzgebung geholl ginn ass, well d'portugisesch Regierung sech deemools net un d'Ofmaachunge gehalen huet, wéi si ugefaangen hunn ze dekoloniséieren am Angola, am Mosambik. Déi Leit, déi e laange Verhalt hunn, kënne sech un dat erënneren.

Aner Mesurë muss een natierlech och ergräife fir déi mannerjäreg Immigranten iergendwéi kontrolléiert ze kréien. Dat ass och en europawäite Problem, dat ass kee Lëtzeburger Problem. An dann och wéi eng Mesurë geholl gi fir déi Prozeduren ze accélérieren. Eist Ländchen hätt och Intérêt fir d'Capacité d'accueil ze definéieren. Ech perséinlech hunn déi Iddi net gären, dass mer Hale baue ginn. Ech géif erwaarden, dass mer déi Leit dezent logéiere kënnten. Mir wëllen also vläicht e multikulturelle Stat, mä mir wëllen doudsécher kee Multi-Minoritéitsstat wéi mer dat momentan gesi sech entwéckelen an zimlech ganz Europa.

Zur duebeler Nationalitéit wollt ech ee Punkt maachen. Mir mussen als Lëtzebuerg, all politesch Parteien, mengen ech, an dësem Haus esou eng Iddi ënnerstëtzen. Dat huet mat der Integratioun guer näischt ze dinn. Dat huet awer mat der Participatioun um öffentleche Liewen doudsécher eppes ze dinn. An dat kann nëmme geholl ginn op réciproque Basis mat europäesche Länner, dat heescht EU-Länner, an enger éischer Phas. An d'Réciprocitéit muss spillen.

Ech hu geschwat vun der Scolari-satioun vun den Immigrantekanner. Do muss wierklech Drock dorobber geluecht ginn, dass déi verbessert gëtt. An dann ass dee faméisen Transfert vu Kompetenzen. D'Demokratesch Partei huet guer näischt dergéint, dass e Statsssekretariat sech dorëmmer bekëm-

mert. Mir gleewen zwar net, dass déi Kompetenze solle verdeelt ginn un de Commissariat à l'immigration oder u soss ONGen oder A.s.b.l.en, well ech gleewen, dass d'Steuerung vun der Immigrationspolitik doudsécher vum Stat muss virgeholl ginn, vun der gewieltener Regierung a vun der Chamber, egal wéi karitativ oder engagéiert déi ONGen an A.s.b.l.e kënne sinn. Dass se e konsultative Rôle hunn, do kënne mer domadder liewen, mä dass si dat steieren, do si mer dergéint. An d'Demokratesch Fraktioun hat an huet a wäert ëmmer eng legalistesche Approche hunn, a mir gleewen, dass een am Problem vun der Immigration hannert de gesetzleche Virlage stoe soll.

D'Vollek dobausse freet sech natierlech och oft, an heiansdo mat Recht, firwat mir Leit zréckféiere mat hire Kanner, déi jorelaang hei am Land waren, wougéint mer op där anerer Säit der eng ganz Rei eraloossen. Dat ass also e Problem, en humanen a soziale Problem, dee schwéier ze bekäppen ass dobaussen, a mir géife gutt drun doe fir de Leit dat ze erklären, a mir géifen och vläicht gutt drun doen, déi gesetzlech Virlagen ze änneren.

Mir wëssen, dass eis Regierung Efforté mécht fir mat belschen an hollännesche Regierungsorganisationen Réckféierungen ze maachen. Mir hätten och gären, dass déi Projeten, nodeem dass déi Leit réckgefuert gi sinn, weider ënnerstëtzt ginn. Mir froen, dass europawäit Verdeelungsquote kommen, Schlüsselen, beim Ophuele vun deene Réfugiéen an och vläicht beim Zréckféieren, an da wäre mer frou wa mer e Wuert gesot krite iwwert dat wat mer d'lescht Woch an der Press gelies hunn, dass déi albanesch Regierung refuséiert d'Leit zréckzehuelen. Do wollt ech de Minister och froe wat eis Drockmëttel do sinn, an da wéi wäit et ass mat den Applikatiounen vun den Direktiven, net nëmmen déi vun dem Regroupement familial, mä och vun där vun der Protection temporaire mat engem Droit de travail, déi vun 2001.

Et geet also net duer, an den Här Fayot huet dat och gesot, dass een eng statesch Oplëschung vun de Problemer mécht, mir mussen hei en dynamesche Suivi kréien an da kucken, fir do, wou de Schong eis am meeschten dréckt, vläicht och d'Gesetzer ze änneren. Wat de Rapport ugeet, do félicitéieren ech d'ailleurs dem Marcel Glesener, well deen huet iwwer zwee Joer mat vill Engagement dee Rapport do versicht zesummenzekréien. Et ass ëmmer einfach alles ze kritiséieren, mä en huet en Effort gemaach. Här Scheuer, Dir braucht net ze laachen, well dat ass...

■ **M. Jos Scheuer (LSAP).**- Är Formuléierungen, déi sinn immens!

■ **M. Alexandre Krieps (DP).**- Neen, déi si ganz gutt. Well hie verdéngt och, dass een hien dofir lueft.

#### (Interruptions diverses)

Mä op alle Fall. Wat mer net an der Kommissioun gekuckt hunn, dat ass wat den Impakt vun der Immigration ass. Mir hu gekuckt wat en op d'Ekonomie wär, mä dat ass en zweeschneidegen Deel, well wa mir och nach Spezialisten an d'Ausland, haaptsächlech an Drëttlänner siche ginn, erreeche mir doduerch och eng Veraarmung vun deene Länner, an et ass ganz einfach: Wa se heihinner eis Eltere versuerge kommen oder d'Drecksaarbecht maache kommen, schécke mer se duerno erëm heem.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).**- Oh, oh!

■ **M. Alexandre Krieps (DP).**- Jo, esou ass et, Här Jaerling. D'Transferte vun de Suen an déi Länner spillen natierlech och e Rôle, well déi leien anscheinend annerhalleft oder bis zweemol méi héich wéi déi offiziell Kooperatioun. D'Demographie hu mer och net analyséiert am Detail, an et wär eng Iddi an der Uni Lëtzebuerg, do gi jo esou vill Chairen elo gemaach, och eng iwwert d'Demographie anzeféieren, well mir hunn trotz alle familljepolitesche Mesurë réckleefeg Gebuertenzuele säit dräi Joer. 500 Kanner manner si gebuer ginn d'lescht Joer wéi virun dräi Joer. An et ass och bewisen, dass d'Immigration net nécessairement d'Populatioun op Dauer méi jonk mécht. Mä op alle Fall, dat sinn alles Saachen, déi misste mer am A behalen.

D'Demokratesch Partei wäert natierlech net zouloossen, dass duerch iergendeng Scharia, eng Loi religieuse oder esou, de Rôle vun der Fra an eiser Gesellschaft ëm Jorhonnerten zréckgedréint gëtt. Do wäerte mer och insistéieren. Souguer eis franséisch Kollege schwätzen an hiren offizielle Rapporte ganz vill vun den Ausnahme vun der Polygamie; déi gëtt erausgeholl. Ech mengen dat sinn alles Saachen, déi musse mer am A behalen. Mir insistéieren also drop, dass eist Vollek opgekläert gëtt, fir dass et eng propper Prise de conscience erreeche kann a fir déi klischeehaft Virbehalter ofzebauen.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Damen an Dir Hären, déi Kommissioun iwwert d'Immigration, déi den honorablen Här Marcel Glesener présidiéiert huet, ass geschafte ginn an engem Abléck wou hei am Land ganz vill geschwat ginn ass iwwert de 700.000-Awunner-Stat a wou eis Wirtschaft nach boomt huet, wou mer Croissance vum PIB hate vu 6 an 8%, an haut gesi mer, datt d'Donnéeën, ënnert deene mer sollen hei diskutéieren, ganz aneschtens sinn, an et ass och gutt, dass mer déi zwou Facette vum Problem gesinn, well et ass kloer, datt Immigration a Wirtschaft ganz no beienaner leien.

Ech bedauern, datt am Objet vum Rapport eng Problematik erausbliwwen ass, dat ass déi Problematik vun den Asylanten, well dobaussen am Public ganz evidenterweis de Problem vun Immigration, vun Awanderung an dee vun den Asylante ganz oft an en Zesammenhang gesat gëtt. Ech hunn och verstanen, woufir d'CSV an d'DP dat net wëllen, well se just ëmmer do ganz vill der Kritik ausgesat sinn.

Dat wat ech wëll ervirsträichen, dat ass, datt historesch gesi Lëtzebuerg ëmmer positiv zur Immigration stoung an datt d'Immigration, déi mer kannt hunn, der Ekonomie ugepasst war, si war kontrolléiert, sozial encadréiert an dofir och réusséiert. Ech wëll nëmmen ee Beispill ginn heibannen an eise Haus, dat ass dat vum Fraktiounskolleg, dem honorablen Här Jean Colombero. Hie war viru fënnef Joer, e puer Méint ier d'Date li-mite fir den Dépôt vun de Lëschte fir d'Chamberkandidature war, do war hien nach Italiener, an hien ass direkt drop, zwee Méint méi spéit, an d'Chamber gewielt ginn.

D'Geforen entstinn, wann d'Immigration net kontrolléiert gëtt, net encadréiert gëtt, da besti Gefore vu sozialem Dumping, onlauterem Wettbewer, Chômage a Kriminalitéit. Dofir associéiert d'öffentlech Meenung oft Immigration mat Chômage a Kriminalitéit.

Dee Kontext, an deem mir d'Awanderungspolitik gesinn, deen ass wichtig och um Niveau vun der Demographie, a mir hu se och belicht an dem Kader vun der Kommunikatioun vum 3.6.2003 vun der Europäescher Kommissioun, wou se geschwat huet iwwert d'Tendenz vun der Diminutioun vun der europäescher Populatioun, déi am arbeitsfähigen Alter ass.

D'Europäesch Kommissioun stellt d'Fro: Ass d'Immigration déi eenzeg Léisung, fir der demographescher Entwécklung entgéintzewirken? Se seet: „Maintenir le niveau de la population en âge de travailler et plus encore le taux de dépendance des personnes âgées impliquerait une augmentation massive de l'immigration jusqu'en 2050. (...) Tout boom de l'immigration au cours des prochaines décennies produirait des problèmes démographiques à retardement et amplifierait considérablement le défi de l'intégration.“

Mä d'Noutwendegkeet vun der Immigration ass evident. Mä wat fir eng Awanderung? Wann een d'Donnéeë kuckt, déi ons de Statistec ginn huet, da menge si, dass d'Populatioun 2050 tëschent 600.000 an 700.000 Leit hei am Land wär. Mä et muss een elo scho feststellen, och aus deenen Donnéeën, déi mir kritt hunn, dass iwwer 38% vun de Leit, déi hei am Land liewen, Net-Lëtzeburger sinn an an der Stad Lëtzebuerg souguer 58%. Mir gesinn och, dass bei de Joergäng 0-4 Joer 51% Lëtzeburger sinn an 49% Net-Lëtzeburger, vun deene mir awer wëssen, dass héchstwahrscheinlech e groussen Deel wäert herno mat 18 Joer fir d'lëtzebuergesch Nationalitéit optéieren.

An der aktiver Bevölkerung awer - an et ass déi, déi mir musse kucken -, do gesäit een, dass 2/3 vun de Leit, déi hei schaffen net Lëtzeburger sinn an och erëm 1/3 Lëtzeburger. Do ass den Défi, do ass d'Erausfuerderung, déi op eist Land duerkennt. Fir dass Lëtzebuerg kompetitiv bleift, fir dass mer onse Wuelfand behalen a mir als Land iwwerliewen, musse mer kucken, fir ons deem Défi ze stellen.

Ech wëll elo opzielen, wat fir eng Méiglechkeeten et do gëtt: D'Produktivitéit duerch Éducatioun an Investitiounen fördern, Immigration aus der Europäescher Unioun an ausserhalb vun der Europäescher Unioun, de Réckgrëff op Frontalieren, den Taux de l'emploi vun de Fraen héijen, oder encouragéieren, dass d'Leit méi laang am Aarbechtsprozess bleiwen. An et gëtt de Faktor vun der Natalitéit. Et ass kloer, dass een net kann eenen-eenelne Faktor als dee Punkt gesinn, dee muss gefördert ginn, an deen d'Léisung zu allem géif bréngen, mä et muss e Mix vun deem Ganze ginn.

Wat d'Immigration ugeet, muss ee se natierlech och gesinn am Zesammenhang mat der Ekonomie, dem Aarbechtsmaart an dem Chômage. An do gesäit een, wann een e bëssen an déi Nopeschlänner geet, dass ëmmer méi notament an Däitschland an an England, fir elo déi zwee Länner ze nennen, festgestallt gëtt, dass et u Qualifikatiounen notament beim diploméierten a beim qualifizéierte Personal feelt, an dass dofir musse gréng Kaarten an Ähnlechtes ausgeschafft ginn.

Dann ass oft an der Diskussioun: Wat bréngt d'Immigration, ob se elo aus der EU kënnt oder vun ausserhalb der EU? Ginn doduerjer Aarbechtsplazen ofgeschafft, oder si se complémentaire dozou? Et ass kloer, dass dat eng Beonrouegung ass bei ville Leit, an et muss ee ganz kloer soen, dass et eng Substitutioun gëtt, dass d'Immigration positiv ass, wann et eng legal a kontrolléiert Immigration ass, a wann déi illegal Immigration bekämpft gëtt. Pardon, et ass eng komplemetar. Wann et eng Substitutioun ass, dann ass et esou, wann d'Immigration onkon-



trolléiert ass an illegal Immigratioun Tromp ass.

Lëtzebuerg grad wéi Europa, dierf keng Festung sinn, géint nei Leit, déi wëllen hei an d'Land schaffen kommen, well soss de Risiko besteet vun enger zukünftiger Pénurie vu Kompetenzen. Nach muss een dat awer am A behalen, dass mer net deen Acquis social, dee mir hunn, a Fro stellen, doduerjer dass een allméiglech Praktike géing ënnerstëtzen, déi d'ganz Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg an an Europa géingen a Fro stellen.

Am europäesche Kontext op de sukzessive Sommerte vun Amsterdam, Tampere a Sevilla gouf décidéiert, sech bis Enn 2003 op eng gemeinsam Immigratiouns- an Asylpolitik ze eenegen. Déi aner Länner hunn gehandelt, well et bleift jo an de Kompetenze vun der nationaler Regierung, mä Lëtzebuerg net.

Ee Punkt, dee muss diskutéiert ginn, ass och dee vun den Universitëtsstudenten, déi elo op eis nei Uni solle kommen. 5.000 Studente si virgesinn, dovunner 2.000 bis 2.500 Studenten, déi aus der EU sinn oder net aus der EU. D'grouss Majoritéit vun deene Studente wäert an der Stad, um Lampertsbiërg oder um Kierchbiërg, an zu Walfer sinn. An do ass bien entendu och een Integratiounsproblem, dee sech stellt, well mir musse kucken, dass mer déi Studenten hei zu Lëtzebuerg logéiert kréien, an do muss ech bedauern, dass bis elo vun der Regierung aus net ganz vill Konkretes um Dësch läit.

An de Propositione vun der Kommissioun, déi d'Majoritéit also ugeholl huet, do ass een Ablack vun Travail à temps partiel Rieds gaangen, fir déi auslännesch Studenten aus Net-EU-Länner. Wann dat esou ze verstoen ass, dass dat fir Studentenjoben ass, da géing ech emol soe jo, mä wann dat awer ass, fir en neie Wee opzemaachen, fir laanscht déi legal Immigratioun ze kommen, ech mengen da wär et e kloert Neen. An ech bedauern e bëssen, dass an der Motioun, déi ech kuerz konnt nokucken, e gudde Deel vun de Propositionen, déi d'Kommissioun virbruecht huet, iwwerhaapt net zréckbehalen gi sinn, esou dass ech unhuelen, dass d'Regierung also och net wëllt weider op déi Propositionen am Detail agoen.

Da wéi ugekënnegt huet och de Problem vun den Demandeurs d'asile an dës Debatt gehéiert. Mir bedauern, dass dat net ugepaakt ginn ass, well et dobaussen an der Bevölkerung awer staark diskutéiert gëtt. An do muss een, wann een dem Eurostat gleewe kann, feststellen, dass Lëtzebuerg pro dausend Awunner am Joer 2003 dat Land an Europa ass, wat un zweeter Plaz steet, wou déi meeschten Asylanter hikommen. All Schaffdag gi sechs bis siwen Asylanter hei zu Lëtzebuerg virstelleg, 95% vun hinnen - Här Justizminister, Dir hat déi Zuel esou genannt! - sinn net berechtigt, mä sinn also illegal Immigranten.

Zwee bis dräi Joer dauert et bis den Dossier duerch d'Instanzen ass. Am Ufank war e Problem bei de Gerichter, elo ass et e Problem am Ministère. Do geschitt näischt. Den Délai d'instruction läit elo bei engem Joer, an dat ass, wou d'Regierung déi falsch Politik mécht a wou et vläicht gutt wär, wann de Justizminister géing mam Budgetminister schwätzen, fir e bëssleche méi Leit eriwwe ze kréien, och vläicht vun aneren Administratiounen, fir där Aarbecht do Meeschter ze ginn a fir e rasonnablen Délai auszeschaffen.

Wa mer e Problem vun Asylanter hunn, vu Leit déi zwee, dräi Joer hei bleiwen, a wou dann den Här Justizminister mueres fréi um sechs Auer se aus de Better geheie geet, fir se heem ze leeden, dann ass et just nëmmen, well mir dee Problem falsch ugepaakt hunn, well d'Regierung de Problem falsch ugepaakt huet, vun Ufank

un. Et ass esou, dass se muss kucken, dass se bei den Demanden, déi erakommen, séier agéiert, fir dass innerhalv vun dräi oder vu véier Méint déi Leit eng definitiv Antwort hunn op hiren Dossier. Et ass inadmissibel, wa Leit hei mussen zwee, dräi Joer op eng Décisioun waarden, dann hu se sech deelweis schonn hei integréiert, an et ass jo och verständlech, dass deen Ablack dobaussen an der Bevölkerung Oprou opkënnt. Mä et huet een heiansdo d'Impressioun, dass den Här Justizminister dat doten express mécht, fir et esou ze maachen, fir deen Ablack hinzegeen an ze soen: Gesitt Der, ech hunn eppes gemaach, ech hunn esou vill Leit an e Fliger gesat a se erëm heemgeféiert.

#### **(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)**

Mä d'Aarbecht, déi sollt gemaach ginn, déi ass net gemaach ginn, weder vum CSV-Justizminister nach vun der Familljeministesch vun der CSV. Do läit nämlech den Iertum, dat hätt misse gemaach ginn, an ech bedauern, dass hei de Problem vun der Regierung falsch ugepaakt ginn ass.

Wat een och muss festhalen, Här President, Dir Dammen an Dir Härren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass...

#### **(Interruptions diverses)**

..., dass mer elo héieren hunn, dass d'Regierung wëlles huet, well se de Problem net Meeschter gëtt um Niveau vun de Prozeduren a vun der Aarbecht, eng Aarbecht wou anscheinend souguer a Violatioun vun der UNO-Konventioun iwwert d'Refugiéien op eng Kéier aacht Deeg de Büro zou war, dass een do muss higoen an déi Problematik ugoe fir d'Délaie méi kuerz ze maachen an deenen d'Demande-d'asile analyséiert ginn a wou d'Jugementer kënnen higoen. An do brauch een net wäit ze goen. Déi Positioun, déi mir hei verteidigen, baséiert op der Proposition de directive vun der Commission européenne iwwert d'Normes minimales en matière vun Immigration an Asyl. Ech mengen dorüberhin hu mir ons fir eis Attitüd baséiert, a mir hunn och gesinn, dass a Frankräich an an Däitschland esou Mesurë geholl gi sinn, notament a Frankräich nach kierzlech, fir ze kucke fir déi Délaie ganz rapide ze kréien, well et net an der Rei ass fir d'Délaien esou laang erauszezogere, well een d'Aarbecht net Meeschter gëtt. Do ass déi falsch Politik gemaach ginn.

D'Familljeministesch huet elo, an den, ech mengen, Här Justizminister, Dir hat et souguer och gesot: Et ass elo envisagéiert fir e grousst Heim ze schafen hei am Land, wou déi Leit géingen opgeholl ginn. Ech froe just nëmmen: Wou hutt Der schonn eng Antwort vun enger Gemeng kritt?

#### **(Interruptions diverses)**

Dofir soen ech, ech wëll de Problem opwerfen, ob eng Gemeng deen Dénge kritt huet. Dat dote war schonn alles annoncéiert...

■ M. Marcel Glesener (CSV), *rapporteur*.- D'Demande ass gëschter komm!

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Bei lech ass se vläicht ukomm, ech weess et awer net. Also et ass awer am Public scho länger Zäit, mä peu importe, dat ass jo elo net den Haaptgrond vun der...

#### **(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)**

■ M. Marcel Glesener (CSV), *rapporteur*.- Här President, den Här Henckes stellt hei Behauptungen op, dat ass ganz schlëmm! Hien ënnerstellt dem Justizminister hei Saachen, wou emol en Net-Jurist net géif drun denke fir se ze soen! Här Henckes, ëm Gottes wëlle bleift dach bei der Wouerecht an ënnerstellt dem Här Justizminister dach net Aktiounen, déi e mat Sé-

cherheet net mécht, dat geet jo net!

An zweetens géif ech och de President bieden, den Här Spautz, dem Här Henckes matzedeele, dass mer hei net iwwer Asylpolitik diskutéieren, a scho guer net an deem dote Sënn, a scho guer net mat deem doten Hannergedanken, mä hei schwätze mer iwwer Immigratiounspolitik. Hei schwätze mer drëm mat welleche Reforme mer et fäerdeg bréngen, fir dass dausende vu Mënschen, déi hei liewen, wunnen a schaffen, d'Méiglechkeet kréien, sech anstänneg an dezent an eis Gesellschaft anzefügen. An et ass schlëmm, dass dësen Débat benotzt gëtt fir populistesch Propaganda ze maachen, populistesch Ennerstellungen ze maachen fir e Minister ze diskreditéieren en vue vun de Wahlen! Dat ass engem Politiker senger net würdeg!

■ M. le Président.- Dat stëmmt. Här Henckes, ech muss soen, et ass e bësse staarken Tubak fir dem Minister hei ënnerzeschieben, e géif absichtlech Prozeduren an d'Längt zéien. Dat ass jo béiswëleg! Dat kann een dach net einfach esou hei soen. Dat ass dach onerhéiert! Dat ass dach ënert der Gürtellinn!

Här Bettendorf!

■ M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, ech erlabe mer just eng Bemierkung ze maachen op Grond vum Här Henckes sengen Aussoen. En huet eis hei ugeruff oder ugeschwat mat „léif Kolleeginnen a Kolleegen“. Ech muss lech éierlech soen, ech verzichten op deen Titel „Kolleeg“, wann esou Ausféierungen hei gemaach ginn!

■ Une voix.- Ech och!

■ M. le Président.- Loosst eis zréck zum Thema kommen.

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech hat virduen der Sprächer vun der sozialistescher Partei héieren, deen och gesot huet, dass de Problem vun Asyl normalerweis hei an dës Debatt gehéiert, a fir ons gehéiert en dozou, well et ass eng Aart a Weis fir eng Immigratioun ze féieren...

■ M. le Président.- Här Henckes, leet net den Ordre du jour fest.

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- ...an dat wat mir dem Här Justizminister virwerfen, dat ass dass en déi lescht Jore permanent gesot huet, dass en alles géing maache fir d'Délaien ze verkierzen. Ech kënnt lech hei eng hallef Dosen där Antworten, där Aussoe vum Här Justizminister soen, a mir hunn en all Kéiers dran ënnerstëtzt, wann en dat dote gemaach huet. All Kéiers hu mer him gesot: Här Justizminister, mir stinn hannerun lech, well et net mënschlech ass. Mä ech muss awer feststellen, dass véier an een halleft Joer duerno dat awer net gemaach ginn ass!

■ Une voix.- Dir sot: En huet et absichtlech net gemaach, dat ass d'Nuance!

■ M. le Président.- Dat ass jo béiswëleg! En hätt et absichtlech net gemaach! Dat ass jo onerhéiert dat do!

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech huelen net un, dass den Här Justizminister, deen e gudde Jurist ass, an da seng Leit, déi ganz vill Connaissancen hunn am Domän vun der Immigratioun, dass déi net à même wieren, fir eng vun de Propositione vun der europäescher Direktiv ze iwwerhuelen, déi zum Beispill doranner besteet, fir den zweeten Degré de juridiction ofzeschaffen.

Et ass zum Beispill eng aner Saach wou ech och mengen, dass ee kann d'Délaien awer raccourcéieren, dat ass dass d'Instruction administrative an zwee Méint kann iwwert d'Bühn sinn, an net an engem Joer. Ech mengen dat ass awer dat wat ze maachen ass, dat ass dat wat richteg dobaussen och ëmfonnt gëtt a souguer vun den Asylanter gefrot gëtt. An alle Länner.

Ech brauch hei nëmmen dat ze liese wat d'Europäesch Kommissioun zu där Saach seet: Accélériert d'Prozeduren! Ech brauch nëmmen ze kucke wat déi däitsch Regierung seet: Mir accélérieren d'Prozedur. Déi franséisch Regierung seet: Mir accélérieren d'Prozedur, a si maachen eppes dofir. Zu Lëtzebuerg muss ech feststellen, dass mer een Ablack am Mëtelpeloton waren an dass mer elo vir sinn. An et ass verständlech, dass doduerjer Problemer entstinn, an ech fannen et net gutt, dass elo munech Problemer sollen op d'Gemengen ofgewälzt ginn. D'Regierung ass gefuerdert gewiescht an de leschte Joren, fir hir Aarbecht ze maachen. Ech muss feststellen, dass dat net gemaach ginn ass. Point, à la ligne!

Da muss een och kucken, wéi een d'Immigratioun an Zukunft besser encadréiert an der Wirtschaft besser upasse kann. Mir mengen zum Beispill wat d'Immigration saisonnière ugeet, si mir fir eng besser Régulatioun, doduerjer dass pluriannuel Kontrakter en fonction vun de Besoine vun de Betriber vun der Wirtschaft gemaach ginn a se net all Joers mussen erneiert ginn, mat engem Aller-retour an hiert Heemechtsland, esou wéi dat Frankräich an Däitschland gemaach hunn.

Da muss ee kucken, dass mer iwwert déi legal Immigratioun an déi permanent Immigratioun, déi mer wëlle favoriséieren, well mer se op muneche Gebitter brauchen, do wär et gutt wann de Wirtschafts- a Sozialrot zum Beispill all dräi Joer der Regierung an der Chamber géing Avisen zoukomme loosse an deenen e sech géing ausschätzen iwwert dat wat d'Wirtschaft brauch, iwwert déi Aarbechtsplazen, déi zur Verfügung stinn, iwwert déi Modalitéiten, déi musse respektéiert ginn, fir d'Integratioun ze favoriséieren, a wat fir eng Schwieregkeete misste behuewe ginn, fir déi Immigratioun ze encadréieren.

Well et muss ee kloer soen, dass et Problemer gëtt. Ech erënnere mech un déi Debatt, déi mer en Dëschdeg haten iwwert d'EU-Erweiderung, do huet d'Regierung sech engagéiert fir e Gesetz ze déposéieren, wou mer géingen eng Période transitoire vun zwee Joer virgesinn. Ech mengen, dat ass och noutwendeg, well mer do gesinn, dass an allen aneren europäesche Länner esou Période-transitoirë virgesi sinn, a wa mir et net maachen, kréie mer e Problem. An et muss een elo scho gesinn, dass bei enger Soumissioun, déi gemaach ginn ass am Kader vun der Nordstrooss, fir de Bau vun engem Tunnel, d'Regierung selwer eng Soumissioun écartéiere wollt, wou ee gesinn huet, dass Leit e polnesche Sous-traitant wollten hunn, an dee polnesche Sous-traitant huet du gemierkt, dat ee vun de Soumissionnairen eng Milliard méi bëlleger war, wéi iergendeen anere Soumissionnaire aus der EU.

Dat si konkret Donnéeën, an dofir muss ee kucken, dass ee verschidden Ännerungen erbafeiert. Dat eent ass e Renforcement vun der Inspection du Travail et des Mines, an eng Verbesserung vun dem Marchés-publics-Gesetz op deem Punkt. Mir haten dat ugemahnt, mä et ass leider net geschitt.

Mir mengen och, dass d'Regierung muss den Akzent weider verstärken am Kampf géint d'Schwarzarbeit, an am Kampf géint déi sou genannte Schleiserbanden, wat am juristesche Jargon eng Association de malfaiteurs en vue de

la traite de l'être humain ass. Ech mengen, et ass noutwendeg, dass mer do um nationale Plang méi aktiv ginn an dass mer och versichen um europäesche Plang nei Weeër ze goen.

Mir sinn als ADR fir eng Immigratioun, déi kontrolléiert ass, déi onser Wirtschaft entsprécht, an déi de Gesetzter, déi mir hei am Land hunn, entsprécht. Mir mussen och kucken, wéi mer kënnen den Immigranten, déi an onst Land kommen, hëllef fir sech hei ze instaléieren, an och d'Konditiounen festleeën, an deene se sech zu Lëtzebuerg installéiere sollen.

D'Spillregele vun eiser Konstitutioun, déi verfassungsrechtlech Prinzipien, déi hei festgeluecht ginn, musse respektéiert ginn, a bien entendu ass et och wichteg, dass d'Lëtzeburger Sprooch als Integratiounsfaktor hinnen zur Verfügung gestallt gëtt, dass se déi Méiglechkeet gesinn. Mir si mat all deenen Ausféierungen d'accord, déi d'Kommissioun an och de Rapporteur-President virdu gesot hunn, dass mer musse kucke fir de Leit, déi op Lëtzebuerg schaffen kommen, d'Lëtzeburger Sprooch méi no ze bréngen, mä mir gesinn direkt wou de Problem läit.

Ee vun de Problemer ass deen, dass mer net genuch Enseignanté vum Lëtzeburger gesinn hunn, esou dass d'Waardezäit, fir iwwerhaapt kënnen a Lëtzeburgergesch-Coursen ze goen, ganz laang ass. Dofir proposéiere mer, dass d'Regierung eng Proposition vun eis soll iwwerhuelen, fir en DVD interaktiv ze schafen, wou een d'Sprooch kann interaktiv léieren, an dat och nach am Zesummenhank mat enger Liaison um Internet, wou och periodesch Kontakter kënnen gemaach ginn. Dat bréngt vill Leit méi séier dozou, fir d'Lëtzeburger Sprooch ze léieren.

Dann ass et och kloer, dass et wichteg ass fir d'Integratioun ze réusséieren, well se léisst sech net dekréieren. Si baséiert op engem individuelle Prozess vun engem Immigrant, op sengem perséinleche Wëllen, fir sech an ons Gesellschaft ze integréieren a fir ons Sprooch ze léieren. Et kann ee kee forcéieren. E muss selwer zu deem Wee fannen.

Mir mengen, dass an der Educatioun d'Akzenter musse geluecht ginn op d'Lëtzeburgergesch als Kommunikatiounssprooch, a bien entendu, dass mer solle bei den Erweessene verschidden nei Weeër goen, fir de Leit esou séier wéi méiglech an esou vill wéi méiglech d'Méiglechkeet ze ginn, fir ons Sprooch ze léieren.

Dann ee Wuert zu der duebler Nationalitéit. Ech hu gemierkt, dass d'CSV ganz oft Saachen iwwerhëlt vun anere Parteien. Dat war virdu bei der Uni Lëtzebuerg de Fall. Den Här Fayot huet dat gesot. Mir hunn et gesi bei der Mammerent. Do wor et esou, dass mer als eenzeg Partei dat am Programm hatten. Mir wore frou, dass d'CSV dat elo iwwerholl huet a mat ënnerstëtzt huet, mä et muss een awer och soen, dass dee Sinneswandel vun der CSV um Gebitt vun der duebler Nationalitéit zimlech erstaunlech ass, wann ee gesinn huet, dass nach viru kuerzem zu enger Proposition de loi vun der honorabeler Madame Wagener en Avis totalement négatif komm ass.

#### **(Interruptions diverses)**

Elo gëtt als Argument virgestallt, dass op eng Kéier de Professer Delpérée elo dee wier, dee mat sengem ganz importante Bericht d'CSV dozou bruecht hätt, fir op deen neie Wee ze goen.

■ M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Ech hunn als Parteipresident virun iwwer engem Joer um Kongress d'äitlech zur duebler Nationalitéit geschwat, aner Leit an der CSV och.



M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*). - A virdu war Der dogéint! Mä ech hunn och d'Impressioun, datt wann ee vun duebler Nationalitéit schwätzt, hei déi eenzel Parteien awer eppes anescht drënner verstinn. An et wär gutt, wann een emol eng Kéier géif driwwer diskutieren, well ech hunn d'Impressioun, déi eng plädéieren dofir, datt een d'Lëtzebuerger Nationalitéit ka kréien, ouni Lëtzebuergesch ze léieren a missen ze kennen, an datt et deen Ablack also zu Lëtzebuerg zwou Zorte vu Lëtzebuerger géing ginn, déi Lëtzebuerger zweeter Klass, déi just nuren dierfe mat stëmme goen, an de Lëtzebuerger éischter Klass, deen och daärf an d'Fonction publique goen, well do gëtt jo nach ëmmer behaapt, an dat huet een hei aus alle méigleche Riede konnten héieren, an och an Aussoen an och an der Résolution vun der Kommissioun, wou gesot gëtt dat muss op jidde Fall bestoe bleiwen.

M. Lucien Weiler (*CSV*). - Här President, daärf ech dem Här Henckes eng Fro stellen?

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*). - Selbstverständlech, wann dat net ugerechent gëtt als Riedezäit.

M. Lucien Weiler (*CSV*). - Här President, ech versti jo, datt den Här Henckes hei gare polemiséiert iwwert d'duebel Nationalitéit. Ech wëll e just froen, wéi en dann an deem Kontext, well dat gehéiert dozou, erkläert, wann de President vum ADR seet, ech wëll, datt Auslänner kënnen an d'Lëtzebuerger Parlament kommen, ech wëll, datt Auslänner kënnen Minister hei am Land ginn, vläicht kann en de Wee erklären, wéi dat soll goen.

#### (Brouhaha général)

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*). - Ech kann lech dat ganz gutt soen. Et gëtt e ganz gutt Beispill. Den Här Colombero ass dat beschte Beispill wéi mir dat verstinn.

Et ass also ganz kloer, datt mer heiansdo d'Impressioun hunn, datt bei Verschiddenen d'duebel Nationalitéit awer net wëllt heeschen zweemol Wahlrecht, kënnen an zwou verschiddenenen Administrations publiques virstelleg ze ginn. Et mussen Accorden négociéiert gi mat anere Länner, datt et herno en fait keng duebel Nationalitéit ass, mä eng Nationalité principale mat enger Nationalité subsidiaire.

#### (Interruptions diverses)

Ech mengen, datt nach munches zur Diskussioun wäert stoen.

Eng aner Saach, déi interessant ass, dat ass wann d'Regierung ons géif e Chiffer soen, wat d'Immigrationspolitik d'Land budgetär kascht. Do gesäit een, datt dat mat verschidde Ministären ze dinn huet. Et ass onméiglech fir do en Total erauszefannen. Duerfir schonn eleng déi aner Proposition, déi festgehalen ginn ass fir dat Ganzt ze regruppéieren, a vläicht de Secrétariat d'État oder soss iergenddeppes ze schafen, wou déi ganz Immigrations- an Asylpolitik regruppéiert wieren. Dat géing op jidde Fall och emol um budgetäre Plang méi Kloecheit schafen a vläicht méi Effikassitéit an dat Ganzt bréngen. An de Fait, datt esou eppes virgeschloe gëtt, ass jo och eng implicite Kritik un dëser Regierung, well se et net fäerdeg bréngt, déi puer Ministären zesummeschaffen ze dinn.

Dann, Här Minister, Dir wësst, datt dobaussen, an déi Televisiounsdebatt, déi d'leschte Kéier war, huet jo och bewisen, datt de Buergermeeschter vu Wolz gesot huet, et wier um Niveau Kriminalitéit kee Problem. Dat mengen awer d'Leit vläicht net grad onbedéngt esou do uewen, dat gëtt vläicht anescht emfonnt, an et wier dofir wichteg, Här Minister, wann Der ons kënnt hei e puer Données statistiques

ginn, esou wéi Der se kennt, fir ze kucken, ob do eppes drun ass, ob d'Proportionen vun de Leit, déi wéinst kriminellen Dote veruerteelt ginn, bei den Asylanten a bei den Net-EU-Bierger méi héich ass wéi dee Prozentsaz, dee se hei zu Lëtzebuerg representéieren. Dat Wichtegst bei esou Froen ass, datt Transparenz herrscht. An da geet et och. Da kann ee mat Fakten diskutieren a mat Fakten operéieren. A mir bedauern, datt op dësem Gebitt d'Regierung keng Transparenz bis elo virgewisen huet.

Et war gutt, datt mer dës Debatt haten, mä ech géing awer och soen, datt ech léiwer a mir léiwer gehat hätten, wann dat dote gemaach gi wär virun engem Joer. Mir sinn net als ADR responsabel derfir, datt véier Méint virun de Wahlen d'CSV, nodeems se ee Joer laang den Dossier am Tirang leien hat, elo op eng Kéier dës Debatt hei provoziert.

#### (Interruptions diverses)

Ech wëll soen, datt dat net gutt ass. Mir bedauern dat. Ech mierken eppes, datt vun der CSV d'Wourecht net gär gehéiert gëtt.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Den Här President vun der Kommissioun a Rapporteur huet d'Wuert.

M. Marcel Glesener (*CSV*), *rapporteur*. - Här President, ech schwätzen elo net als Member vun der CSV mä als President vun där Kommissioun.

Et ass falsch, wat den Här Henckes hei seet. Et ass net richtig. Et ass eng Ligen, wann e behaapt, datt mer deen Dossier ee Joer am Tirang leien haten, ier mer deen Débat hei organiséiert hunn. All Member vun der Kommissioun weess, datt dat net stëmmt.

Mir hate Métt vum leschte Joer, nach virun der grousser Vakanz, Hearingen hei organiséiert, well mir konnten dach net dee Rapport presentéieren ouni ofgeschloss ze hunn an déi jonk Leit, déi mer heihinner invitéiert haten, viru Faits accomplis setzen. Mir hunn nach am Juli diskutéiert a Form vun Hearingen a probéiert iwwert déi Summerméint dee Rapport ze maachen.

Mat Sécherheet hätt ech och léiwer gehat, mir hätten dee Rapport schonn zwee Méint méi fréi kënnen an der Kommissioun zur Diskussioun stellen, et war dat awer aus zäitleche Grënn net méiglech, Här Henckes, mä mat Sécherheet ass et net richtig, an ech géif lech bieten dat och zrëckzehuelen, datt mer bewosst während engem Joer den Dossier am Tirang leie gelooss hunn. Dat ass eng Gemengheet, eng Frechheet, och un d'Adress vun all deenen anere Memberen aus der Kommissioun.

M. Gast Gibéryen (*ADR*). - Et ass eng Tatsaach.

M. Marcel Glesener (*CSV*), *rapporteur*. - Et ass keng Tatsaach.

M. le Président. - Den Här Justizminister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*. - Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech hat net wëlles de Mëtten an dëser Debatt zur Asylpolitik ze schwätzen, well gesot gi war, et wär eng Debatt iwwert d'Immigratioun a virun allem déi legal Immigratioun.

Déi Aussoen, déi den Här Henckes elo grad gemaach huet a virun allem déi extrem grave Ennerstellungen, wou e gesot huet, ech géing als Justizminister derfir suergen, dass d'Prozeduren extra laang wäeren, fir dann herno kënnen mat grousssem Opwand Réckféierungen ze maachen, dat ass alles einfach inacceptabel a gehéiert am Fong net an eng parlamentaresch Diskussioun. Ech hunn och dofir

den Här Henckes net ennerbrach, géing awer just gären e puer klärend Wierder dozou soen.

Déi Prozedur, déi am Kontext vum Asyl besteet, ass eng komplizéiert Prozedur, déi mer versichen op europäeschem Plang ze harmoniséieren, wat mer bis haut net fäerdeg bruecht hunn, well do brauch een Unanimitéit, an et ass d'Unanimitéit, déi eis bis haut empêchéiert huet, datt mer en Text kréie mat enger richtig harmoniséierter Prozedur. Déi Prozedur, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, an där hir éischt Etapp ass, dass de Justizminister entscheet, an da gëtt et zwee Recoursé virun dem Verwaltungsgericht, respektiv der Cour administrative. Et dauert eng gewëssen Zäit.

Mir haten am Bureau d'accueil des réfugiés, wéi ech komm sinn, véier Leit schaffen. Et sinn elo 17 Leit do. Och hu mer déi éischt Prozedur substanzéiert reduzéiert kritt. Si geet an der leschter Zäit erëm e bësse méi erop duerch e ganz kloer Phénomène, nämlech deen, datt Leit aus méi Ursprungsänner kommen. 1999 hate mer 30 Ursprungsänner. Elo hu mer Leit aus 60 Ursprungsänner, wat d'Komplexitéit vun den Dossier méi grouss mécht a wat selbstverständlech méi Zäit an Usproch hält.

Mä och d'Prozedur virun de Gerichter, déi duerno kënn an trotz enger Opstockung vun dem Verwaltungsgericht ënnert dëser Legislaturperiod - mir hunn also eppes gemaach, Här Henckes, esouwuel am Büro wéi um Geriicht - dauert d'Gerichtsprozedur nach eng Kéier e Joer, well och do eng ganz Rei Rechter sinn, déi vun den Asylbewerber an hiren Affekoten all Kéiers voll ausgenotzt ginn. Wat och hiert Recht ass, mä wat awer zu enger Prozedur féiert, déi am Ganze méi laang ass wéi Dir mengt, well och an der éischter Etapp, an ech kommen zrëck op déi Prozedur am Büro, muss ee fir d'éischt emol d'Identitéit vun de Leit erausfannen. Dat ass eng Aarbecht, déi d'Police an deem Büro mécht. Dat ass extrem komplizéiert bei ganz villen Asylbewerber. Et soll een also net maachen, wéi wann ee kënnt eng Prozedur an e puer Deeg iwwert d'Bühn hunn.

Weider muss mer kucken, well dat hätt Dir och ëmmer gären, ob déi Leit net an engem anere Land an enger Asylprozedur sinn no der Dubliner Konventioun. Ass dat de Fall, muss mer eng Demande un dat Land maachen, fir ze kucken, ob dat Land deen zrëckhält. Dat dauert am Regelfall - et hänkt net vun eis of mä vun den Nopeschlänner - och erëm eng Kéier zwee, dräi Méint. An da geet déi Prozedur le cas échéant bei eis weider. Ech soen lech, et ass e bësse méi komplizéiert wéi dat ugeholl gëtt a kengesweegs suerge mir derfir, datt et soll extra laang daueren.

An dann den zweete Punkt. Et ass - an dat hunn ech schonn d'lescht Woch gesot, ech soen et dann hei nach eng Kéier - nëmmen zum Deel e Problem vun der Längt vun der Prozedur, well wann d'Prozedur ofgeschloss ass, ass de gréisste Problem dee vun Retour vun deene Leit, Retour, deen an enger éischter Phas soll ee fräiwëllege Retour sinn, deen awer oft net e fräiwëllege Retour ass, wat da mat sech ziit, datt d'Regierung muss am Ursprungsland, an der Heemecht vun där Persoun, déi noutwendeg Autorisatioun kréien, wat en äusserst schwieerege Problem ass, fir de Retour forcé ze exekutéieren, wat mat sech gezunn huet, datt mer dat musse maachen a Momenter wou sech déi ganz Famill, déi soll zrëckgeféiert ginn, ob enger Plaz zesummefféint. Dofir och déi Zäiten, déi d'Police bei verschiddene Situatiounen ugewannt huet.

Dat ass iwwregens keen typesch Lëtzebuergesch Problem. Wann Der vläicht gekuckt hutt, wat fir eng Debatt dës Woch am hollännesche Parlament stattfënn: D'hollännesch Regierung huet 26.000 Leit déi se wëllt ausweisen. Asylbewerber, déi déboutéiert gi sinn. Mir hu Gott sei Dank vill manner grouss Zuelen, mä an der Zuel, déi mer hunn, si ganz oft Leit, déi scho längst an der Prozedur fäerdeg sinn, an dofir soen ech, et ass net e Problem nëmme vun der Prozedur, déi mer souwiesou wëllen opgrond vun den europäeschen Diskussiounen kierzen - dat hunn ech schonn annoncéiert -, mä et ass och largeement e Problem um Enn vun der Prozedur, well et net nëmme an eisen Hänn läit, fir dat ze exekutéieren.

Mir hunn d'lescht Joer 900 Leit ausgewisen. Dat waren der vill méi wéi déi Jore virun. Et bleift e ganz grouse Problem. Et geet ëm Mënschen, et geet jo net ëm Saachen. Dofir ass et duebel komplex, fir déi Froen do ze diskutieren, an ech géing just bieten, datt wa mer se diskutieren - et war net de Mëtten den Objet vun der Diskussioun -, datt mer se opgrond vun alle Fakten a mat allen Elementer diskutieren, an net mat einfache Solutionen operéieren, déi zwar gutt kléngen an d'Leit och vläicht acceptéieren. Dofir wollt ech, fir den Débat ze compléetieren, soe wou d'Schwieregkeeten an der Prozedur sinn, mä och wou d'Schwieregkeeten no der Prozedur sinn.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Den Här Henckes freet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (*ADR*). - Här President, Dir erlaabt mer sécher heirop ze reagieren. Dat wat ech hei gesot hunn, baséiert op engem Dokument vun der Europäescher Unioun iwwert d'Prozeduren an d'Aart a Weis wéi d'Prozedure kënnen vereinfacht ginn.

Et ass méiglech, datt et net an aacht Deeg iwwert d'Bühn geet. Däers si mer ons bewosst, mä mir schwätzen awer elo méi wéi véier Joer iwwert de Problem a mir ginn en net meeschter. Et ass dat, wat ech reprochéieren.

Ech mengen de politesche Wëllen, d'Deklaratiounen, d'Problemer, déi den Här Justizminister relevéiert huet, déi sinn zënter véier Joer bekannt. Dat Eenzezt wat ass, dat ass, datt een d'Mesuren net ergräift, fir datt dat sech verbessert. Dat ass et, wou et drëm geet.

An ech wëll nëmme drun erënnere, datt mer eng Violatioun vun enger europäescher Konventioun gemaach hunn, der UNO-Konventioun iwwert d'Refugiéien, wéi mer de Büro vun de Réfugiéien zouge-maach hu pour excès de travail. Dee war aacht Deeg zou an d'Regierung huet sech missen entschëllege goe fir dat, wat do geschitt ass. Mä dat ass, well déi néideg Mëttelen net zur Verfügung stinn. Méi wëll ech hei net soen.

M. le Président. - Dir kënnt dem Minister awer net virwerfen, hie géing absichtlech d'Saach an d'Längt zeien. Dat ass dat, wat de Schwéierpunkt ass an dat huet näischt mat der Konventioun ze dinn.

M. Gast Gibéryen (*ADR*). - Här President, ech wëll do agräifen.

Mir verbidden eis, datt aner Leit eis virschreiwen, wat mir hei soen. Wann de Jacques-Yves Henckes dat am Numm vun eise Grupp gesot huet, da war dat d'Meenung vun eise Grupp. Ech wëll dat ennersträichen. Mir loosse eis net virschreiwe vun iergendwéi engem, wat mir heibannen daärfen soen.

Den Här Minister Frieden huet d'lescht d'Joer op der Televisioun selwer gesot, datt e viru véier Joer

eng Initiativ ergraff hätt, fir d'Prozedur ze accélérieren, an datt déi um Instanzewee iergendwéi net virukomm wär. Also sinn déi politesch Responsabel, an dësem Fall de Justizminister, gefuerdert. A wa se während véier Joer net déi néideg Moosnamen ergraff hunn, datt d'Prozedur sollt méi séier goen, da muss se sech och hei de Virwurf gefale loosse, dass se hir Aarbecht net gemaach hunn.

M. le Président. - Här Gibéryen, et ass keen, deen lech virschreift, wat Der sollt soen, mä et gëtt en Éierekodex och an der Politik. Och an der Virwahlzäit daärf et hei net ënnert d'Gürtellinie goen.

#### (Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. Gast Gibéryen (*ADR*). - Et war net ënnert der Gürtellinie.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*). - Merci, Här President. Wéi mer virun enger Woch den Débat an der Kommissioun ofgeschloss hunn, deen d'Diskussioun vun haut virbereet huet, do huet e Kolleg aus der DP zu mir gesot, an dat mat engem llicht ironeschen Ennertoun: Da kënnen mer jo elo endlech iwwert d'Zukunft schwätzen. Et war dat am Stil: Elo kritt Der déi Zukunftsdebatt, déi Der ëmmer gär gehat hätt.

Ech hu mer dunn d'Fro gestallt, ob et wierklech Leit gëtt, déi mengen, dass d'Thema vum Dësch ass, just well d'Chômagezuelen haut aner si wéi am Joer 2001. Mir Gréng hunn ëmmer, Här President, virun der Angschtzuel 700.000 gewarnt, mä mir hunn awer och ëmmer gesot, dass mer eis haut och scho musse mat der Gestioum vun Zesummeliwwen zu Lëtzebuerg befaassen, an dass d'Bevölkerungs-zuel an deenen nächste Joren a Jorzéngte wäert uwuessen, dass dat eigentlech eng Evidenz ass. D'Problematik, Dir Damen an Dir Hären, bleibt déiselwecht, ob mer muer oder iwwermuer 500.000, 600.000 oder 700.000 Leit zu Lëtzebuerg hunn, mir mussen eis mat deem Zesummeliwwen befaassen a mir mussen Instrumenter entwéckele fir dat Zesummeliwwen gutt ze organisieren.

Déi Diskussioun awer ass bäcléiert ginn, an do muss ech och deene Virriedner bäiflichten, déi Kritik un der Aart a Weis geübt hu wéi d'Diskussionen an der Spezialkommissioun Immigration gefouert gi sinn. Ech muss soen, dass et am Ufank eigentlech ganz gutt Usätz gi sinn, dass mer eng Rei vun interessanten Entrevuen haten an Débats gefouert hunn, mä dass awer relativ schnell eng, ech géif emol soen, autistesche Haltung vun de Majoritéitsparteien hei daitlech ginn ass, an déi Aart a Weis wéi scho virun engem Joer den Zwëscherapparat gestëmmt ginn ass, wou mir selwer als Gréng iwwer 20 Amendementer bruecht hunn, dat seet jo och schonn eppes doriwwer aus, wat mer vun deem Zwëscherapparat gehalten hunn. D'Aart a Weis wéi deen deemools scho gestëmmt ginn ass, déi huet schonn drop higedeit wéi dass et géif virgoen, an ech hat wierklech an deene leschte Wochen d'Gefill, dass hei just nach eng Flichtübung mat engem Joer Verspéidung géif duerchgezu ginn.

Ech wäert dofir, Här President, och net allze vill Wierder zum Rapport selwer verléieren, deem seng Ausrichtung eis insgesamt relativ dou-teuse erschéngt a wou ech och meng Kriticken an der Kommissioun zum Deel ausgedréckt hunn, a wou ech mech natierlech awer och un der Form gestéiert hu wéi den Débat do gefouert oder net méi gefouert ginn ass. Ech wëll just zwee Beispiller vu menger Kritik hei eraushiewen, déi awer eng ganz fundamental Ausrichtung hunn.



Dat Éischt ass: Wann ee sech de Rapport ukuckt, wéi mat deenen Zilgruppe vun der Integratiounspolitik ëmgaange gëtt, wéi déi gesi gi vun de Majoritéitsparteien. Mir hunn do dräi Komponenten: d'Frontalieren, d'Leit déi aus der EU kommen an hei residéieren an d'Leit déi aus de Pays tiers kommen. Ech bréngen lech hei dräi Zitate zu deenen dräi Zilgruppen. Fir d'éischt d'Frontalieren. Zitat: „Ils échappent à tout effort politique visant l'intégration.“ Dann d'EU-Leit. Zitat: „Ils pourraient faire partie des programmes d'intégration proposés, même si des mesures contraignantes ne sont pas possibles à leur égard.“ An dann déi drëtt Kategorie, d'Leit déi aus de Pays tiers kommen: „La presque totalité des suggestions énoncées dans ce rapport concerne les ressortissants des pays tiers.“ Dat heescht also, Dir Dammen an Dir Hären, dass d'Majoritéit an der Kommissioun meengt, dass just déi lescht Kategorie am Fong kënnt déi Zilgrupp si wou ee wirklech kënnt eng Integratiounspolitik maachen.

Ech hu mech emol fir d'éischt mat den Zuele befaasst fir emol ze gesi wéi een Deel vun der schaffender Bevölkerung, well hei si jo d'Frontalieren och mat derbäi, dann eigentlech iwwerhaapt nach Sujet vun enger Integratiounspolitik zu Lëtzebuerg kënnt sinn, wann dat doten esou géif ëmgesat ginn. Iwwerens hat ech do immens vill Problemer, well obwuel jiddereen ongeféier e Meter Dokumentatioun zu deem Dossier hei kritt huet, wann ee sech mat den Zuelen e bësse befaasst huet, dann huet ee gesinn, dass verschidde Lacunen do waren, zum Beispill déi, dass et guer net evident ass erauszefannen, wéi vill vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg residéieren, dann eigentlech elo EU-Leit sinn, a wéi vill Leit net aus der EU sinn. An déi rezente Prozentsätz, déi ech do fonnt hunn, déi sinn ëmmerhi scho vun 1997, also net méi grad ganz aktuell, ech wëll lech se awer trotzdem net virenthalen.

Do ass et iwwert d'Salariée gaangen, an et ass festgehalen ginn, dass d'Lëtzeburger quasi 42% deemools vun de Salariaen ausgemacht hunn, d'Immigréen aus der Unioun 25% an d'Immigréen, déi net aus der Unioun waren, 2,7%, d'Frontalieren dogéint 30,2%. Mir wëssen, dass déi haut nach méi héich leien, esou dass d'Partéi vun deenen anere wahrscheinlech nach erofgaange sinn. Wann ech dat verbanne mat deem wat ech virun opgeworf hunn, wann d'Kommissioun seet, dass een am Fong just mat de Leit, déi net aus der EU kommen, kënnt eng konkret Integratiounspolitik maachen, jo da si mer bei allerhéchstens 3% vun der Bevölkerung. Dat ass a mengem Ae schonn eleng statistesch gesinn e bëssen eng Absurditéit.

A vläicht e puer Wuert dann och direkt zu de Frontalieren, well dat och ëmmer erëm am Rapport ugeklungen ass, dass do keng Integratiounsefforte méiglech wäeren. Et ass sécherlech méi schwierig fir mat de Frontalieren e Kontakt hierzestellen. Et ass eng aner Kategorie Leit, déi vläicht net esou, oder ganz sécher net esou present am Lëtzeburger Liewe si wéi déi aner net Lëtzeburger Leit déi hei Résidenté sinn, mä et ass awer trotzdem eng Kategorie, déi een net einfach sollt negligéieren. Et ass ganz sécherlech eng Kategorie vu Leit, déi gutt organiséiert sinn. Wann Der op déi verschidden Internetsäit kucke gitt, da gesitt Der, dass déi Leit sech haaptsächlech ganz vill Gedanken ëm hiert Schaffen zu Lëtzebuerg maachen, mä awer och ëm alles wat do ronderëm dréint, ëm ganz konkret Problemer, mä awer och ëm méi gesellschaftlech Problemer. Dat ass vläicht eng Kategorie vu Leit, déi méi kritesch ass a méi volatil well se vun engem Dag op deen anere kënnen decidéieren, dass et enzwousch aneschtens vläicht besser schaffen ass an dass se dann hir Aarbechtsplaz zu Lëtzebuerg erëm

verloossen. Mä op alle Fall schéngt et mir, dass et falsch wär ze mengen, do wär keen Dialog méiglech.

E Beispill ass iwwerens do d'Representatioun vun de Frontalieren um Niveau vun de Chambres professionnelles. Sécherlech ass do nach villes ze maachen, mä et ass awer eng Fro wou déi Leit sech och domadder ausenaner setzen. Ech konnt zum Beispill op deem Internetsite liesen, dass déi Leit oft Problemer hunn engersäits eise Wahlsystem ze verstoen, anerersäits awer och ze gesi wat déi eenzel Kandidaten a Kandidatinne verrieden. Do sinn eng ganz Rei vu regen Debatte ronderëm gefouert ginn.

Dat just fir lech ze weisen, dass et also net grad esou ass, wéi et am Rapport duergestallt gëtt, an ech hu mer e bëssen d'Méi gemaach fir emol ze kucke wat dann an anere Grenzregiounen vu Mesurë geholl gi fir dat Zesummeliwwen tëschent Frontalieren a Résidenten ze gestalten. An do hunn ech da gesinn, dass un der Grenz tëschent Frankräich an der Schwäiz et eng Maison transfrontalière européenne gëtt. Mir hu jo hei zu Lëtzebuerg mëttlerweil och esou en Haus vun der Groussregioun. Abee, déi Maison transfrontalière tëschent Frankräich an der Schwäiz déi geet e gudder Krack méi wäit wéi mir bis elo gaange sinn, déi këmmert sech ëm Berodung beim Emploi, bei der Création d'entreprises, beim Logement, bei den Assurances sociales, déi gëtt also eng ganz Rei vu konkreten Hëllefstellungen, mä si organiséiert awer och e kulturellen Austausch. Dat hunn ech ganz interessant fonnt, an et wär sécherlech e Beispill wou ee sech kënnt och fir eist neit Haus vun der Groussregioun inspiréieren.

Ech mengen et war den Här Fayot dee virdu méi konkret Problematiken am Beräich vun de Frontalieren opgeworf hat, nämlech den Transport als Beispill bruecht huet. Sécherlech ass dat ee vun den Aspekter wou mir zu Lëtzebuerg am meeschte mat dem Phänomeen vun de Frontalieren negativ konfrontéiert sinn. Et ass awer eng laangjäreg Fuerderung, an et wär sécherlech eng Méiglechkeet fir aus eppes Belaaschtendem eppes Positives ze maachen, wéi zum Beispill e Verbundsystem vum öffentlichen Transport ze schafen. Déi Fuerderung ass bestëmmt scho jorzéngtenal. Leider ass et bis elo ëmmer net dozou komm, an dat weist och wéi schwéier et ass, iwwer national Grenzen och an Europa ewechzekommen an eng gemeinsam Kooperatioun ze schafen.

Ech wollt dann awer och soen, dass ech deem Här Fayot seng Analys net deele wat d'Frontaliere betrëfft. Hien huet virdu gemengt, dass dat am Fong déi Kategorie vu Leit wär op déi ee sollt setze wann et doréms geet fir nei Aarbechtsposten ze besetzen. Ech mengen, dass dat e grouse Risiko ass, an zum Deel si mer deem jo och scho mëttlerweil ausgesat. De Prozentsaz vun de Frontaliere geet jo ëmmer méi an d'Luucht, während dee vun de Leit, déi no Lëtzebuerg immigréieren, relativ gesinn net méi esou staark ass. An de Risiko, deen ech dobäi gesinn, ass einfach deen, dass mer als Gesellschaft dee Wëllen zur Integratioun, deen do ass, awer net méi realiséiert kréie wa mer just nach voll op Frontaliere géife setzen.

Wa mir zum Beispill Betriber hu wou 80% oder méi vun de Leit Frontaliere sinn, da gëtt et schwierig fir do iwwer Integratioun ze schwätzen. Wa mer mat Leit ze dinn hunn, déi mer just als Aarbechtskräften an ni als Mënschen an hirer Fräizäit erliewen, deenen hir Kanner eis Kanner ni kenne léieren, déi sproochlech och vläicht manner Integratiounsbedürfnisser hunn, wéi zum Beispill e jugoslawesche Flüchtling, eng portugisesch Schülerin oder e skandinawesche Bankdirekter, dee sech zu Nidderaanwen eng Villa gebaut huet, da gesäit een, mengen ech,

dass et wirklech net esou evident ass, fir voll op d'Kaart vun der Main-d'oeuvre transfrontalière ze setzen, well mer domat vläicht verschiddene Problemer kuerzfristeg aus de Feiss ginn, mä laangfristeg dat Zil wat mer, mengen ech, awer all hunn, d'Funktionéiere vun der Lëtzebuerger Gesellschaft, net hikeréien. An ech mengen, dass dat ee vun de Punkten ass, wou ech och mat dem Rapport eens ginn.

Här President, en zweete Punkt vu Kritik, deen ech awer un deem Rapport wëllt maachen, dat ass dee vun der Form vun der proposéierter Integratiounspolitik. Et kënnt op ville Plazen ëmmer erëm en Toun eraus an deem Text wou Integratioun als Zwang an als Obligatioun duergestallt gëtt. An der Vue vun der Majoritéit vun der Kommissioun schéngt et esou ze sinn, wéi wann d'Leit sech net fräiwëlleg wëllten integréieren, mä wéi wann ee se misst dozou forcéieren. Dat schéngt eis wirklech als Gréng eng äusserst zweifelhaft Approche ze sinn. Dat gesäit een och beim Beispill vun der Lëtzebuerger Sprooch respektiv herno da bei der Naturalisatioun: Net EU-Ressortissanté sollen obligéiert ginn, d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren; fir Lëtzebuerger ze gi gëtt een obligéiert, Integrationscoursen ze suivéieren. D'Kommissioun schéngt wirklech dovunner auszegoen, dass déi Leit eigentlech guer net wëlle sech hei integréieren. Dat ass eiser Meinung no wirklech e falschen Usaz.

Integratioun dann och als Hürd: Ech hu virun elo schonn d'Beispill vun der Lëtzebuerger Sprooch als Obstacle zur Nationalitéit genannt, an dann d'Integrationscoursen och erëm eng Kéier als eng Barrière, dat ass eng negativ an eng defensiv Approche, déi mir och als Gréng fir kontraproduktiv halen, well mir op Ouverture an op e gemeinsame Wëllen zur Integratioun setzen. Et entsprécht och enger anachronistescher an enger verzerrter Konzeption vun der Lëtzebuerger Gesellschaft, nämlech dass den Net-Lëtzebuerger muss eng Rei vun Hürden iwwerspringen, fir da kënnen um Schluss dee Privileg vun dem Lëtzebuerger Pass ze kréien.

Här President, mir mengen, dass een hei d'Welt erëm eng Kéier muss vum Kapp op d'Feiss setzen. Mir brauchen d'Leit vu baussen, fir dass eis Gesellschaft funktionéiert. Mir sollten also alles drusetzen, fir si an eise Krees eranzehuelen, a mir sollten all iwwerflësseg Barrieren, déi dat verhënnern, ofbauen. Esou misst een am Fong eng Integratiounspolitik eiser Meinung no ugoen, an da géif een och Integrations- a Sproochecoursen als positiv Mesure asetzen amplaz iwwer Obligationen ze schwätzen, an et géif een - an dat ass virun an och schonn ugeklungen - iwwerhaapt emol eng Offer schafen, ier dass ee vun Obligationen schwätzt. Ech wäert herno do och nach eng Kéier drop zrëckkommen.

Här President, ech kéim dann zu där zentraler Fuerderung vun deem Rapport a sécherlech och eng vun deenen interessantesten, dat ass déi vum Statssekretariat fir d'Immigratioun. Dass mir schonn eng Kéier zu Lëtzebuerg esou e Statssekretariat hatten, dat geet leider aus deem Rapport net ervir, an et kéint ee bal soen et wär eng kleng Geschichtsverfälschung, déi hei gemaach gëtt.

D'Kreatioun deemools an der sozialliberaler Koalitioun an de 70er Joren ass aus der Erkenntnis eraus komm, dass Immigratioun ebe kee Phänomeen wéi d'Wieder wär, mä en Thema fir d'Politik, an dass d'Immigratioun net méi nëmme kéint wéi e Konjunkturpuffer agesat ginn, wéi et am Ufank vun der Stolindustrie nach de Fall war - den

Här Fayot huet virun a méi daitleche Wieder geschildert wéi déi konkret ausgesinn huet -, mä dass Deeler vun der Ekonomie guer net méi kéinten ouni d'Immigratioun funktionéieren, an dass doriwwer eraus och den Apport vun der Immigratioun fir d'Demographie géif gebraucht ginn. Dat war deemools eng Erkenntnis, zu där mer dann elo nach eng Kéier kommen, no deem dann e grousst Lach dertëscht war vun engem Véirelsjorhonnert.

Et feelt an deem Rapport hei och eng Erklärung dofir, firwat tëschent 1979 an haut et net zu enger reeller Entwécklung vun deem Statssekretariat komm ass. Mir hunn haut e Commissariat aux étrangers, wou ee wirklech net ka soen, dass et géif politesche Virdenker spillen. Do gëtt eng Gestoun vum Bestehende gemaach, do gëtt sech ganz vill mat der Asylproblematik beschäftigt an doniewent och nach e Conseil national pour étrangers begleet, mä do gëtt eigentlech awer keng reell Integratiounspolitik méi gemaach. An dat war jo awer eigentlech deen Usaz, deen an de 70er Joren entstane war. Här President, an engem Land wou d'Immigratioun een Hauptstandbeen ass, schonn zënter Jorzéngten, ass dat eigentlech relativ absurd. Et weist och wéi ee Laissez-faire an deene leschte Jorzéngten eigentlech an deem heiten Dossier geherrscht huet.

Wann hei vun engem Statssekretariat geschwat gëtt, da menge mir als Gréng, mir misste längst schonn un e Ministère denken, e Statssekretariat geet eigentlech guer net duer. Ech ginn lech och d'Beispiller. Mir hunn am Ausland schonn a ville Länner Ministèreen, et sinn net ëmmer déi beschte Beispiller, wann ech elo bei Dänemark ufänken, mir hunn awer a Kanada e Ministère des Affaires civiles et de l'immigration, a verschiddene Länner wéi dem Québec oder Manitoba gëtt et dann och erëm eng Kéier spezifesch Integrationsministèren, zu Hongkong, zu Myanmar, op der Ile de Réunion, hunn ech alles am Internet fonnt, gëtt et Ministère à l'immigration.

Dir wäert mir elo soen: Dat si Länner, déi net mat Lëtzebuerg komparabel sinn! Wann een awer d'Lëtzebuerger Sociétéit analyséiert, déi sech zesummesetzt aus Autochthonen, Frontalieren, europäesche Funktionären, traditionellen Immigranten, Saisonarbechter, Demandeurs d'asile, an ech weess net aus wéi vill Nationalitéiten, dass sech déi Gruppen all zesummesetzen, da kéint een d'Fro awer wirklech och ëmdrënen a soen: Wéi ass et méiglech, dass mir hei zu Lëtzebuerg ëmmer nach keen Integrationsministère hunn? En Integrationsministère, deen och bestreift wär, där Segmentierung an deem Éclatement vun der Gesellschaft entgéintzewirken, wou jo awer eng reell Gefor zu Lëtzebuerg besteet.

Dir Dammen an Dir Hären, déi 25 Joer tëschent 1979 an haut, dat sinn naterlech och déi wou d'Reformpartei CSV op d'Brems gedréckt huet. Ech ginn d'Beispill vun der politescher Participatioun, d'Schreckgespenst vum portugisesche Burgermeeschter, d'Beispill vun der Naturaliséierungspolitik, d'Beispill vun der Permisspolitik am Aarbechtsberäich, d'Beispill vun der Schoulpolitik, dat sinn alles Beispiller wou ee gesäit, wéi et der CSV mat der Integratiounspolitik während Jorzéngte gemengt war. An dat sinn net nëmmen, Dir Dammen an Dir Hären, verluere Joren, dat si Joren déi et egal gemaach hunn, déi d'Zesummeliwwen oder éischer d'getrennte Liewe vun de verschiddene Communautéiten zu Lëtzebuerg geprägt hunn, an och vläicht Attitude vu Mësstrauen an Désintéret tëschent Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger an ëmgedréint zementéiert hunn. Wann also deen Débat vun haut eppes Guddes kann hunn, dann ass et vläicht fir deen Usaz erëm opze-

gräifen, deen ee Moment do war, a Konzepter vun enger moderner Integratiounspolitik an Integratiounspolitik unzedenken.

Här President, ech wëllt dann op eise Modell ze schwätze kommen - ech muss mech schonn e bësse méi kuerz faassen, gesinn ech -, dee vun der Prémisse ausgeet, dass Integratiounspolitik méi ass wéi en ekonomeschen Deal, och wann dat den Ausgangspunkt ass, mä dass aus deem Zusammentreffen vu Mënschen a Kulturen eng Valeur ajoutée soll entstoen, eppes wat een an Däitschland géif „Wirkgefühl“ nennen.

Mir baséieren eis bei eise Modell, dee mer iwwerens scho virun dräi Joer presentéiert hunn, op d'Recommandatiounen vun der EU-Kommissioun, wéi se an der „Communication sur une politique communautaire en matière d'immigration“ ausgedréckt goufen. Ech huele just e puer vun deene Recommendations eraus.

Eng alleréisch, d'Kanäl vun der Immigratioun erëm opmaachen, a se un den ekonomesche Besoinen ausrichten, déi och evolutiv sinn, déi Leit eraloossen, déi eng Aarbechtsoffer kënne virweisen, déi Leit, déi Demandeur d'asile oder déboutéiert sinn an eng Aarbechtsoffer kënne virweisen, och zouloossen zum Aarbechtsmaart; Politicken ausschafen, déi souwuel dem Pays d'origine wéi och dem Pays d'accueil wéi och den Immigranten an Immigrantinnen selwer zegutt kommen, dat heescht zum Beispill der Fuite des cerceaux versichen entgéintzewirken - och wann dat keen einfachen Thema ass -: de Konzept vun der Préférence communautaire méi flexibel maachen - dee Kritär soll erfüllt sinn, soubal eng Plaz eng gewësen Zäit ausgeschriwwen an net duerch en EU-Ressortissant besat gouf, fir dass dann eventuell eng Persoun aus engem Drëttland déi Plaz ka besetzen -: Immigratioun och an de Memberstaten esou organiséieren, an dat ass en zentrale Punkt, dass se no den historeschen a kulturelle Liené mam Pays d'origine geschitt.

A wa mir dee leschte Punkt op Lëtzebuerg uwenden, dann ergëtt sech fir eis en Integrationsmodell op dräi Piliere. Engersäits naterlech déi klassesch EU-intern Integratioun, zweetens Accords de main-d'oeuvre mat Net-EU-Länner, mat deene mir awer historesch Lienen hunn. Wéi eng kënnen dat sinn? Mä ganz konkret zum Beispill de Cap-Vert, mat deem mir mëttlerweil wirklech schonn historesch Lienen hunn, awer och verschidde Balkanlänner, wou mir duerch de Krich an duerch d'Refugiée Liené kritt hunn, ech denken do u Montenegro. Do sinn iwwerall scho Kontakter a Lienéen entstanden, déi ee kéint sënnvoll notze fir eng Integratiounspolitik.

Drëttens eng Weiterentwécklung vum Konzept vun der Groussregioun, wou nationalstaatlech eegen Interesse laangfristeg géifen enger kooperativer Politik Plaz maachen. Dat ass vläicht dee schwierigste Kapitel an deen, bei deem mir am längste wäerten Zäit brauchen, fir zu enger sënnvoller Politik ze kommen, well dat, wat haut geschitt, do gëtt jo haaptsächlech versicht d'Tatsaach, dass Grenze bestinn op alle Säite vun de Grenze fir eegen Interessen auszenotzen, a fir déi ofzebaue wäert et sécherlech nach eng ganz laang Zäit daueren.

Här President, dann deen neie Ministère à l'Immigration, oder à l'Intégration, sou wéi mir en deemools proposéiert hunn, deen dat alles misst ronnbréngen, dee misst eiser Meinung no véier Haaptaktionsinstrumenter hunn. Éischstens eng Cellule de recherche, zweetens en neie Conseil national à l'Intégration, deen aus dem besteende Conseil national pour Étrangers géif ervirgoen, drëttens eng Administration à l'Intégration, véiertens dezentral Formalitéitszentren, a



fënneftens eng Antirassismus-agence.

Dir gesitt, dass verschidden Id-dien, déi elo am Rapport vun der Kommissioun stinn, mir schonn an eiser Propos vun 2001 ugedeit hatten, a si sinn och net op eiser Mëscht gewuess, mä dat sinn Id-dien, déi an anere Länner schonn an de Konzepter vun Integratiouns-programmer existéieren. An natierlech sinn déi Inhalter an déi Approchen, déi mir bei esou engem Instrument géife gesinn, zum Deel anerer.

Well, wat heescht Integratioun? Et ass virdu scho versicht ginn, fir Definitioune zu deem Begrëff ze ginn. Ech wëllt hei de Kofi Annan zitéieren aus senger Ried, déi e virum Europaparlament gehalen huet, wéi en de Sakharovpräis virun e puer Deeg kritt huet: „Integration is a two-way street, immigrants must adjust to their new societies and societies must too. The word ‘integrate’ literally means ‘to make whole’.“

Dat heescht also net Assimiliatioun à tout prix. Dat heescht net, wéi et an Däitschland diskutéiert ginn ass, Ennerwerfung ënner eng Leitkultur, mä dat heescht d'Schafe vun enger gemeinsamer Basis, op déi sech all Membre vun der Gesellschaft kënne bezéien. Dat heescht souwuel fir d'Immigrante sech ze adaptéieren wéi och fir déi Autochthon, dass dat, wat ëmmer war, oder vun deem si gemengt hunn, dass dat ëmmer war, sech wäert veränneren.

Just e puer Wierder méi zu deem Konzept vun engem Ministère. Ech hu schonn déi eenzel Elementer opgezielt, wéi déi Cellule de recherche et de développement, déi ganz wichteg wär fir d'Besoine vun Aarbechtsmaart feststellen, déi awer och géif Konzepter vun Immigratiounspolitik entwerfen a Recherchen an Etüden iwwert déi verschidden Zilgruppe respektiv iwwert déi verschidde Problematiken ustellen, déi sech an deem Kontext stellen. Zum Beispill Aarbecht, zum Beispill Schoul, Diskriminéierungen oder Frontalieren. Et gëtt sécherlech aner Beispiller méi.

An deem Kontext, Här President, wëllt ech iwwregens och eng Motioun déposéieren, well niewent der Utopie, déi ech hei versichen ze entwëckelen, gëtt et natierlech och konkret Weeër fir zu där Utopie ze kommen, an déi bestoend Usätz vu Recherche, déi et haut scho gëtt am Beräich vun der multikultureller Gesellschaft, misst een onbedéngt an déi Richtung virunentwëckelen.

### Motion 2

*La Chambre des Députés, considérant*

*- que dans le cadre du développement des structures de l'Université de Luxembourg, les centres de recherche publics sont en train de connaître des évolutions importantes;*

*- que le programme de recherche „Vivre demain au Luxembourg“ qui avait été lancé dans le cadre du Fonds national de la Recherche n'a pas connu jusqu'ici le succès escompté;*

*- qu'au sein de l'unité de recherche STADE, intégrée à l'Université de Luxembourg, un Centre Interdisciplinaire d'Études sur le Luxembourg (CIEL) avait été annoncé;*

*- que de telles structures pourraient utilement servir à la recherche sur le modèle luxembourgeois d'immigration et de multiculturalité;*

*invite le Gouvernement*

*- à tenir la Chambre au courant des développements en matière de recherche sur les migrations;*

*- à encourager par tous les moyens la recherche dans ce domaine et à analyser les causes des difficultés de démarrage qui s'y présentent en vue d'y remédier;*

*- à envisager la création spécifique d'un centre de recherche public sur la société multiculturelle ou alternativement, à formuler une mission précise allant dans ce sens aux structures de recherche existantes;*

*- à prévoir un rôle clé pour une telle structure dans le cadre de la création d'un ministère, voire d'un secrétariat à l'immigration.*

(s.) *Renée Wagener, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Dagmar Reuter-Angelsberg.*

Deen zweete Punkt vum Conseil national de l'Intégration: Wéi scho gesot misst do eng Weiderentwëcklung kommen a méi Kompetenze fir esou ee Conseil, och méi Befugnisser an eng Mat-sprooch iwwert d'Integratiounspolitik.

Dann, d'Häerzstéck vun deem Ganzen: Eng Administratioun, déi d'Immigratiounsziler géif festleeën op d'Proposition vun deem Conseil de l'Intégration an an Ofstëmmung natierlech mam Parlament. Eng Administratioun, déi awer ganz konkret Integratiouns-mesurë géif huelen, wéi zum Beispill Integratiounscoursen.

Och do wëllt ech nach eng Kéier eis Approche erklären, déi anescht ass wéi déi am Rapport. Mir mengen, dass Integratiounscoursen eigentlech haaptsächlech da Sënn maachen, wann d'Leit an d'Land kommen. Et huet kee Sënn, engem, dee fënnf oder vläicht nach méi Joren zu Lëtzebuerg war, ze soen: Jo, wann s du awer elo wëlls e Lëtzebuurger Pass kréien, da, Männi, da gees du awer elo emol a Coursen an da sees du eis emol déi véier lëtzebuergesch Keeseren op, déi et eng Kéier an der Geschicht gi sinn.

### (Interruptions)

Här President, mir mengen, dass deen Integratiounscours fir d'Primarrivante soll sinn, dass deen d'Leit soll virbereeden op dat Liewen, wat se hei zu Lëtzebuerg wäerte féieren an net um Schluss vun där Evolutioun soll stoen.

D'Coursë wende sech iwwregens och u ganz verschidden Zilgruppen. Dofir musse se och verschidden Angeboter ginn. Ech ginn lech e Beispill. Ech hunn an deenen Dokumenter, déi mir kritt hunn, en Interview mat enger portugisescher Fra gelles, déi 1993 op Lëtzebuerg komm ass, dat sinn zéng Joer hier. Zënterhier huet sech vläicht Verschiddenes geännert, mä trotzdem huet et mech frappéiert. Si ass gefrot ginn, ob se da Lëtzebuerg scho kannnt hätt. Nee, sot d'Fra, si huet net gewusst, wou Lëtzebuerg géif leien, si hätt ni virdu vu Lëtzebuerg gehéiert, ier dass se heihinner komm ass. Dunn huet hir Interviewpartnerin se gefrot: „Jo, hutt Dir dann net op enger Landkaart gekuckt?“ Do huet d'Fra gesot, si hatten doheem keng Landkaart.

Sou einfach sinn d'Situatiounen heiands an esou ënnerschiddlech kënne se och sinn. Op Lëtzebuerg kommen Akademiker, mä et kommen och Leit aus ganz aarme Verhältnissen, Leit, déi sech emol vläicht net bewosst sinn, wat et heescht ze immigréieren. Dat muss een alles bedenken, wann ee versicht eng Integratioun ze maachen a wann een déi verschidden Angeboter wëllt ausschaffen, déi noutwendeg sinn: um Niveau vun der sproochlecher Ausgangsbasis, um Niveau vun Ausbildung a Wëssen, wat déi Leit hunn. Jonk Leit, al Leit, Frontalieren, Résidenten, Laangzäit- oder Kuerzzäitopenthalt, alles dat mécht, dass déi Angeboter, déi een do mécht, net kënnen uniform sinn a mat der Géisskan ausgedeeelt ginn, mä dass se mussen op déi verschidde Situatiounen adaptéiert ginn.

Här President, ech muss e bëssen ofkierzen. Ech wëllt awer drop hiweisen, dass et an deem Kontext och schonn eng Kéier eng Motioun ginn ass, wat Integratiouns-

Sproochecoursë betrëfft. Net nëmmen, dass mir dat deemools, wéi mir iwwert d'Nationalitéit hei banne geschwat hunn, an enger Proposition de loi ageschriwwen hatten, mä well mir woussten, dass een op alle Fronte muss schaffen, do hate mir deemools eng Motioun agereecht iwwer e Congé linguistique.

Dat war eng excellent Motioun. Leider ass se deemools ofgelehnt ginn, well den Här Frieden gemengt huet, ech zitéieren lech dat: „...“, dass mir keng nei zousätzlech Congéen och an anere Beräicher géingen aféieren, well et gläich onméiglech gëtt fir d'Leit nach iwwerhaapt e Patron ze fannen, dee se wëllt astellen, well se permanent weinst iergendengem anere gudde Grond Congé hunn“. Mat deem Argument ass deemools de Congé linguistique ofgelehnt ginn. Natierlech hu sech d'Majoritéitsparteien un d'Devis vun hirem Minister gehalen. Dofir fannen ech et ëmsou méi interessant, dass dann haut awer de Congé linguistique an där Motioun, déi herno da wäert diskutéiert ginn, erëm eng Kéier erakomm ass an dass d'Majoritéit do e relativ plötzleche Sinneswandel gemaach huet.

Här President, just e puer Wuert zu den horizontale Kompetenze vun esou enger Administratioun. Kontakter zum Ministère wéi deem vun der Aarbecht, vun der Justiz, wat d'politesch Rechter betrëfft, vum Intérieur, wat d'Liewen an der Gemeng betrëfft, vun der Éducation sinn natierlech noutwendeg, fir dass dee Ministère kann effizient schaffen an dofir musse Lienë geschafe ginn an dofir menge mir, dass ee misst d'Délégués à l'intégration aféieren.

Nach ee Wuert zur Problematik vun der Nationalitéit. Och hei stellen ech mat Zefriddenheet fest, dass elo an der Motioun, déi virdu deponéiert ginn ass, gesot gëtt, et sollt een awer emol iwwert d'duebel Nationalitéit „un débat démocratique“ zouloossen. Och hei muss mer feststellen, dass mir zënter Joren eng Proposition de loi do leien hunn, dass mer och virun e puer Deeg eng Prise de position vun der Regierung kritt hunn, wou gesot gëtt, d'Regierung kënn net op déi Fro goen, well de Premier eng Kéier 2002 gesot hätt an enger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun, déi Debatt kann eréischt gefouert ginn, wa sech no Debatten e kloren Optrag vum Wieler an déi Richtung erauskristalliséiert. Och hei alt erëm e klenge Widder-sproch, dee sech bemierkbar mécht. Mir si frou, datt ëmmerhin dat Émdenke komm ass. Mir wëllen awer doriwwer rausgoen an am Beräich vun der Demokratie drop hiweisen...

### (Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Ech verstinn et och net méi.

■ M. le Président.- Ech géing lech ëm e bësse méi Opmierksamkeet bieden.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, mir wëllen drop hiweisen, datt et am Beräich vun der Demokratie net nëmmen d'Fro vun der duebler Nationalitéit gëtt, mä datt et eng ganz Rei vun anere Froe gëtt: déi vun der Reform vum Conseil national pour Étrangers, déi vun der Reform vun de Commissions consultatives communales, och d'Fro vum nationale Wahlrecht, ob dat schonn domat geléist ass, datt mer eventuell eng Kéier eng duebel Nationalitéit aféieren. Och an deem Beräich hu mer eng Motioun preparéiert, fir dass mer kënnen net nëmme bei der duebler Nationalitéit stoe bleiwen, mä och déi aner Débatë féieren.

### Motion 3

*La Chambre des Députés, considérant*

*- qu'au Luxembourg, une part de plus en plus importante de la population résidente est exclue du processus de décision au niveau national par le fait de ne pas être en possession de la nationalité luxembourgeoise;*

*- que le Conseil national pour Étrangers, seul organe officiel à représenter la population non luxembourgeoise au niveau national, ne joue actuellement qu'un rôle limité dans la prise de décision politique;*

*- que le Luxembourg maintient jusqu'ici ses dérogations en ce qui concerne le droit des personnes non luxembourgeoises à devenir membre d'un conseil échevinal;*

*- que le fonctionnement des commissions consultatives pour étrangers est actuellement freiné par les dispositions d'un règlement grand-ducal suranné;*

*invite le Gouvernement*

*- à lui présenter, après concertation avec le Conseil national pour Étrangers, un projet de loi réformant les structures de cet organe dans le sens d'une plus grande participation de celui-ci au processus de décision politique;*

*- à donner notamment aux avis du Conseil national pour Étrangers le même statut qu'à ceux des chambres professionnelles;*

*- à introduire des élections directes pour assurer la représentativité de cet organe;*

*- à séparer les fonctions de président-e du Conseil de celui de Commissaire aux Étrangers;*

*- à donner au Conseil national pour Étrangers les moyens financiers et les ressources humaines nécessaires à un fonctionnement efficace;*

*- à revenir sur le principe que la majorité de ses membres doit être de nationalité luxembourgeoise;*

*- à abolir les dérogations existantes en matière de droit de vote par rapport aux personnes résidentes non luxembourgeoises;*

*- à accomplir dans les meilleurs délais la réforme du règlement grand-ducal du 5 août 1989 en y intégrant les propositions élaborées par le Conseil national pour Étrangers;*

*- à faire analyser par des expert-e-s en droit, en complément de l'étude sur la citoyenneté multiple, la question de l'accès des personnes non luxembourgeoises au droit de vote national.*

(s.) *Renée Wagener, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Dagmar Reuter-Angelsberg.*

Ech kéim dann zum Schluss. Fir esou e Ministère op d'Been ze stellen, brauch een natierlech de politesche Wëllen an dann natierlech och den noutwendeg Budget an déi personell Ressourcen dozou. Mir sinn der Meinung - am Ennerscheed zum ADR, deen dat jo virdu he ukléngelooss huet, datt d'Immigratioun just Käschte géif bedeuten -, datt dat sech op Dauer géif ekonomesch och bezuelt maachen, mä datt et virun allem awer gutt wier fir d'Lëtzebuurger Gesellschaft.

An deem Sënn sinn d'Wierder vum Kofi Annan, ech zitéieren en dann nach eng Kéier, net nëmme fir Europa gültig, mä och fir Lëtzebuerg: „The message is clear: Migrants need Europe, but Europe also needs migrants. A closed Europe would be a meaner, poorer, weaker, older Europe. An open Europe will be a fairer, richer, stronger, younger Europe - provided Europe manages immigration well.“ An dann nach ee lescht Zitat, vläicht méi ee geblummelecht.

### (Interruptions diverses)

Jo, vläicht fir deen Débat hei op en aneren Niveau wéi dee vun der

renger wirtschaftlecher Approche ze hiewen.

### (Interruptions diverses)

Neen, ech wëll dat och elo net verallgemengeren. En Zitat vum Salman Rushdie, Gott sei Dank op däitsch. „Um uns zu erklären warum wir an unserem Geburtsort hängen, geben wir uns als Bäume aus und sprechen von Wurzeln. Schauen Sie unter Ihren Füßen nach. Sie werden keine knorrigen Wurzeln finden, die aus den Sohlen sprießen.“

Fortgoen, Dir Dammen an Dir Härren, vun enger Plaz wou ee gär ass, dat mécht een net einfach esou. Et geet ee fort, vläicht well et anzwousch anescht besser ass, vläicht well ee verfollegt gëtt oder bedrängt. Vläicht well engem seng Heemecht einfach net méi existéiert. Et geet ee vläicht fort well ee mat senger Famill wëllt zesumme sinn oder aus renger Abenteuerloscht. An all Fall brauch et Courage fir dat ze maachen. Vläicht sollte mer dat och mol eng Kéier honoréieren. Ouni déi Mobilitéit vun deene Leit wier déi modern Welt guer net méiglech.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

■ M. Serge Urbany (déi Lénk).- Merci, Här President. Wann et esou eppes wéi eng Lëtzebuurger Identitéit gëtt, dann ass et déi, déi vu ville Migratiounswellen, esouwuel Immigratiounswellen, wéi och heiands Emigratiounswellen - och Lëtzebuurger ware Migranten an der Geschicht -, déi esou staark geprägt ass, wéi wuel a kengem anere Land. Déi Lëtzebuurger Identitéit ass entstanen am Zesummeschaffen an am Zesummeliessen, an heiands och Zesumme-kämpfen a kriteschen Zäiten, an dat iwwer Jorzéngten, wann net esouguer während engem ganze Jorhonnert.

Déi Identitéit ass och net eesäiteg, well wéi vill onsichtbar kulturell an identitär Fiedem verbannen zum Beispill e Lëtzebuurger, deen an Italie reest, mat deem Land mat deem awer een Deel och vun eiser Identitéit verbonnen ass. Dofir gefält mer och déi global Ausrichtung vun deem Bericht hei net, an zwar well en haaptsächlech vun zwou Obsessiounen ausgeet, engersäits eng reng ekonomesch Approche vun der Immigration an anerersäits eng zwangsweis Integratioun oder besser Assimiliatioun vun den Auslänner un déi sou genannt Lëtzebuurger Identitéit an déi sou genannt Lëtzebuurger Wäerter.

Et gëtt zum Beispill an dem Rapport virgeschloen ze ënnersichen, ob een d'Auslänner ka forcéiere Lëtzebueresch-Coursen ze beleen, ier se autoriséiert gi fir heihinner schaffen ze kommen. De Rapport gëtt iwwregens zou, dass esou Zwangsmoosnamen als diskriminéierend ugesi ginn an als Hindernis bei der Ausübung vun hirem Recht op fräi Zirkulatiounen. An ech mengen, do läit awer och schonn e gewëssend Zougständnis dran, dass mer hei eppes vun Net-Europäer fuerderen, wat iwwert d'normal Rechter erausgeet vu fräie Bierger an Europa.

An ech si grondsätzlech der Meinung, dass eng opgedrängten Identitéit nëmmen eng Oflehnung ka provozéieren. Wann zu Recht am Rapport ënnerstrach gëtt, dass et zu Lëtzebuerg, trotz héijem Taux vun Auslänner, keng gréisser Spannunge gëtt, hänkt dat och vläicht zesumme mat enger gewësser Toleranz, déi bis elo bestanen huet. Mir sinn dofir als „déi Lénk“ géint all obligatoresch Sproochen- an och aner Coursen, fir eis immigréiert Matbierger. Eng



Proposition, déi am iwwrege jo guer net dem ënnerschiddleche sozialen a kulturelle Background vun deene Leit Rechnung dréit an och a ville Fäll als sozial diskriminatoirech muss emfonnt ginn.

Mir sinn awer selbstverständlech dofir, dass fräiwëlleg Sproochecoursé während der Aarbechtszäit ouni Lounausfall kënnen a sollen ofgehalen ginn. Enner Integratioun verstinn ech niewent esou fakultative Coursen éischter eng Integratioun am Aarbechtsprozess an eng sozial Integratioun am Wunnengsemfeld. D'Benotze vum Lëtzebuerger muss éischter e Resultat si vun der Integratioun, wéi eng Viraussetzung fir d'Integratioun.

Voraussetzung vun Integratioun ass a mengen Aen an alleréischter Linn d'Gläichheet. Zum Beispill de gläichen Zougank zu der Schoul oder de gläichen Zougank zu aneren Arichtungen, zum Beispill Crèche, aner Gemengendéngschtleeschungen an esou virun. Grad op deene Gebidder gëtt awer vill geschwat vu käschtedeckende Präisser, déi do missten agefuert ginn. Well mer Steieren nologooss hu fir déi méi räich Leit, well mer Steieren nologooss hu fir d'Betriber, muss elo an de Gemengen alles op eemol käschtedeckend ginn an dat stellt selbstverständlech grouss Problemer fir déi auslännesch Leit, mä och fir déi Lëtzebuerger, déi mat kleng Paieren an de Gemenge wëlle vun esou Institutionen an Déngschtleeschungen profitéieren.

Ech mengen, dat wier méi eng wichteg Viraussetzung, déi ze schafe wier, wéi déi d'Lëtzebuerger Sprooch ze kennen. Just ech fannen am Bericht näischt iwwert déi Aspekter erëm.

Den 13. Juni si bekanntlech Wahlen zu Lëtzebuerg. Mä egal wéi déi Wahlen ausginn, kann ee roueg elo schonn hir Legitimitéit zu engem Deel a Fro stellen, wann ee bedenkt, dass 38% vun der Bevölkerung net un hinne wäerten deelhuelen. Et gëtt zwar déi positiv Roll vun der Immigratioun fir Lëtzebuerg op ville Plazen ënnerstrach, mä ech mengen wa se net hir vollstänneg politesch Rechter hunn, déi Leit, déi hire Beitrag awer zu eiser Gesellschaft leeschten, dann ass dat net richtig.

Et gëtt och virgeschloen, d'Méiglechkeet vun der duebeler Nationalitéit anzeféieren. Ech hunn och am Prinzip näischt géint esou eng Fuerderung, mä ech ginn den Androck net lass, wéi wann och do virun allem eng irrational Angscht géif virherrsche virun Abüen. Et gëtt geschwat et misst do e Lien véritable et authentique bestoen. Et gëtt souguer am Rapport geschwat vu Liens d'allégeance zu engem Land. Dat si jo mëttelalterlech Begrëffer, déi do gebraucht gi fir dat ze definéieren wat d'Nationalitéit eigentlech soll sinn, an ech fannen dat och relativ signifikativ, an ech froe mech wéi déi Liens véritables et authentiques dann do solle geprëft ginn. Et kann ee fäerten, dass och dat Ulass gëtt zu weidere restriktive Gesetzer. Mir kenne jo d'Naturalisatiounspraxis wéi se de Moment besteet. Ech mengen, dass déi restriktiv ass an dass och zum Beispill keng Recoursmëiglechkeete virgesi si fir déi Leit, déi déboutéiert ginn.

Iwwert d'duebel Nationalitéit eraus, mengen ech, misst een awer nach weider Moossnamen aféieren, an ech wëll der do zwou nennen. Dat ass éischters déi vum Droit du sol. Ech mengen wann een hei gebuer ass, soll een och grondsätzlech d'Lëtzebuerger Nationalitéit kënnen kréien. Dat ass eng Institution, déi iwwerholl ass vum franséische Recht, déi och op d'Franséisch Revolutioun zréckgeet an déi, mengen ech, positiv dem Droit du sang géigeniwwersteet. Zweetens mengen ech mussen mer endlech um nationale Plang allen Awunner déi politesch Matbestëmmungsrechter ginn, déi se jo scho bei de Gemengewahle kritt hunn an déi souguer

viru kuerzem nach op all net communal Awunner ausgedehnt gi sinn. Mir ginn dovunner aus, dass eng Persoun, déi hei leeft, schafft a konsuméiert, Steiere bezilt an och cotiséiert, och iwwert d'Gestioun vum Land muss kënnen matbestëmmen.

Ech mengen och, dass aner Schrëtt nach mussen ënnerholl gi fir d'Participatioun vun den auslännesche Matbierger un de Wahlen um kommunale Plang zum Beispill ze facilitéieren. Ech mengen och et misst do zu enger automatescher Aschreiwung no enger minimaler Residenzdauer an d'Wahlleschte kommen, wann ee wëllt d'Gläichheet mat de Lëtzebuerger herstellen. Ech mengen souguer, dass dat och eng sozial Fro ass, well besonnesch vill kleng Leit, déi net esou Zäit hu fir sech ze informéieren iwwert d'Politik, géife sech vill méi dofir interesséieren wa se wësst, dass se an de Wahlleschten ageschriwwen wieren an dass se och e Recht hätten, hei mat wilen ze goen.

Da wëll ech op d'Fro vun der Grenzgänger nach agoen. Et gëtt am Bericht vun der wichteger Roll vun der Grenzgänger geschwat, et gëtt dovunner geschwat, dass se eng onverzichtbar Roll fir eis Ekonomie spillen. Et ass gewosst, dass si e groussen Deel vun de Wäerter duerch hir Aarbecht schaffen, déi hei am Land geschaaft ginn an déi och dozou féieren, dass et hei am Land méi héich Tauxe vu Wuesstum gëtt an deene leschte Jorzéngte wéi an deene Länner ronderëm. De Rapport deet awer menger Meenung no ze vill d'Frontalieren esou of, wéi wa si keng richtig Immigrante wieren, well si wiere jo eigentlech net integréierbar.

Elo ass erëm déi Fro vun der Integratioun, déi do eng Roll spillt, an ech wëll einfach emol prinzipiell dat contestéieren, dass d'Frontalier kee Faktor vu soziale Bezéiunge solle sinn. D'Aarbechtsëmfeld ass och e soziaalt Feld, an ech sinn do éischter mam Här Fayot d'accord wéi mat der Madame Wagener. Ech plädéieren dofir, dass een déi sozial Bezéiungen, déi duerch d'Presenz vun de Frontalieren, dat si jo Leit, déi wunnen net wäit iwwert d'Grenz, heiansdo nëmmen e puer Kilometer, dass een déi sozial Bezéiungen op jidde Fall an der Grande Région nach muss ausbauen, an ech mengen och, dass et misst zum Beispill...

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Ech mengen, do hutt Der awer eppes falsch verstanen. Ech soen net, dass een déi net soll ausbauen, mä ech mengen, dass et falsch ass, nëmmen op d'Frontalieren ze setzen an ze mengen, d'Immigratioun wier méi problematesch.

**M. Serge Urbany (dÉi Lénk).** - Ech mengen op jidde Fall, dass d'Frontalier méi no bái wunne wéi vill Leit, déi ee vläicht iwwer Accordé komme léisst vu wäit hier, an dass déi Grande Région esou wéi mer se virfannen awer net nëmmen e wirtschaftleche Kontext ass, mä och e soziale Kontext an deem Frontalieren eng gewësse Roll spillen, déi de Moment vläicht reng ekonomesch ausgeriicht ass, mä déi, mengen ech, awer dru géif gewannen, net nëmme fir d'Frontalieren, mä och fir eis, wann ee géif déi ausdehnen nach op weider sozial Relatiounen. Ech denken zum Beispill u Conseils de frontaliers, u Matbestëmmungsorganer, wou d'Frontalier kënten hir Leit dran delegéieren, déi géife matdiskutéieren iwwer gewëssen Aspekter vun der Lëtzebuerger Politik.

Am Rapport stellen ech just fest, ginn d'Frontalier meeschtens als en Ëmweltbelaaschtungsfaktor ugesinn. Et gëtt bedauert, dass nëmme 7% vun hinnen den öffentlichen Transport benotzen. Et gi Léisunge virgeschloe mat Bus- an Zuchverbindungen, géint déi ech natierlech net sinn, mä ech be-

dauere just, dass déiselwecht Leit déi dat virschloen de BTB-Projet torpedéiert hunn - et ass schonn eng Kéier hei gesot ginn -, deen eng ideal Léisung grad fir d'Frontalier gewiescht wier andeem e se mam Zuch bis an de Stadkär erabruucht hätt.

Dir Dammen an Dir Hären, am Bericht gëtt bellicht a wat fir enge Secteure vun der Lëtzebuerger Wirtschaft e Mangel un Aarbechtskräfte besteet. Ech sinn och net géint eng geziilt Immigratiounspolitik, zum Beispill iwwer Accords de main-d'œuvre. Mä ech mengen awer, dass déi da missten - an ech mengen do ass och d'Madame Wagener bestëmmt mat mir d'accord - geziilt a Richtung goe vun deene Länner, wou déi gréisste Besoinen duerno géife bestoen, zum Beispill a Richtung vun Ex-Jugoslawien. An ech fannen de Rapport schweigt sech awer komplett doriwwer aus. Ech fanne kee Wuert am Rapport, an dat ass awer eng wichteg Fro vun der Immigratiounspolitik an Zukunft, mat wat fir Länner dann déi Immigratiounsaccordé solle getraff ginn.

Et ass emol gesot ginn, mat den neie Baitrëttslänner sollen esou Accordé getraff ginn. Dat wier jo dann aux dépens vun deene Länner, déi ech elo just genannt hunn. Duerfir ass och vläicht déi Begrenzung agefuert gi vun der fräier Zirkulatioun vun deene Leit fir kënnen Immigratiounsaccordé mat hinnen ofzeschleissen elo an deenen nächste Jore. Ech weess et awer net. Ech kann nëmme roden, well - wéi gesot - am Rapport fannen ech kee Wuert doriwwer.

E lescht Wuert nach zur Asylpolitik. Déi ass ausgespuert ginn hei, a wann een esou heikel Themen ausspuert a se net positiv upaakt a versicht se positiv ze léisen, da kritt een natierlech d'Diskussioun heiansdo eragedroen op eng negativ Aart a Weis, an dat ass déi Diskussioun, déi mer elo virun hei haten. Ech mengen et ass eng déif Wonn an der Lëtzebuerger Politik, dass se et net fäerdeg bruecht huet, an deen éischter zaghafte Régularisatiounsbeschloss vun 2001 unzknäppen an de Problem weinstens vun deene Leit konkret ze léisen, déi zënter Joren hei wunnen an deenen hir Kanner och esouguer no kllassesche Sproochekritären, déi méi hei wëllen aféieren, elo schonn eigentlech integréiert sinn.

Ech hunn elo héieren, de Spriecher vun der DP huet virdu gesot, hie wier och fir eng Léisung vun deem Problem, an ech froen dann hei: Wat geschitt dann elo, wat mécht d'Regierung da fir déi Leit, déi scho jorelaang hei wunnen, deenen hir Kanner hei an d'Schoul ginn, wat mécht se fir déi Leit ze integréieren? Ech stellen awer och fest, dass kee Regierungsvertreeder méi op der Bänk dohanne sëtz.

Zum Ofschluss just wëll ech soen - Här President, ech sinn direkt fäerdeg -, dass dee Bericht hei op fundamentale Froen éischter eng ängschtlech Attitüd géigeniwwer vun der Immigratioun beinhalt an och e gewëssen identitäre Repli undeit, net ze schwätze vun där ekonomistescher an utilitaristescher Approche, déi en huet vis-à-vis vun der Immigratioun, an ech hunn dat Ganzt elo emol nach nëmme relativ positiv ausgedréckt. Ech mengen nämlech déi Entwécklung huet och viles ze di mat der Wirtschaftskris an där mer sinn, an eis Gesellschaft ginn a Richtung vu méi ongläichen a méi onsolidaresche Bezéiungen, vun deenen och d'Lëtzebuerger wäerte beträff sinn. Ech mengen och d'Lëtzebuerger hätte selwer Intérêt drun, eng positiv an eng solidaresch Haltung vis-à-vis vun der Fro vun der Immigratioun anzehuelen a gutt opzepassen op

déi, déi mat nationalistesche Slogane wëllen operéieren, fir vun deene wichtige soziale Froen, déi hannert deem Ganze stinn, ofzelenken.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Weiler age droen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Santer huet am Numm vun eiser Fraktioun eis Position zum Rapport vum Marcel Glesener duergeluecht. Ech wëll hei nëmme kuerz op eng Rei vun Aussoen dräi Wieder soen, well meng Fraktioun a meng Partei ëmmer erëm an deem Kontext genannt gi sinn.

Éischters ass de Mëtteg versicht ginn, och hei zum Deel eng Debatt ze féieren iwwert d'Asylpolitik, an den Här Glesener huet virdu ganz zu Recht gesot, dass dat eng Thematik ass, déi een net onbedéngt kann total trenne vun der Immigratiounspolitik. Mä et ass eng sensibel Thematik an deementsprechend verschléisst kee Mënsch sech enger Debatt doriwwer. Wa mer eng Debatt hei am Parlament wëllen organiséieren, da solle mer dat maachen. Mä virrangeg steet haut am Vierdergrond d'Immigratiounspolitik.

Dann, Här President, wëll ech soen, dass de Spriecher vum ADR hei dem Justizminister eng ongeheerlech Ennerstellung gemaach huet, an deem Sënn, wou e gesot huet, dass de Minister géif wessentlech a wëllentlech d'Prozedure verlängeren. Ech muss lech soen, dass ech am Numm vun eiser Fraktioun den Här Henckes opfuere, konkret an am Detail ze bewiesen an hei beim President, um Chambersbüro, ze deponéieren d'Beweiser fir déi...

**(Interruptions)**

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Dat ass kee Problem.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - ...Ennerstellungen. Sot eis, wéi a wou an op wéi eng Manéier de Justizminister wëllentlech a wessentlech hei d'Prozedure verlängert.

**(Interruptions)**

Jo. Dat ass jo ganz einfach. Beweist Är Ennerstellungen oder wann Dir keng Beweiser dofir hutt, dann zitt se zréck. Sou kann een net hei verfueren.

Dann den zweete Punkt. Déi ganz Polemik ëm d'duebel Nationalitéit, déi och vum Här Henckes hei ugeschnidde ginn ass, a wouzou hie gesot huet, mir hätten elo den Här Delpérée gebraucht fir eis eng Position zurechtzeleeën. Hien huet dobäi och nach zitéiert d'Proposition de loi vun der Madame Wagener, déi vun der Regierung negativ aviséiert ginn ass.

Ech wëll lech soen, dass mir an där Fro do keng inkohärent Haltung hatten. Meng Partei an och d'Demokratesch Partei haten an hirem Wahlprogramm vun 1999 d'duebel Nationalitéit net drastoen. Well dat eng ganz sensibel Matière ass a well et eng Matière ass, déi d'Leit dobaussen interesséiert, an déi een net einfach esou kann duerchzéien, ware mir net d'accord fir am Kader vum Gesetz, mat deem mer d'Nationalitéitgesetz reforméiert hunn, déi duebel Nationalitéit anzeféieren, well mer gesot hunn, dat doten ass eppes, wat esou wäit geet, dass een dat net einfach esou ka maachen ouni et an engem Wahlprogramm ugesprach ze hunn.

Et ass net, wéi wann ni eng Regierung mol eppes géif maachen, wat net an hirem Programm stoung, mä wann et ëm esou Substanzfroe geet wéi déi doten, da mengen ech wier et fairnesshalber noutwendeg, dass een dat doten am Programm virgesäit an diskutéiert am Kader vun enger Wahlcampagne. Da

wëssen d'Wieler, wou se mat engem dru sinn.

Ech wëll awer hei soen, wann een d'Saache wëllt korrekt duerstellen, dann ass et esou, dass den Här Mosar schonn 2001 am Rapport iwwert d'Nationalitéitgesetz gesot a geschriwwen huet, dass et Zäit géif ginn, dass mer hei zu Lëtzebuerg déi Debatt iwwert d'duebel Nationalitéit seriö sollten ugoen. Mir hunn déi Zäit bei eis an der Partei ugefaangen doriwwer ze diskutéieren a mir sinn am Laf vum Joer 2002 zu där Iwwerzeugung komm, dass d'duebel Nationalitéit e wichteg Instrument kënt sinn a misst sinn, mä dass ee misst virsiichteg sinn an eréischt dann zu definitive Konklusione kommen, wann ee genee weisst, wat d'Konditiounen vun der duebeler Nationalitéit wieren an och wat d'Konsequenz um juristesche Plang wier. Wien den Avis vum Här Delpérée a sengem Kolleeg gelies huet, dee weess, wéi vill Froen dass sech an där dote Problematik stellen.

De Statsminister huet virun zwee Joer och gesot, dass d'Regierung sech Gedanken an déi Richtung géif maachen, awer keng Décisioun wëllt huelen, well eben dës Koalitionsparteien dat net an hirem Programm virgesinn haten, mä en huet dofir déi Etüd an Optrag ginn, fir datt mer en connaissance de cause le moment venu kënnen eis Décisiounen huelen, wa mer elo vu Spezialisten eng Kéier opgelëscht kréien, wat d'Konditiounen a wat d'Konsequenz vun enger duebeler Nationalitéit kënn sinn.

Mäi Parteipresident, den Aarbechtsminister, huet scho virun zwee Joer op engem Kongress vun eis gesot - an dat stung an allen Zeitungen ze liesen -, dass mir géifen drun denken an d'Richtung vun der duebeler Nationalitéit ze goen an eis definitiv Haltung festleeën, wa mer dat wësst, wat ech virun hei opgelëscht hunn. Eise Wahlprogramm wäert deemnächst verabschied ginn. Ech wëll deem elo net virgräifen. Mä ech kann lech awer soen, dass mer méi wéi sécher an eise Wahlprogramm an déi dote Richtung ginn.

An dann, Här President, en drëten a leschte Punkt, deen ech uschwätzen. Ech hat virun dem Här Henckes hei eng Fro gestallt a puncto Aussoe wéi en hei geschwat huet iwwert d'ganz Problematik vun der duebeler Nationalitéit, a puncto vun Aussoe vu sengem Parteipresident, wou dee gesot huet, dass och Ausländer kënnen d'Wahlrecht kréie respektiv Ausländer kënnen Minister hei ginn. Ech hu keng Antwort vum Här Henckes kritt. Mä ech krut awer an engem Zwëscheruff gesot, et misst een hei bei der Wourecht bleiwen. Ech hunn dat nach eng Kéier nogekuckt.

Et ass am „Jeudi“ vum 4. Oktober 2001, wou den Här Mehlen en Interview ginn huet, an ech zitéiere mol nëmmen net dat, well dunn ass deen Interview mat Kommentar e bësselche vermëscht ginn. Mä ech zitéieren da mol nëmmen dat, wat am „Quotidien“, wat jo awer ni zréckgezu ginn ass, do als Zitat vum Här Mehlen steet: „Eligibilité oui...“ - fir d'Ausländer - „...“, mais sous certaines conditions, notamment la langue. Ministre? Pourquoi pas? Mais nous devons tout de même encourager l'acquisition de la nationalité, y compris grâce à la double nationalité.“

Wann ech dat analyséieren, Här President, da kann dat do jo näischt anescht heeschen, wéi datt gesot gëtt, jo Ausländer sollen hei kënnen matwiele goen. Si mussen d'Lëtzebuerger Nationalitéit net hunn. Si kënnen Deputéierte ginn. Si kënnen Ministere ginn. Mir mussen awer trotzdem encouragéieren andeem mir verschidde Konditiounen setzen, nämlech datt se Lëtzebuergesch kënnen schwätzen. Minister, firwat net? Mä et muss een awer trotzdem encouragéieren d'Lëtzebuerger Nationalitéit, an dat y compris la double nationalité.



Dat sinn d'Aussoen, déi de President vum ADR gemaach huet. Ech wollt hei nëmme froen, wéi d'Hal tung dann dozou wier zu deenen doten Aussoen. Éischters Auslänner, déi dat dote kënne maachen, wa se dann d'Sprooch kennen, an obschonns mer se encouragéieren, eis Nationalitéit, mä et wier alles méiglech. A virun allem grâce à la double nationalité.

Wann ech den Här Henckes richtig verstane hunn, ass den ADR géint d'duebel Nationalitéit. Or, hei seet awer de President vum ADR, Auslänner kënnten dat doten ënert deene Konditiounen ginn, notamment grâce à la double nationalité. Dat kann ech awer nëmmen esou verstoen, wéi wa gemengt wier, dass een da misst fir d'duebel Nationalitéit sinn, soss kënnt ee jo net zu där Finalitéit, déi do gefrot ass.

Här President, dat war eben déi Fro, déi ech gestallt hat, op déi ech keng Äntwert kritt hat an dofir wollt ech dat nach eng kéier hei soen. Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas. Den Här Graas huet d'Wuert.

**M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Fraktiounskolleeg Alexandre Krieps huet scho méi am Detail eis Positioun hei zu deem Rapport vertrat. Duerfir erlaabt mir vläicht nach op e puer punktuell Sujeten anzegoen.

D'Immigratioun ass jo ouni Zweifel en Thema, wat oft mat villen Emotiounen diskutéiert gëtt. Dat hu mer jo och erëm de Mëtten hei erlieft. Et stellt een och fest, datt jo ëmmer méi Leit wëlle virun allem aus wirtschaftleche Grënn hei op Lëtzebuerg kommen. Et ass och aus den Débaten hei kloer ervirgaangen, datt mir auslännesch Matbierger ouni Zweifel brauchen um Aarbechtsmaart. D'Tatsaach eleng, datt jo all Dag iwwer 105.000 Net-Lëtzebuurger an dëst Land schaffe kommen, seet jo och genuch.

Déi auslännesch Matbierger, déi natierlech wëllen definitiv an deem Land bleiwen, hunn awer munchmol Schwierigkeete sech och richtig ze integréieren, an d'Haapthëndernis ass jo a ville Fäll d'Sprooch. Dat ass de Mëtten hei vu ganz ville Riedner schonn ënerstrach ginn. Duerfir si mer als Demokratesch Partei och der Meinung, datt d'Integratioun virun allem sollt natierlech iwwert d'Sprooch geschéien. Dat géillt awer un éischer Linn besonnesch fir d'Kanner. An hei hunn d'Gemengen eng wesentlech Roll ze spillen.

Et ass duerfir wichteg, datt virun allem déi auslännesch Kanner, déi prinzipiell doheem hir Mammesprooch schwätzen, natierlech d'Méiglechkeet gebuede kréie fir d'Lëtzebuergesch och esou fréi wéi méiglech kennen ze léieren. Si mussen dofir an engem Ëmfeld sech bewege kennen, wou se vill mat anere Lëtzebuurger Kanner zesummekommen. Eng éischt Etapp dovunner ass oft d'Éducation précoce. Duerfir si mer och der Meinung, datt dat e wichtegt Instrument ass, wat soll an deem Sënn weider gefördert ginn. Déi meescht Gemenge bidden dat jo och hautdésdags un, a spéitstens ab dem Joer 2005 si jo d'Gemenge verpflichtet d'Éducation précoce unzibidden.

Da gëtt behaupt, et géingen net genuch Efforten an de Schoule gemaach gi fir d'Lëtzebuergesch ze léieren. Do wëll ech awer hei och op e Bréif zrëckkommen, deen där Deeg an der Zeitung war - den Här Fayot huet e scho kuerz erwähnt -, vun den Auteuren, déi dat Buch geschriwwen hunn „Sprachbuch für den Deutschunterricht in Luxemburg“, an ech wëll dat och zitieren, wat si ënner anerem zum Léiere vun der Lëtzebuurger Sprooch geschriwwen hunn: „Et ass awer elo net grad esou, wéi

wann iwwerhaupt näischt fir d'Lëtzebuergesch an eisem Schoulsystem virgesi wier. Aus eegener Erfahrung kënne mir roueg behaupten, datt op d'mannst eng Partie Enseignanten am Primaire eng gutt Aarbecht geleescht huet a sécher haut och nach leescht, well op Septième souzen ëmmer erëm Kanner, déi zerguttstert Lëtzebuergesch liesen an esouguer ganz passabel schreiwe konnten.“

Da wëll ech awer och nach op de Wäert vun de sou genannte Classes d'accueil hiweisen, déi jo awer eng wichteg Fonctioun ze erfëllen hunn, a vill Gemenge maache jo awer haut déi noutwendeg Ustrengung, fir, wéi gesot, besonnesch auslännesche Kanner déi Méiglechkeet ze bidden, well mer och der Meinung sinn, datt dat e wesentlecht Hëllefsmittel ass, fir datt déi Kanner kënnen esou séier wéi méiglech an eise bestehende Schoulsystem integréiert ginn. Dofir si mer der Meinung, datt ee soll versichen, déi Struktur nach méi flächendeckend auszubauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dem Rapport vun eiser Kommissioun ass jo och d'Propos gemaach ginn, datt sou genannte Guichet-uniqùe vun de Gemenge sollte geschafe ginn, an et gesäit een do un deem Punkt erëm, wat fir nei zousätzlech Aufgaben op d'Gemengen zoukommen, an net méi spéit wéi mer hei den Débat haten iwwert d'Kompetenzopdeeling tëschent Stat a Gemengen huet ee jo scho gespuert, datt ëmmer méi Aufgaben a Missiounen de Gemengen zoufalen.

Natierlech ass d'Asetze vun esou Guicheten awer och direkt verbundene mat dem Recrutement vu spezialiséiertem Personal. Dofir muss een esou Forderungen awer, eiser Meinung no, ganz realistesch gesinn. Elo allgemeng direkt ze ootroyéieren esou Guichet-uniquen anzeféieren, muss een allerdéngs dann awer mat enger gewësser Virsicht genéissen. Éischer sollt een dat besonnesch am méi ländleche Raum, vläicht um interkommunale Plang an d'A faassen, oder wat ee virun allem awer sollt maachen, déi bestehend Struktur - an ech denken hei besonnesch un de Bureau de la population - nach weider ze optimiséieren. Jiddefalls ass et esou, datt d'Gemenge wäerten och an deem Beräich do an Zukunft nach méi gefuerdert ginn.

Well mer schonn um Niveau vun de Gemenge sinn, wëll ech awer och e Wuert iwwert d'Auslännerkommissiounen hei verléieren, well jo do am Rapport d'Opfuerderung komm ass, fir datt de Rôle vun den Auslännerkommissiounen soll iwerduecht ginn, verbessert gi gebenenfalls. Mir kënnen eis där Fuerderung do uschléissen, datt soll eng gewëssen Evaluatioun vun den Aarbechte vun dëser Kommissioun gemaach ginn. Dat ass mat Sécherheet e luewenswäerten Exercice, well oft ass et jo esou - an dat soen ech awer beileiwen elo net am pejorative Sënn -, datt d'Aktivitéite vun den Auslännerkommissiounen sech op d'Organisatioun vun enger Fête culturelle limitéieren.

Obwuel een dat absolut net soll a Fro stellen, ass awer mat Sécherheet hei ze bemerken, datt d'Auslännerkommissiounen ouni Zweifel nach en zousätzleche Rôle kënnte spillen. Natierlech hânt dat awer un den einzelnen Acteuren selwer, an als Kommunalpolitiker wësse mer jo awer och alleguer, datt et guer net esou einfach ass, Leit ze gewinnen, auslännesch Matbierger ze gewinnen, déi bereet sinn, eng aktiv Roll an deene Kommissiounen ze spillen.

Här President, fir eis als Demokratesch Partei ass et awer och elementar, datt d'Integratioun iwwert de Wee vun der politescher Partizipatioun geschéie soll, an ech géing awer hei roueg behaupten, datt op deem Niveau grouss Efforten hei zu Lëtzebuerg gemaach

goufen. Ech verweisen ënner anerem op d'Reform vum Wahlgesetz, dat lescht kann een och mat hei considéieren, mä virun allem op dat vum 18. Februar 2003, wou mer jo awer eng Extensioun vum aktive Wahlrecht fir d'Net-EU-Bierger virgeholl hunn. Ech mengen, e Schrëtt deen awer kloer beweist, datt Lëtzebuerg de richtigen...

#### (Interruption)

Oh, Dir nennt dat timide, ech gesinn dat awer alt schonn e bësselche méi wéi timide. Da nennt mer emol nach aner Länner, déi esou e Schrëtt maachen.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Holland.

**M. Gusty Graas (DP).** - Jo, Holland huet och net deen héijen Auslännerundeel wéi Lëtzebuerg.

#### (Interruptions diverses)

Neen, dat ass awer kloer hei ze ënersträichen, datt dës Regierung, datt dës politesch Majoritéit de richtigen Esprit gewisen huet fir den auslännesche Matbierger e Maximum u Méiglechkeeten ze gi fir se kennen um politesche Liewen ze bedeelegen.

An der Kommissioun ass natierlech awer och vill iwwert d'Fonction publique Rieds gaangen, do sinn d'Meenungen natierlech ausernee gaangen. Et si Leit, déi wëllen d'Fonction publique nach méi opmaache fir auslännesch Matbierger, anerer sinn do e bësselche méi zrëckhalend. Ech wëll just drop hiweisen, datt d'Ugestallten aus dem öffentlechen Dëngscht jo och ënnert den Artikel 39/CE falen. Wéi gesot am Prinzip ënnerleie se de Regele vun der fräier Zirkulatioun vun den Aarbechter an der Europäescher Unioun. Natierlech hu jo awer do déi eenzel Memberstaaten d'Méiglechkeet, Plazen ze reservéieren fir hir Bierger, déi direkt d'Ausübung vun den Hohheitsrechter an hirem Land dann och betreffen.

Ech wëll nach eng kéier drun erënnern, datt den 2. Juli 1996 eist Land jo vum Europäesche Geriichtshaff condemnéiert gi war fir säin öffentlechen Dëngscht ebe méi fir d'EU-Bierger opzemaachen. Doropshin ass jo duerch d'Déci-sioun vum Regierungsrot de 5. an den 10. Juli 1996 den Aarbechtsgrupp „Libre circulation“ agesat ginn, an dës Grupp hat jo u sech och dunn déi Ministère festgehalen wou u sech auslännesch Matbierger kënne rekrutéiert ginn.

Da gëtt et och en neit groussherzoglecht Reglement, wat déi Verwaltungen opléicht an Établissement public, wou d'Kenntnis vun där enger oder anerer administrativer Sprooch u sech net noutwendeg wär. Op Basis vum Gesetz vum 17. Mee 1999 iwwert den Accès vu communautäre Matbierger an d'Lëtzebuurger Fonction publique hu mer du folgend Secteure fir Net-Lëtzebuurger opgemaach: d'Recherche, den Enseignement, d'Gesondheet, de Landtransport, d'Post an d'Telekommunikatiounen, d'Waasser, de Gas an d'elektresch Verdeelung. De Moment schaffen - an ech referéiere mech elo hei op de Rapport - ongeféier 7% Net-Lëtzebuurger an der Fonction publique. Ech wëll awer och hei betounen, datt fir eis awer an Zukunft wichteg ass, datt Leit, déi wëllen an d'Fonction publique kommen an deene klassesche Secteuren, datt do awer eng Kenntnis vun deenen drai administrativ Sproochen muss do sinn.

Zum Schluss wëll ech dann awer och drop hiweisen, datt mer jo en neit Nationalitéitgesetz agefouert hunn, wat awer mat Sécherheet dozou bäigedroen huet fir d'Integratioun hei zu Lëtzebuerg nach ze fördern, well virun allem ass jo awer d'Durée de résidence vun

zéng op fënnef Joer erofgesat ginn, wann een iwwert de Wee vun enger Naturalisatioun wëllt d'Lëtzebuurger Nationalitéit kréien.

Da wëll ech awer nach op ee Punkt kuerz vläicht hiweisen. Natierlech muss mer eis bewosst sinn, datt d'Immigratioun och an Zukunft wäert ganz staark vun der ekonomescher Situatioun ofhänken, mä ech referéiere mech awer elo hei op unerkannte Klimatologen, déi soen, datt, bedéngt duerch de Problem, dee mer mat der Klimaveränderung hunn, datt se dovun ausginn, datt iwwer eng Milliard Leit wäerten an deenen nächste Jorzénge och zu Immigrantë ginn, well se eben net méi an hire Länner dee Moment kënne bleiwen, bedéngt eben duerch déi Konsequenzen, déi duerch d'Äerderwiermung entstinn. Et ass op alle Fall een Element wat een net ka verkennen, a wéi gesot a wëssenschaftleche Kreesser gëtt dat haut ëmmer méi eescht diskutéiert.

Jiddefalls, d'Immigratioun ass e wichtegt gesellschaftspolitescht Thema, wat een ouni Zweifel net kann ignoréieren a wat eis och an noer Zukunft wäert ëmmer méi beschäftegen. Ech géing soen, datt mer haut en interessanten, e wichtigen Débat gefouert hunn. Dofir wëll ech och ofschléissend nach eng kéier dem Marcel Gle-sener e Merci aussprieche fir seng gutt Aarbecht, déi hien an deene leschten zweeanenhalleft Joer geleescht huet.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Jaerling age-droen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer och e puer Wuert hei zu där Debatt bäizedroen. Un alleréischter Stell emol ouni iergendee polemischen Hannergedanken, mä et stéiert mech einfach wann hei elo an eisem wirtschaftlechen Opschwonk nëmmen d'Immigranten an d'Frontalieren ernimmt ginn an d'Lëtzebuurger net. Ech wëll hei emol kloerstellen, dass och d'Lëtzebuurger hiren Deel zu eisem wirtschaftlechen Opschwonk bäigedroen hunn, an dass et falsch ass an d'Lëtzebuurger och net frou doriwwer sinn, dass ëmmer nëmmen d'Immigranten an d'Frontalieren hei an d'Gespréich bruecht ginn, wann et hei ëm de wirtschaftlechen Opschwonk vu Lëtzebuerg geet. Ech wëll dat emol eng kéier kloer hei gesot hunn, an et gehéiert och zu enger gudder Integratioun wann ee keng Gruppen ervirhieft an dat an Zukunft emol op der Säit léisst.

Ech wëll och nach e puer Wuert soen zu der Immigratioun. Wat hei elo net gesot ginn ass, dat ass am Fong wou se hierkënn. Firwat hu mer Immigratioun? Mä ech mengen, zum gréissten Deel ass dat duerch dee schnellen ekonomeschen Opschwonk an Europa, dee sech esou schnell entwéckelt huet, mä wou vergiess ginn ass, déi sozial Entwécklung deem unzegläichen. Dat ass ee vun deene Problemer. Wa mer eng normal sozial Entwécklung gehat hätten, niewent där ekonomescher, wou am Fong eng Sozialcharta geschafe gi wär, déi e sozialen Ausgleich geschafen hätt, dann hätte mer vläicht een Deel vun Immigratioun an een Deel vu Migratioun an Europa kënne vermeiden.

An dann, wa mer vun Europa schwätzen, wat vu 15 Länner elo op 25 gaangen ass, dass dat Europa et net fäerdeg bréngt - dat soll en Europa si vun de Länner -, dass dat Europa et net fäerdeg bréngt, zum Beispill d'Betriber dohinner ze drainéieren wou d'Aarbechtskräfte sinn, an do wou d'Chômeure sinn, fir do d'Betriber ze maachen. Dat wär och eng Méiglechkeet fir déi Immigratioun an déi Migratioun vläicht e bëssen an de Grëff ze kréien.

Et waren och e puer Wuert gesot ginn hei iwwert d'Lëtzebuurger Sprooch. Lëtzebuergesch soll eng Integratiounssprooch sinn. Ech mengen do sti mir voll derhannert. Dat soll och esou sinn. Da wär et awer och net schlecht wann iergendwann emol eng kéier eis Verfassung géif op Lëtzebuergesch geschriwwen ginn. Ech mengen, och dat gehéiert zu eiser Sprooch.

Den Här Gusty Graas huet virdrun d'politesch Integratioun ugeschnidden an do kommen ech zu zwou Motiounen, déi ech hei wëll deponéieren.

Déi éischt ass, d'Integratioun geet am Fong geholl e bëssen am Kapp un, an do stéiert et mech scho wa mer elo zum Beispill e Conseil national pour Étrangers hunn, wou ech der Meinung sinn, dass dee kënnt ëmgenannt ginn a Conseil national pour l'Intégration an och alleguer déi Auslännerkommissiounen, déi mer hunn, dass déi sollen an Integratiounskommissiounen ëmgenannt ginn. Ech mengen, och dat géif dozou bäidroen fir am Fong e bëssen déi Distanz tëschent den Natiounen aus der Welt ze schafen.

#### Motion 5

*D'Volleksverriederkummer,*

*- an der Suerg d'Integratioun an eis Natioun vun den net-lëtzebuergesche Matbewunner vun eisem Land ze fördern ;*

*- stellt fest, datt d'berodend Kommissiounen vun de Gemengen, déi sech ëm d'Problemer vun den auslännesche Matbierger solle këmmern, mä och déi entspre-chend Kommissioun op nationalem Niveau (Conseil national pour Étrangers), schonns an hirer Be-zeechnung der Suerg no der Inte-gratioun vun den auslännesche Matbierger net Rechnung droen ;*

*- ass der Meinung, datt et gutt an nëmme konsequent wier, d'Zilset-zung vun der Integratioun schonns am Numm vun dëse bis elo Auslän-nerkommissiounen genannten Insti-tutiounen festzeschreiwen ;*

*fuerdert d'Regierung op*

*- alles an d'Wee ze leeden, fir de „Conseil national pour Étrangers“ a „Conseil national pour l'Intégration“ ëmzedeefen an och d'Gemengen opzefuerderen hir Auslännerkom-missiounen an Integratiounskom-missiounen ëmzebennnen.*

*(s.) Aly Jaerling, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp.*

Déi zweet Motioun ass déi, dass den Här Graas richtig gesot huet hei, dass mer vill Effortë gemaach hu fir déi Leit dozou ze féieren, dass se sech an d'Wielerlëschten aschreiwen, mä de Problem, deen ech domadder hunn ass, dass wa se bis an d'Wielerlëschten ageschriwwen sinn, da këmmert kee sech méi drëm bis d'Wahlen. Dat ass an der Praxis esou an dofir sinn ech der Meinung, dass ee soll versichen deene Leit déi sech aschreiwen eng Unerkennung ze ginn andeem dass ee se a Form vun engem Wielerpass zum Beispill honoréiert, se zesummeriff, e Wielerpass ausstellt an hinnen hir Rechter iwwert dee Wee erkläert a se zesumme mat de Lëtzebuurger Wieler op engem Raum vergläicht an hir Unerkennung an ze soen, doduerch dass mer lech dee Wielerpass ginn, gesi mer lech als gläich Bierger un an ech mengen, dee politesche Schrëtt soll och unerkannt ginn an dofir ass meng zweet Motioun, fir deene Leit vun de Gemengen aus e Wielerpass auszustellen. Dat ass an de Gemenge gemaach ginn, mä et gëtt net méi gemaach.

#### Motion 4

*D'Volleksverriederkummer,*

*- begréisst de Wëlle vun net-lëtze-buergeschen Awunner vun eisem Land, sech an d'Wielerlëschte fir d'Europa- a Kommunalwahlen an-droen ze loossen ;*

*- bedauert, datt dës wichtigen Akt nach ëmmer net, weder vun*



enger öffentlecher Zeremonie nach vun engem offiziellen Dokument a senger Bedeitung ënnerstrach, jo gefördert gëtt;

- *bedauert, datt d'Neiwieler net iwwer hir nei Rechter a Flichten opgekläert ginn a stellt fest, datt déi ideal Méiglechkeet dofir sech am Kader vun enger offizieller Zeremonie géif bidden;*

- *stellt fest, datt eng Méiglechkeet fir esou eng Zeremonie ze organiséiere sech mat der formeller Iwwerreechung vun engem „Wielerpass“ un all Neiwieler am Virfeld vun de jeeweilege Wahlen géif bidden;*

- *ass der Meenung, datt esou eng öffentlech, institutionaliséiert Zeremonie, an där d'Neiwieler och iwwert d'Spezifisitéit vum Lëtzebuerger Wahlsystem an der Lëtzebuerger politescher Landschaft opgekläert géife ginn, zur Integratioun vun net-lëtzebuergesche Wieler an eist Vollek géif bäidroen;*

*fuerdert d'Regierung op*

- *alles an d'Wee ze leeden, fir e Wielerpass ze schafen, deem an enger offizieller Zeremonie vun de jeeweilege Gemengen iwwerreecht ka ginn;*

- *dofir ze suergen, datt dese Wielerpass mat deenen néidegen Informatiounen iwwer eise Wahlsystem an d'Rechter an d'Flichte vum Wieler begleet gëtt.*

(s.) *Aly Jaerling, Jean Colombero, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Ech soen Iech merci.

#### (Interruptions diverses)

D'Lëtzebuerger gi matgeruff an d'Lëtzebuerger hunn an der Zäit zu Esch e Wielerpass kritt an elo solle mer d'Leit alleguer zesummeruffen a jidderengem e Wielerpass ginn, fir ze weisen, dass een esou behandelt gëtt wéi deem aneren.

**M. le Président.** - Als leschte Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

**M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech waarde bis den Här Krecké nolauschtert. Fir d'éischt, wann Der erlaabt, eng kleng Kritik. Ech si selwer heiansdo konfrontéiert wéinst mengem Beruff mat Immigratiounspolitik an ech wëll just dem Minister eppes Perséinlech un d'Häerz leeën. Ech fannen, dass ee fir Persounen, déi hei zu Lëtzebuerg elo en situation irrégulière sinn a mat engem falsche Pass oder esou, op der Douane gepëtzt ginn, direkt eng Mesure de placement kréien an op Schraasseg kommen, sollt eng Struktur hunn, wou een déi Leit kënnt halen. Ech fannen, dass de Prisonsong net déi richteg Plaz ass fir Leit, déi näischt Falsches gemaach hunn, ausser mat engem falsche Pass erwëscht ze ginn.

#### (Interruptions diverses)

Ech soe meng Meenung, an ech stinn dozou. Et ass net der Partei hir Meenung, et ass meng perséinlech Meenung. Déi Leit hu just e falsche Pass an déi ginn dann zu Schraasseg mat anere Leit zesummesat, déi net fir näischt ganz oft zu Schraasseg sinn an dofir e Wonsch un de Minister, wann dat kënnt geännert ginn.

Här President, eppes ass fir mech ganz wichteg wann een iwwert d'Immigratioun schwätzt, dat ass d'Chance vun der Réussite a vun der Integratioun vun eise jonke Matbierger. Wéi eng Plaz ass dat, wou dat ka geschéien? Dat ass d'Schoul. D'Madame Brasseur hat sech agesat fir eng École de la réussite, eng École de la chance pour tous an ech wëll iwwert dee Sujet hei schwätzen, well et fir mech ganz wichteg ass.

Wann ee kuckt, esou representéieren eis auslännesch Matbierger 41,7% am Préscolaire, 38,1% am Primaire, 38,5% am Secondaire

technique a 15,4% am Lycée secondaire classique. Firwat vun deene 40 oder 38% nëmme 15% am Lycée classique? Et wäert jo keen heibanne behaapte wëllen, dass eis auslännesch Matbierger keng intellektuell Kapassitéiten hunn oder méi liddereg sinn an dofir net an de Lycée classique kommen. Ech fannen, au contraire, et muss ee kucke fir eis auslännesch Matbierger hei ze integréieren, dass se och Chancen hu fir all Schoulformatioun ze packen.

**M. le Président.** - Här Bettel, d'Madame Wagener freet ob se därëf eng Fro stellen.

**M. Xavier Bettel (DP).** - Si dierf, Här President.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Merci. Ech wollt Iech d'Fro stellen, ob Der eng Erklärung dofir hutt, datt et am Secondaire classique an der Sproochesektioun, niewent der italescher an der spuenescher Sprooch, net och d'Méiglechkeet gëtt fir d'portugisesch Sprooch als Friemsprooch ze léieren. Esouwäit ech weess, gëtt et dat bis elo nach net, oder wann, da ganz limitéiert. Wärd dat net och eng Méiglechkeet, fir dee Prozentsaz do an d'Luucht ze setzen?

**M. Xavier Bettel (DP).** - Menger Meenung no, Madame Wagener, ännert dat näischt, well et ass net nëmme duerch eng Sprooch, dass een e ganze Premièresexamen an eng ganz Formatioun an engem Lycée packt. Fir mech ass et au contraire d'Formatioun, déi hei am Moment zu Lëtzebuerg ass, wou alles op dem Däitsche baséiert, déi eng Inegalitéit ass fir lusophone oder francophone Schüler, déi op Septième direkt duerschale wa se d'Geo, d'Geschicht an d'Mathé müssen op Däitsch maachen, an do net nokommen an dann an de Lycée technique ginn oder, wann d'Elteren d'finanziell Moyenen hunn, da gi se op Metz, op Thionville oder op Arel.

Wann een d'Statistike kuckt, justement iwwer eis portugisesch Schüler, huet een zum Beispill nach ëmmer d'Communauté portugaise en général. Zu Lëtzebuerg hu mer 61.440 Portugisen. Dat sinn ongeféier 13,7% vun der Population totale. 2002/2003 ware 14.115 Schüler hei zu Lëtzebuerg ageschriwwen, dovunner 19,9% am Préscolaire an am Primaire, 22,4% am Secondaire technique a 5% am Secondaire classique. Dir gesitt also, déi Zuele schwätze fir sech. Do ass e Problem.

Ech nennen elo déi verschidde Punkten, déi ech hei opgeschriwwen hunn, fir ze soe wat op jidde Fall d'Madame Brasseur an där Zäit, wou se an der Regierung ass, gemaach huet an déi ech luewenswäert fannen, well dat e Problem ass, dee mer wierklech um Häerz läit.

Éischtens d'Responsabilisatioun vun den Elteren. Et ass ganz laang net, an d'Madame Brasseur huet hei de 6. Februar eppes presentéiert, e ganzen Text op portugisesch, wéi eis Schoul organiséiert ass, wéi d'Fächer sinn, mä dat ass et virdrun net ginn. Ech hunn et schued fonnt. Ech mengen, wann d'Eltere sensibiliséiert sinn a wësse wat hir Kanner an der Schoul studéieren, ass dat eng Prioritéit, déi hätt scho laang misse gemaach ginn, an dofir soen ech hir fir d'éischt e grouse Merci.

En anere Prinzip ass d'Éducation interculturelle. Et soll een an der Schoul justement vun där Richesse, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, vun deene verschiddenen Nationalitéiten, d'Friichten erausheulen. Et soll ee profitéiere kënnen, dass een iwwert d'Wëssen, iwwert d'Wunngewunnechten an iwwer alles wat säin Noper an der Schoulbänk weess, an aneschtens vun doheem oder kulturell huet, an der Schoul dat kënnen deelen. An dofir ass et och ganz wichteg, dass

d'Formation continue vun den Enseignantë gemaach gëtt, justement fir se dorobber ze preparéieren an och eng Sensibilisatioun vun de Schüler op deene verschiddene Punkten ze bewierken.

Et si Mini-Bibliothèque geschafe gi mat der portugisescher a mat der italescher Ambassade a verschiddene Schoulen. Ech fannen dat luewenswäert.

Wann een elo den nächste Punkt kuckt iwwert d'Classes d'accueil, well mer jo iwwert d'Immigratioun schwätzen, do hu mer de Règlement grand-ducal, deem 2003 a Kraaft getrueden ass an zënter dem 15. September 2003 sinn 185 Schüler hei an der Klass, déi a sechs verschiddene Lycées techniques fonctionnéieren. Do gëtt et e Groupe de pilotage, dee vum Collège des directeurs vum Enseignement secondaire technique kréiert ginn ass an do wäert dann och a kuerzer Zäit e Rapport kommen.

Zu mengem wichtige Punkt, deem ech awer gesot hunn, iwwert de Rôle vun der Sprooch an der Schoul an iwwert d'Formatioun, sinn dräi wichteg Saache gemaach ginn. Fir d'éischt den Ajustement vun der Formation à la langue véhiculaire française. Wat huet dat e Wäert, een dee wëllt zum Beispill een CATP an der Coiffure maachen, dass dee weess wéi eng Bigoudi op Englesch oder op Däitsch heescht? Dat konnt an enger Fro am Exame gestallt ginn, an dann huet deem net genuch Punkte kritt. Ech fannen dat ridicule.

#### (Interruptions)

Jo, Dir laacht, mä haut ass virgesinn, dass dës Formations spécifiques am Cycle moyen oder supérieur, Régime technique, Régime et formation du technicien, Régime professionnel, dass de Programme an d'Épreuves déiselwecht sinn, ausser dass Franséisch oder Däitsch kënnen an engem Programme alléigé presentéiert ginn.

Ech ginn Iech e Beispill: Am Régime professionnel den Apprentissage CATP : Aide-soignant, boucher-charcutier, boulanger-pâtisier, coiffeur, cuisinier, installateur de chauffage, métier de la mode, métier de l'électricité, serveur de restaurant, traiteur, vendeur qualifié, apprentissage, mécanicien d'autos, installateur de chauffage, installateur sanitaire. Bei der Formatioun vum Technicien : Division administrative et commerciale, division électro-technique, an am Régime technique: Division administrative et commerciale, division technique générale.

Am Juli 2003 ass déi éischt Promotioun justement op 13ième komm an huet de Bac technique administratif kritt a mat engem ganz gudde Resultat. An ech mengen, dat ass dat wat mir eis jo all wënschen.

Zweetens d'Traduktioun iwwerhaupt vum Matériel didactique. Verschidde Bicher, déi op Däitsch woren, si justement an der Formation professionnelle op Franséisch iwwersat ginn. Instructeur de natation, métier du bâtiment, mécanicien automobile, installateur sanitaire. Mä et ass wichteg emol d'Matériel ze iwwersetzen. Dir kënnt jo net soen, Dir wëllt gär de Cours op Franséisch halen, mä Dir hutt emol kee Buch op Franséisch. Dat heescht, dat ass och elo vum Ministère de l'Éducation nationale geännert ginn, an elo gëtt et eng gewëssen Zuel vu Bicher, déi och op Franséisch sinn.

An elo zu deem Punkt, deem ech als éischten dévoppéiert hat iwwert d'Zuel vun eisen auslännesche Matbierger. Den Här Weiler huet eng Fro, Här President.

**M. le Président.** - Jo, Här Weiler.

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Kann ech nach dem Här Bettel eng Fro stellen? Hie war jo och an der Commission „Immigration“, déi vum Här Glesener presidéiert ginn ass. Dir hätt déi Suggestiounen do kënnen maachen. Esou wéi ech den Här Glesener kennen, wär hie begeeschtert gewiescht, déi an de Rapport mat eranzehuelen.

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.** - Jo, ech si wierklech begeeschtert.

**M. Xavier Bettel (DP).** - Ech si frou, wann den Här Glesener begeeschtert ass, mä déi Zuele sinn eréischt presentéiert ginn d'lescht Woch, Här Glesener. Ech wollt haut iwwer e ganz anere Sujet schwätzen, an dunh hunn ech d'Matériel kritt d'lescht Woch, an dunh hunn ech mer geduecht: Xavier, dat ass d'Occasioun awer ze weisen, wat d'DP-Ministesch, d'Madame Brasseur, an deem heiten Dossier gemaach huet.

#### (Hilarité)

Voilà, an dunh hunn ech dat och haut gemaach.

#### (Interruptions diverses)

Mä leschte Punkt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass de Projet ALLET. Dat ass justement en Enseignement vum Däitschen als Langue étrangère, deem a véier Lycéee gemaach gëtt, dat ass de Lycée classique vun Dikrech, de Lycée Hubert Clement vun Esch/Uelzecht, de Lycée classique vun lechternach an de Lycée technique vu Bouneweg. Dat heescht et ass eng Couverture régionale do.

Dat ass geduecht fir déi Schüler, déi e ganz gudden Niveau am Franséischen an an der Mathé hunn, awer verschidde Lacunen am Däitschen. An déi kréien dann Däitschcoursé renforcéiert fir justement net gespalte Weeër ze goen, mä au contraire nees op Quatrième zesummenzekommen, an dass se och Chancen hunn, justement déi éischt Lycéesjoren och ze packen an net direkt op Septième gesot ze kréien, dass se alles müssen op Däitsch kënnen. Et muss een et soen: Wann een doheem Elteren huet, déi keen Däitsch schwätzen an déi just Franséisch kënnen, an et huet ee kee Soutien an et huet ee keng Sue fir kënnen...

#### (Interruptions diverses et hilarité)

Dir wësst ganz genau wat ech mat engem Soutien gemengt hunn. Wann ee keen huet doheem, deem engem kann...

**Une voix.** - Wa keen doheem ass...

#### (Hilarité)

**M. Xavier Bettel (DP).** - Wann ee keen huet, deem engem kann hëllefen, dann ass ee frou wann een d'Méiglechkeet huet, op Franséisch dann eens ze ginn an dann och sai Lycée ze packen. Wa mer wëllen eng demokratesch Gesellschaft hunn, wa mer wëllen eng Chancéglaichheet hu bei de Leit, da muss een eisen auslännesche Matbierger och d'Chance ginn, déiselwecht Studien ze maache wéi d'Leit déi hei wunnen, déiselwecht Chancen, d'Reussite professionnelle, an ech mengen, dass mat där heiter Bildungssoffensiv, wéi mer se heiansdo reprochéiert kritt hunn, hei ass e gutt Beispill. An d'École de la réussite ass eng École de la chance, an ech mengen, dass mer um richtige Wee si mat där heiter Majoritéit.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Als leschte Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Kolleeg Lucien Weiler huet virdrun an engem roue-

gen Toun hei versicht ze äntworten op d'Interventioun vu mengem Kolleeg Jacques-Yves Henckes, an ech wëll dat dann och versichen an deemselwechte rouegen Toun ganz kuerz hei nach eng kéier ze dokumentéieren. Ech mengen den Här Weiler huet gesot, mir solle Beweiser bréngen fir déi ongeheierlech Ennerstellungen, déi hei solle gemaach si ginn. Ech wëll just e puer Remarken hei maachen.

Éischtens, wann d'Regierung oder de Minister décidéiert fir de Bureau d'accueil zouzemaache während enger Woch, fir datt d'Asylante sech net méi kënnen melle goen, dann huet se domadder net nëmme géint eng international Konventioun verstouss, mä si huet och domadder bewisen, datt se d'Matière net méi am Grëff huet. Zweetens huet den Här Frieden an der Televisiounsdebatt d'lescht Woch gesot, datt hie viru véier Joer scho versicht hätt, d'Prozeduren ze beschleunegen, an datt dat Ganzt awer um Instanzewee hänke bliwwär, um Instanzewee fir deem awer des Regierung selwer zoustänneg ass.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - D'Regierung ass net am Conseil d'État, Här Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, ech hat mer net erwaart, datt ee Minister mer géif haut déi doten Äntwert ginn, datt d'Regierung net am Conseil d'État ass, nodeem mer elo viru 14 Deeg erlieft hunn, datt de Conseil d'État schonn en Avis zu engem Projet de loi ofginn hat, ier en offiziell depnéiert war. Du war se och net am Conseil d'État, mä et hat se awer fuerchtbar arrangéiert, datt et do esou séier gaangen ass, a wann et dann iergendwéi net esou séier geet, dann huet se näischt méi mam Conseil d'État ze dinn.

Drëttens huet den Här Minister ugekënnegt, datt en elo nach géing wëlle virun de Wahlen iergendwéi e Projet de loi an déi Richtung deponéieren. Also nodeem mer véier, fënnel Joer schaffen, komme mer da kuerz virun de Wahlen. Alles geschitt elo kuerz virun de Wahlen, an et ass jo dat wat eben esou ganz verdächtig bei där Politik do ass, a mir stellen dann och fest, datt d'Regierung elo hiegt a seet: Elo muss mer Asylantenheimer oder eent am Land bauen, wou mir och soen, datt et falsch ass fir Ghettoen ze maachen. An d'Regierung schwätzt - an d'Familljeministesch huet dat d'lescht Woch an engem Interview gemaach - fir eventuell am Land Quoten anzeféiere fir d'Gemengen, datt all Gemeng am Verhältnis zu hirer Populatioun misst Leit bei sech ophuelen.

Dat ass d'Resultat vun enger Politik fir déi virun allem den Här Justizminister verantwortlech ass. Et sinn d'CSV-Ministeren, déi fir den Accueil zoustänneg sinn. Et sinn d'CSV-Ministeren, déi fir déi éischt administrativ Prozedur zoustänneg sinn. Et ass en CSV-Minister, deem zoustänneg ass, fir datt d'Prozeduren um Geriicht kënnen méi séier gemaach ginn, an et sinn och d'CSV-Ministeren, déi zoustänneg si wa Leit déboutéiert ginn, fir datt dann eben herno déi Uerteeler exekutéiert a respektéiert ginn. Dat heescht also, an där ganzer Linn sinn et d'CSV-Ministeren, déi responsabel sinn, déi elo während all deene Jore responsabel waren, an elo fanne mer eng Situatioun vir wou elo bal virun de Wahlen vun deenen CSV-Ministeren den Hochstand mat de Muskelen am Land gespilt gëtt fir ze weisen: Hei mir als CSV, mir suerge schonn hei am Land, datt dat doten an d'Rei geet. Do soe mir einfach, dat ass reng elektoral wou dat gemaach gëtt, well alles ebe verdächtigeerweis virun de Wahlen kënnt.

An dofir brauch ee sech och net ze wonnere wa vill Leit am Land soen: Ma mir fäerten och nach, vu datt des CSV-Ministeren elo zënter e puer Méint keng Leit méi aus dem



Land ausgewisen hunn, datt et elo bal emol kéinnt eventuell sinn, datt och elo nach virun de Wahle géifen erëm méi massiv Leit ausgewise ginn, fir erëm ebe virun de Wahlen den Herkules kënnen hei am Land ze markéieren. Ech mengen also, wann dat Ganzt net op eemol esou konzentréiert virun de Wahle géif kommen, kéint een alles dat gleewen, mä et ass einfach schwéier ze gleewen, well dat doten alles ebe kuerz virun de Wahle kënn.

Ech géif nach weiderfueren, mä eis Zäit ass ofgelaf. Ech wëll nach kuerz iwwert d'duebel Nationalitéit schwätzen. Et ass fir eis als ADR kloer, datt mir géint d'duebel Nationalitéit sinn. Den Här Weiler huet hei de Kolleg Mehlen zitéiert aus engem Interview. Ech wëll dat net kommentéieren, well mir hunn et iwwregens schonn eng Kéier diskutéiert, an dat ass flott. Ech hunn och heiansdo schéin Zitater vum Här Weiler. Den Här Weiler hat och elo hei en Zitat vum Roby Mehlen. Mir hunn dat schonn eng Kéier hei diskutéiert. Ech wëll soen, mir wëllen net d'Journalistë kommentéieren, datt se ee vun eis hätte falsch verstane kënnen hunn. Dat ass éischter e Privileg, deen dem Här Statsminister zoustee. Dee gétt regelméisseg falsch verstanen.

Ech wëll just vun eiser Säit aus hei festhalen, datt d'CSV viru Joren och géint d'duebel Nationalitéit ass oder war an datt se eben elo am Laf vun deene Joren eng Korrektur do gemaach huet. Dat ass hiert gutt Recht. Méi ass jo net gesot ginn. Dir waart dergéint, an elo sidd Der bal derfir, dat ass Äert gutt Recht. Mir waren dergéint a mir sinn och elo nach dergéint, a mir wäerten och an eise Wahlprogramm dergéint sinn. Dat ass eis Positioun, an déi wollt ech eben hei nach eng Kéier matdeelen.

Den Här Weiler seet, meng Zäit wier ofgelaf. Här President, ech sinn och fäerdeg.

**M. le Président.**- D'Generaldiskussioun ass elo ofgeschloss an d'Wuert kritt elo den zoustännegen Här Minister, den Här François Biltgen. Den Här Biltgen huet d'Wuert.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, et wär schrecklech vill a schrecklech laang no esou enger Debatt ze soen, well villes gesot gouf an nach villes ze soe bleift. Ech wäert dat awer net maachen. Ech wäert mech hei kuerz faassen. Et bleiwe just e puer kuerz Remarken.

Fir d'éischt muss een emol wesse wann een iwwert d'Immigratioun zu Lëtzebuerg schwätzt, dass mer eigentlech all vun Immigranten ofstamen. Et kann een an der Regel dovunner ausgoen, dass all Lëtzebuurger, wann e seng Grousselteren hëlt, d'Chance huet, dass ee vu senge Grousselteren net Lëtzebuurger war. An och dat solle mer net vergiessen, dass d'Immigratioun ëmmer en Apport hei bruecht huet, a wa mer vun der Identitéit schwätzen, kann een d'Identitéit ganz llicht vergläiche mat enger Passfoto. Huelt Är Passfoto, virun 20 Joer gesitt Der aneschtens aus wéi haut an an 20 Joer gesi mer erëm all aneschtens aus. Mir sinn awer nach ëmmer déiselwecht bliwwen, mir hu changéiert, och dat ass en Element an där ganzer Politik.

Ech wëll fir d'éischt dem Marcel Glesener merci soen, net nëmme fir de Rapport, dee schréfflechen an dee mëndlechen, mä virun allem fir déi Méi, déi e sech gemaach huet, well et war net einfach hei zu engem Schluss ze kommen. Éischtens war de Schantje ganz vaste. Déi Sujeten, déi do ze traitéiere waren, do hätt ee kënnen Enzyklopädien driwwer schreiwe wann ee wierklech hätt wëllen all Aspekt do gerecht ginn, an ech mengen hien huet do versicht dat esou gutt wéi méiglech ze maachen. Well et kënn derbäi dass, wéi d'Kommissioun ugefaangen

huet ze schaffen a wou se opgehalen huet, d'wirtschaftlech Situatioun ganz geännert war. Och dat därerf een net vergiessen.

Da schlussendlech gëtt et, an dat ass normal an enger Chamberkommissioun, schrecklech vill verschidde Meenungen an do ass et och net einfach déi op een Nenner ze bréngen, well wann ee wëllt alles op een Nenner bréngen, da mécht een och keng kloer Ausso méi. Dofir, mengen ech, gebührt dem Marcel Glesener a senger Kommissioun e grouse Merci, dass se awer hei e wichtegen Input net fir elo, mä och fir an deenen nächste Méint a Joren hei bruecht huet.

Ech wëll och drun erënneren, dass de Statsminister an der Regierungserklärung vum leschte Joer dem Marcel Glesener eng speziell Missioun ginn huet, fir sech nëmmen ausernee ze setze mat Immigratioun an Emploi, wat een Deelaspekt ass, wat net deen eenzege Aspekt ass, mä e wichtegen Deelaspekt, iwwert deen et awer och fir déi nächst Regierung wichtig ass eng Partie Donnéeën ze hunn, wa se hir Politik wëllt fixéieren.

D'Immigrationsdebatt ass keng, déi mir zu Lëtzebuerg eleng hunn. Ech géif lech uroden dat Buch „Tendances des migrations internationales“ hei vun der OCDE ze liesen. Déi schreift net nëmme schlecht Saachen, mä och gutt Saachen. Dat Buch ass eréischt erauskomm ass, an et gesäit een doranner, wéi och an der ganzer Welt d'Migratiounen sinn a wat d'Ursaache si vun de Migratiounen a wéi ee scho ka virgesinn, wat fir Problemer do kommen. Dofir, mengen ech, solle mer et net nëmmen an klenge loftleere Raum gesinn, och net menge mir kéinten elo alles an eise klenge Lëtzebuurger Raum regelen, mä och dat op en aneren Niveau setzen.

Déi generell Remarque gesot, wëll ech zu e puer punktuellen Iwwerleeunge kommen. Éischtens fanne ech et richtig, dass an deem Bericht net d'Asylpolitik esou drageschriwwen war, well d'Asylpolitik eng humanitär Politik ass a keng Immigrationspolitik an de Problem ass, dass d'Asylpolitik och net dierf eng Immigrationspolitik sinn. Déi Asylpolitik - dat soll eng humanitär Politik sinn. Dat soll en Zeeche sinn, dass mer oppe si fir Leit, déi verfollegt sinn, an dat ware mer an der Vergaangenheet - et sinn e puer Beispiller genannt ginn - an dat muss mer och an Zukunft bliwen. Dofir muss mer och esou kucken, dass déi Asylpolitik dat bleift oder dat erëm gëtt, wat se soll sinn no den internationale Konventiounen.

Zweet Remarque: Permis de travail. Do hunn ech e puermol héieren, mir géifen hei net vill Permis de travail ausginn. Ech hunn elo d'Zifferen awer dohanne leie gelooss. Dofir kann ech lech se net soen. Ech ka se awer noreeche an ech soen lech, dass manner wéi 10% vun allen Demanden an Joer refuséiert ginn. Dat heescht 90% ginn accordéiert. Obwuel de Chômage an d'Luucht geet, sinn och d'Permisen, souwuel d'Demandé wéi och d'Permisen, déi mer ausgedeelt hunn, och an d'Luucht gaangen an deene leschte Joren zënter 2000 bis 2003, mat engem klengen Bémol fir 2003. Mä ech kann nach eng Kéier méi am Detail op d'Zifferen agoen, wann ee se wëllt hunn.

Dofir kann een net behaupten, mir géifen hei eng restriktiv Permispolitik maachen. Dat ass net de Fall. Mä d'Permispolitik ass awer eng vun deene weínege Mëttelen, déi mer nach hei hunn, fir och en Afloss op de Chômage ze huelen. Well mer nämlech da kënnen d'Betriber awer forcéiere fir d'éischt mat der ADEM zesummenzeschaffen, fir hei Leit ze fannen, ier dass se aner Leit vun do bausse fannen. Ech fannen, dat ass awer nach ëmmer wichtig.

Well, et dierf een net vergiessen, dass de Chômage zu Lëtzebuerg e Chômage vun den Immigréierten ass. De Chômage vun den Ausländer ass zweemol esou héich wéi de Chômage vun de Lëtzebuurger. An dat huet eng ganz Partie vun Ursaachen. Ech zitéieren ëmmer gären eis portugisesch Frënn: Vun deene Portugisen, déi am Chômage sinn, sinn 80% ouni Qualifikatioun. Dat si souwuel der aus der éischter Generatioun wéi der och nach aus der drëtter Generatioun. D'Zäit feelt elo fir op déi Detailer anzegoen. Mä et si scho verschidde Riedner, déi zum Deel och op déi ganz Problematik Formatioun agange sinn. Et huet also kee Wäert dauernd ze kucken nei Leit heihinner ze kréien, déi net qualifizéiert sinn, déi duerno erëm an de Chômage falen an déi mer duerno Méi hunn op den Aarbechtsmaart ze kréien, well mer erëm nei Leit no bausse siche ginn. Dat heescht, mir brauchen Immigratioun. Mä mir kënnen d'Grenzen net ganz opmaachen a mir brauchen och an Zukunft Permis-de-travaillen.

Well et ass jo esou, an dat ass och richtig esou, dass mer net méi esou verfuere mat der Immigratioun wéi et nach virum Zweete Weltkrich war. Well mer du mat der Immigratioun och de Chômage regléiert hunn. Wann et konjunkturrell schlecht gouf, dann hu mer déiselwecht Italiener geholl, an déiselwecht Zich gesat mat deene se viru vun Italien komm sinn a mir hu se erëm zrëck an Italien geschéckt. Domadder hu mer de Chômage erofgesat. Dat maache mer haut net méi. An dat ass och richtig, dass mer dat haut net méi maachen.

An haut komme se och net méi wéi nach an de 60er Joren, wéi d'Portugisen als Célibataire komm sinn an d'Famillje dohanne war. Och haut maache mer vill méi séier Familljenzesummeféierung, wat awer och vum humanitären a vum soziale Standpunkt aus vill méi richtig ass. Et bleift awer dobäi, dass mer duerch déi Immigratioun och e Problem kréien an dem Chômage. Dat heescht, mir müssen och kucken, dass mer déi Immigréierten, déi mer heihinner komme loosse, net direkt zu Fudder maache fir de Chômage, mä och hinnen hëllefen net eranzekommen, virun allem, a wa se dra sinn, och kucke wéi mer se erëm kënnen eraushuelen.

Ee Wuert zu der Studentenaarbecht. Do si mer amgaangen ze schaffe mat der Héichschoulministesch iwwer eng nei Regelung. Déi kënn. Et dierf awer net esou sinn, dass Leit sech just als Studenten hei aschreiwe kommen op der Lëtzebuurger Uni fir op de Lëtzebuurger Aarbechtsmaart ze kommen. Sou zum Beispill, dass ech perséinlech der Meenung sinn, dass een emol fir d'éischt muss seng Preuvé gemaach hunn, dass ee mol Examé gepackt huet, ier dass een au fur et à mesure och schaffe geet. Mir hunn nämlech do och an der Vergaangenheet net ëmmer gutt Erfahrung gemaach. Mä mir schaffen do un engem Reglement, wat soll d'Uni Lëtzebuerg begleet. Et ass evident, dass een dat och do muss maachen.

Grad wéi ech et och evident fanne, dass herno Leit, Ausländer, déi op d'Uni Lëtzebuerg kommen, Leit kënnen sinn, déi hei zu Lëtzebuerg zum Deel kënnen schaffen, do wou mer se brauchen. Dofir soll d'Uni och eng gewëssen Ausrichtung do hunn.

Dann zu de Frontalieren. Ech héiere ganz oft déi Fro: Brauche mer Frontalieren oder brauche mer Immigréierter? Dat ass net onbedéngt eng Oppositioun, déi zwee. Well, e Frontalier kann och en Immigréierter ginn. An dat ass eng Fro, déi wäert an zwou Wochen diskutéiert ginn, wann d'Regierung

en IVL presentéiert, den integrative Verkéiers- a Landesplanungskonzept, well nämlech d'Fro ass: Wa mer manner Grenzgänger wëllen, da muss mer kucken iwwert d'Landesplanung méi Wunraum hei zu Lëtzebuerg ze schafen. Mir hunn dauernd iwwregens Frontalieren, déi Immigréierter ginn an dann op Lëtzebuerg wunne kommen, well se et ebe sat si fir esou wäit ze fueren. Also kann een net onbedéngt dat eent mat deem aneren an Oppositioun bréngen.

Dobäi muss ee wëssen, dass mer haut duebel esou vill Aarbechtsplazen - bal duebel esou vill Aarbechtsplazen - am Land hu wéi 1984, also virun 20 Joer. An déi hu mer haaptsächlech duerch Grenzgänger besat. Dat heescht, et ass scho richtig, dass d'Grenzgänger eng Chance ware fir Lëtzebuerg, soss hätte mer déi formidabel wirtschaftlech Entwécklung net kannt gehat, mat all deem, wat dat vu Steiere mat sech bruecht huet a wat dat vu sozialer Sécherheet mat sech bruecht huet.

Allerdéngs, de Ben Fayot sot, d'Frontalieren, dat ass e Réservoir de travailleurs formés. Dat ass och e Problem gewiescht, well doduerch dass mer dauernd konnt an d'Groussregioun Leit siche goen, hunn och d'Betriber hei zu Lëtzebuerg d'Formatioun intern an de Betriber vun eegene Leit verneléissegt. Mir hunn en Nohuelbedarf, dee mer zënter 1999 amgaange sinn ofzebauen, andeem mer ënnert der viregter Regierung dat Gesetz iwwert d'Formation professionnelle continue gemaach hunn, a mir fueren elo weider mat dem Accès individuel vun der Formation professionnelle continue. D'Madame Brasseur wäert do elo geschwënn de Projet deponéieren, dee mer gemeinsam ausgeschafft hunn. Do hu mer och verneléissegt, an dat erkläert och erëm en Deel vun eise Chômage vu Leit, déi mer net aus dem Chômage erauskréien.

Dat heescht, mir dierften eis och net nëmmen drop verlossen, dass mer ausgebildete Leit aus dem Ausland kréien. Mir müssen och hei intern eppes maachen. A wann ech soen intern, dann heescht dat Lëtzebuurger an Ausländer, well mir hu schrecklech vill Ausländer heibannen. Wa mer also wëllen och an Zukunft nodenken iwwer Aarbechtsmaartpolitik, da solle mer mol éischens un déi nei europäesch Baitrëtslänner denken. Mir hu jo decidéiert zwee Joer Iwwergankszäit ze maachen. Ech sinn awer der Meenung, dass wann Nout do ass, dass mer awer fir d'éischt deene Leit, déi an Europa kommen, eng Chance loosse, eng Chance ginn, ier dass mer op aner Weeër ginn. Et ass awer e bësselchen hypocritesch, wa mer elo soen: Dir sidd bei eis, mä mir wëllen lech net, dofir huele mer aner Leit. Dat heescht mir sollen och elo schonn awer e Bléck hu fir déi dote Länner.

An zweetens, wa mer wëlle manner Immigratioun kréie respektiv manner Grenzgänger kréien zu Lëtzebuerg, da muss mer kucken den Taux d'emploi hei am Land an d'Luucht ze setzen. Dat zielt fir den Taux d'emploi féminin. Dat zielt fir den Taux d'emploi fir personnes âgées. Also solle mer och déi Sujeten ausdiskutéieren, mat all deem, wat do komplizéiert drun ass a woufir et och keng einfach Léisunge gëtt. Déi einfach Léisunge fonctionnéieren net. D'Frënn vun der OCDE bréngen heiansdo einfach Léisungen, mä fir déi sinn ech jo net. Mä mir sollen awer driwwer diskutéieren.

Et kann een net soen, an ech héieren dat oft a Versammlunge soen, mir brauche manner Ausländer. Jo, da muss mer kucken, wa mer net nei Ausländer eranhuele wëllen - Wuelverstanen! -, dass mer déi Leit, déi heibanne sinn, och kënnen méi laang op den Aarbechtsplazen halen. Da sinn ech och erëm eng Kéier bei der Chômagebekämpfung, well dat mer awer ganz

vill Suerge mécht. Dofir hunn ech e puer Zifferen nach dovunner gesot.

Als Fazit soen ech, dass déi Debatt hei fir mech wichteg ass. Net fir elo, an ech sinn do och e bëssen enttäuscht, dass hei och wahlelektoral Demagogie gemaach ginn ass, well de Sujet ass wierklech méi wäert, an...

**(Interruptions et hilarité)**

Dir gesitt, dass ech mech bei deene richtege Leit inspiréieren.

Et ass richtig, dass och dee Rapport seng Wichtigkeet huet, fir dass no deenen nächste Wahlen och déi Regierung, egal wie se soll bilden, kloer Weiche stellt fir d'Zukunft. An deem Sënn waren de Rapport an dës Debatt schonn e wichtige Beitrag zu esou enger uerdentlecher Politik. Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Kollegeinnen a Kollegen, domadder wär d'Generaldebatt ofgeschloss a mir kéimen zum Vote iwwert d'Motiounen.

Ah, entschëllegt, den Här Justizminister Luc Frieden freet nach d'Wuert. Den Här Frieden huet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Här President, esoulaang d'Regierung nach kee Statssekretär fir Immigrationsfroen am Statsministère huet, ass de Justizminister nach zoustänneg fir e groussen Deel vun der Immigrationspolitik, an dofir wollt ech um Enn vun dëser Orientéierungsdebatt e puer Wuert soen, wëssend datt et eng Debatt ass, déi virun allem déi nächst an déi iwwernächst Regierung muss an hire Weeër begleeten. Dofir ass et utile wann eng Regierung nolauschtert, mä wéi gesot et adresséiert sech un déi zukünfteg Regierungen, well et ass ganz kloer - an dat mierkt een an deenen Debatten, déi mer am Conseil vun de Justiz- an Innenministeren hunn -, datt d'Froe vun der Migratioun a Richtung Europa, niewent de Froe vun der Finanzéierung vun der sozialer Sécherheet, déi zwee grouss gesellschaftspolitesch Froekomplexer sinn op déi mer an deenen nächsten 20 Joer an Europa op déi eng oder aner Fassong Äntwerte fanne müssen.

Den Drock vun der Migratioun aus aarme Länner a Richtung Europa, wat wäitass méi räich ass wéi déi meeschten Deeler vun deenen anere Kontinenter, wäert net ofhuelen, mä wäert an deenen nächste Joren a Jorzéngten zouhuelen, och zum Deel - an dat ass dee Punkt, deen de Mëtteg hei oft ugeschnidde ginn ass -, well eise héich entwéckelten Deel vun der Welt - Europa - och d'Immigratioun zu engem Deel brauch.

Et ass de Mëtteg hei oft gesot ginn, an ech mengen, quasi vun alle Bänken, datt mer déi Immigratioun brauchen aus kulturelle Grënn an aus ekonomesche Grënn, mä ech mengen et ass vläicht net genuch oder net oft genuch drop higewise ginn, datt mer müssen dobäi awer och an eiser Politik an deenen nächste Jore sécher ënnerscheeden tëschent der communautärer Immigratioun an der net communautärer Immigratioun. Dat gëllt esouwuel fir d'Gesetzgebung, déi mer müssen ausschaffen, wéi fir d'generell Attitud, déi mer do géintwuer hunn, an de Fait, datt mer Europa erweidere vum 1. Mee un - an dat hutt Dir dës Woch hei aprouvéiert.

De Fait, datt Europa an deenen nächsten zéng Joer ganz sécher nach e puermol erweidert gëtt, bréngt och eng automatesch nei Immigratioun mat, déi opgrond vum Prinzip vun der fräier Zirkulatioun vun den Arbeitnehmer an der Europäescher Unioun souwisou kënn, an d'ganz Diskussioun iwwert d'Immigratioun vun Net-EU-Bierger, vun Drëttstaten also, muss een also ëmmer an deem dote



Licht kucken an och wéi grouss oder wéi kleng een d'Méiglechkeete mécht, fir dass déi Leit an d'Europäesch Unioun erakomme kënnen.

Fir mech an deene fënnef Joer war ëmmer wichteg, an ech mengen, dat bleift och an der Zukunft e wichtige Prinzip, datt eng Immigration op eng geregelt Aart a Weis iwwert d'Bühn gaangen ass. D'Madame Wagener huet hei de Kofi Annan ziteliert. Hien huet a sengem Saz och geschwat zum Schluss vun enger „managed immigration“. Dat ass genau dat wat déi 15 Justiz- an Innenminister an Europa och gären hätten, datt ee versicht dat op eng Fassong ze maachen, datt déi Länner, wou déi Leit hkommen, kënnen entscheeden, wéi vill zu wéi engem Moment a fir wéi eng Wirtschaftssecteure kënnen kommen.

Dat ass vläicht eng Approche, déi deem engen oder deem anere kal schéngt, eng Approche déi schéngt wéi wann déi sech just no ekonomesche Kritären oder no Gesetzger géing orientéieren, mä et ass, eiser Meenung no, déi eenzeg Approche, fir datt d'Immigration sech kann zu enger Integration och weiderentwéckelen an datt se och akzeptéiert gëtt vun deene Leit, déi virdru schonn op enger gewësser Plaz gewunnt hunn an déi sech do virun deenen aneren etabléiert hunn, och wa Verschiedener vun hinne selwer e Resultat si vun der Immigration.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

Dofir gëllt et och, datt ee sech den Asylwee net ëmbaue léisst als eng Filière vun Immigration, an dofir gëllt et och, datt een de Kampf géint déi illegal Immigration op eng systematesch Aart a Weis widerféiert. Et ass dofir och, datt mer regelméisseg, erstaunlech oft mussen och zu Lëtzebuerg Leit festhuelen, déi hei zu Lëtzebuerg sinn ouni déi noutwendeg Autorisationen ze hunn. Ech schwätzen also hei net vun den Asylbewerber, mä vu Leit déi mer fanne mat falsche Pabeieren oder ouni Pabeieren, an an eise Konzept ass et och normal, well mer de Kampf géint d'illegal Immigration seriö huelen, datt déi Leit dann agespaart ginn.

Do kann een d'Meenung hunn, wéi den Här Bettel dat hei gemaach huet, d'Meenung, déi vill Leit hunn, datt een déi Leit net soll an eng Struktur setzen, déi innerhalb vun engem Centre pénitentiaire ass, och wann et eng separat Struktur ass. Ech wëll just soen, datt déi sukzessiv Regierungen keng aner Plaze fonnt hunn. Well et ass net nëmme fir een Haus iergendwou ze fannen, dat si jo Leit, déi dann och musse während där Zäit bewaacht ginn, et musse Leit do sinn, déi sech ëm déi Leit bekëmmern. Et ass also e bësse méi komplex an dofir, wann do een en Haus huet, plus nach e Sécherheetsdispositif, plus dat Personal, an dat alles der Regierung ka proposéieren a bezuelen, dann huet d'Regierung dofir oppen Oueren.

Mä et ass e bësse méi schwiereng an d'Zuel vun deenen huet zougeholl. Mir haten an deene leschte Méint en moyenne eng 20 bis 30 Leit, déi en situation illégale an deem Centre agespaart waren. Dat ass keng agréabel Situation, mä déi Leit gi refouléiert, an déi gi regelméisseg refouléiert, déi ginn net nëmme virun de Wahlen refouléiert, soen ech dem Här Gibéryen, weder déi eng, déi déboutéiert gi sinn an der Asylprozedur, grad esou wéi déi aner, déi als Illegaler hei zu Lëtzebuerg opgehall ginn, soss hätte mer déi Diskussionsenen och net fënnef Joer gehat, wa mer dat just géinge sechs Méint virun de Wahlen maachen.

Dofir, ech kommen op déi Debatten zrëck, dat ass einfach net würdeg fir hei gefouert ze ginn. Et brauch een nëmmen d'Zeitung vun deene fënnef Joer ze kucke fir ze gesinn, datt mir net viru Wahlen op eemol en Aktivismus maachen. Wa mer

déi fënnef Joer virdrun ni zu deem Sujet geschwat hätten oder iergenddeppes gemaach hätten, dann hätte mer eis vill Misär an och vill Debatten - och an deem Haus - kënnen an deene leschte fënnef Joer erspieren.

Zwou Observationen nach. Déi Froen hei si schwiereng Froen, an ech mengen, zum groussen Deel kënnen déi Froen hei nëmmen an engem europäesche Kontext eng satisfaisante Antwort fannen. Ech bedauern zudéifst, datt mer déi europäesch Antwort bis haut, trotz ville Stonnen Négociationen, net adequat fäerdeg bruecht hunn. Ech hunn dat virdru gesot am Kontext vum Asyl, an där kuerzer Intervention, déi ech maachen, ech soen dat och fir d'generell Immigration. Mir hunn zwar eng wichtige Direktiv virun e puer Méint fäerdeg bruecht, dat ass déi iwwert d'Résidents de longue durée, fir festzehalen ënner wéi enge Konditionen a wéi e Statut déi Leit hunn, déi aus Drëttstate kommen an déi an Europa legal areesen an och do bei eis wunnen, datt déi an engem nämlechte Statut kënnen liewen.

Ee vun de Grondproblemer ass deen, deen ech och virdru mentionnéiert hunn, dat ass, datt mer an der Unanimité müssen decidéieren, an dofir encouragéieren ech jiddferen, deen an der Ausarbeitung vun der europäescher Constitution matgeschafft huet, an déi, déi nach dru schaffen - heibanne waren der, déi am Konvent waren, an déi wëssen déi Position an déi hunn déi och do verteidegt -, datt mer müssen op d'Majorité qualifizéieren an deenen dote Matière iwwergoen, well d'Immigrationspolitik ass e wesentlechen Deel vun engem europäesche Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Recht, a wa mer dohinner net kommen an där europäescher Verfassung, da brauche mer eis net ze wonnen, wa mer och an zéng Joer nach keng europäesch Immigrationen- an Asylpolitik hunn.

E leschte Punkt dann, fir ofzuschléissen. Här President, et ass oft haut hei an och an deem Rapport proposéiert ginn, e Staatssekretariat fir Immigrationen ze maachen. Onofhängeg dovun, mä ech wëll dat awer am Numm vun der Regierung hei soen, datt d'Organisation vun der Regierung selbstverständlech eng Elengkompetenz ass vum exekutive Pouvoir, dat heescht vum Grand-Duc a vun der Regierung, wëll ech just drop hiweisen, datt och wann een e Staatssekretär hätt bei engem Staatsministère, dee sech just géing mat deene Froen beschäftegen, datt dat d'Problemer net géing méi kleng maachen. Et soll een also net d'Impression hunn, datt d'Zesummelung vun esou verschiddene Kompetenzen déi Problemer géing léisen, well et muss ee wëssen, datt se selbstverständlech nach ëmmer Inzidenzen op aner Matière hunn.

Kann en Immigrationenstatssekretär Abstraktion maache vun der Situation um Aarbechtsmaart? Ech mengen net. Kann e Staatssekretär an Immigrationen Abstraktion maache vun de Problemer vun der illegaler Immigration an dem Kampf géint d'Traite des êtres humains? Ech mengen net. An esou ginn et honnertausend Problemer och an der Sécurité sociale, déi selbstverständlech mussen ëmmer nach Ramificationen hunn an anere Ministère.

Onofhängeg dovunner wollt ech soen, datt ech mengen, datt et och aner Pisté kënnen ginn, déi hei vläicht net ervirgestrach gi sinn. Schweden huet e Modell an deem se soen: Den Immigrationenminister muss och de Minister sinn, dee fir Entwécklungshëllef zoustänneg ass, aus deem ganz einfache Grond, well d'Hauptsaach vun der Migration ass d'Aarmutt an der Welt, an dofir muss een och an Zukunft eng aktiv Entwécklungspolitik maachen, well ganz vill vun deene Leit déi kommen, déi soen:

Wa mer doheem méi Perspektiven hätten, méi Aarbechtsplazen hätten, wann do d'Situation besser wär, och um mënscherechleche Standpunkt, da bräichte mer net bei iech ze kommen. An dofir bleift ëmmer e Lien, ob et deen nämlechte Minister ass oder net, e staarken an noutwendegen Lien, a mengen Aen, tëschent der Entwécklungspolitik, déi zu Lëtzebuerg jo wierklech vill méi héich ass wéi a villen anere Länner vun der Welt, an de Froen vun der Immigration.

Déi hei Fro vun der Immigration eleng kucken, mengen ech, wär réducteur, an dofir mengen ech, datt ee sech déi Froen och muss nach eng Keier iwwerleeden, onofhängeg vun der Komposition vun der Regierung. All déi Iddien hei, déi gemaach gi sinn de Mëtteg, si fir d'Regierung interessant. Ech hoffen, datt se och fir déi nächst Regierungen interessant sinn. Et si Pisten opgezechent ginn. Déi eng si méi einfach vläicht ëmzesetzen, déi aner méi schwiereng, mä dorunner wäerten déi zukünfteg Regierungen sech orientéieren.

Ech soen lech merci.

#### Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Sou, Kollegen, mir kéimen dann elo zum Vote. D'Madame Renée Wagener freet nach d'Wuert zu de Motiounen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

#### Motions

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt eppes soen...

#### (Interruptions diverses et hilarité)

Dir bréngt mech awer elo wierklech un d'Laachen!

Une voix.- D'Gecke sinn elo Meeschter!

#### (Hilarité)

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, et ass wouer, dass déi net brauche gewielt ze sinn! Ech wollt eppes zu där Motioun soen, déi vun der Majoritéit virgeluecht ginn ass an déi ech och mat ënnerschrifwen hunn, an ech wollt erklären, firwat dass ech se mat ënnerschrifwen hunn, well dat vläicht verschidde Leit kënnt an Erstaune versetzen. Dat war net well ech mech mam Gedanke gedroen hunn, Statssekretärin ze ginn,...

#### (Interruptions diverses et hilarité)

...mä dat war eigentlech aus zwou Ursachen. Dat Éischt ass, well se e ganz klore Fortschrétt par rapport zum Text vum Rapport selwer duerstellt. Ech hunn elo virdrun eng Analys gemaach vun deem Rapport, an un deene fundamentale Kriticken, déi mir dorunner ze üben hunn, an deem Sënn mengen ech, dass hei awer e puer interessant Revirementen sinn, déi ee soll ënnerstëtzen.

An zweetens ass et och fir eis eng strategesch Fro. Mir hätte gär, dass d'Majoritéit déi interessant Iddien, op déi se dann elo endlech komm ass, déi jo vun der Oppositionssäit zum Deel schonn zënter Joren a Jorzéngte verlaangt ginn - ech hu virdru schonn d'Integrationen- an d'Sprochecoursen ziteliert, d'uebel Nationalitéit, och d'Thematik vun de Studenten, fir deenen d'Liewe méi einfach ze maachen zu Lëtzebuerg -, mir hätte gär, dass d'Majoritéit selwer dozou steet an dass se awer natierlech och iwwert déi Motioun hei erausgeet, an dass déi Regierung, hoffentlech déi hei, mä dann eventuell och vläicht déi nächst, déi Saachen och wierklech ëmsetzt. Mat där heiter Motioun hu mer

vläicht e bëssen e klengen Hiewel an der Hand fir dat ze maachen.

M. Lucien Weiler (CSV).- Madame Wagener, wann Der nach e wéineg kritiséiert, da stëmme mer lech se net.

#### (Hilarité)

M. le Président.- Zu de Motiounen huet nach d'Wuert gefrot de Kolleg Ben Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt d'Position vun eiser Fraktion zu deene fënnef Motiounen hei explizéieren. Mir ënnerzeechnen d'Motioun 1 net a mir stëmmen och net dofir. Mir enthalten eis derbäi, well mer net fannen, dass et e ganz grouse Fortschrétt ass zum Rapport. Mir fannen, dass een zwar eng Partie interessant Saachen dra fënnt, och an de Considéranten, dass et par rapport zu enger éischter Motioun schonn e bësse méi fortschréttlech ginn ass, mä mir fannen awer trotzdeem, dass sech zum Beispill iwwert d'duebel Nationalitéit relativ contorsionnéiert ausgedréckt gëtt.

Mir fannen och, dass déi Cours d'intégration, déi sech op Dänemark beruffen, an déi do vun enger rietskonservativer Regierung agefouert gi sinn, mat relativ kloren Zillsatzungen, dass mer dat net esou kënnen matdroen, a mir fannen och, dass d'Transposition vun der Direktiv vun 2003 ka gemaach ginn, mä dass een och kritesch zu där Direktiv ka si wat de Regroupement familial ugeet. Dofir stëmme mer dës Motioun net.

D'Motioun 2, do enthalte mer eis, well mer eigentlech net fannen, dass erëm e spezifesche Centre de recherche public sur la société multiculturelle vill bréngt. Ech menge mir hu Recherchestrutturen am Kader vun deenen een déi Recherche soll maachen.

Bei der Motioun 3 enthalte mer eis och, besonnesch wéinst deem leschte Paragraph. Ech mengen, mir sinn elo an der Phas wou mer wëlle probéieren, déi politesch Richtung anzeschloer fir iwwert d'duebel Nationalitéiten d'Ausländer zu Lëtzebuerg an d'politescht Liewen eranzebréngen, dat heescht iwwert déi duebel Nationalitéit hinnen ze erlaben ze partizipéieren um politesche Liewen an un de Wahlen fir de Pouvoir législatif. An ech muss éierlech soen, dat do bedéngt bei eis nach eng Diskussioun éier mer op esou e Wee kënnen matgoen.

Et sinn nach eng Partie aner Saachen, déi mer onkloer sinn. Ech fannen et ëmmer penibel, dass mer déi komplizéiert Motiounen deeselwechten Dag eng Stonn oder zwou Stonne virun dem Vote kréien. Eng intensiv Diskussioun an der Fraktion ass jo eigentlech net méiglech.

D'Motioun 4 an d'Motioun 5 géife mer matstëmmen. De Wielerpass ass eng gutt Iddi, an och fir an deem Wielerpass esou vill wéi méiglech Informationen ze ginn. D'Motioun 5 droe mer och mat. Et kann een d'accord sinn, fir de Conseil national pour Étrangers a Commission nationale pour l'Intégration ëmzubenennen, obschonn den Term Integration u sech e villschichtegen an e vill bedeitenden ass an dat an deem Text net zum Virschäi kënnt, a souwisou, wann een eng Kommissioun ëmbenent, huet een eigentlech nach net vill geschafft. Mä trotzdem wäerte mer dat matstëmmen.

#### Motion 1

M. le Président.- Wa kee méi d'Wuert zu de Motiounen verlaangt, da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwergoen. Fir d'éischt hu mer d'Motioun 1. Sidd Der d'accord, dass mer par main levée ofstëmmen?

#### (Négation)

Et ass e Vote électronique verlaangt. Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 1.

#### Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalten sech.

D'Motioun 1 ass ugehall mat 38 Jo-, 8 Nee-Stëmmen an 13 Abstentionen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Théo Stendebach), Lucien Weiler et Claude Wilseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. François Bausch, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.*

*Ont voté non: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

M. Serge Urbany.

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zannussi.*

D'Madame Wagener freet d'Wuert nach eng Keier.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, ech hat am Fong geduecht, mir géifen eng Motioun no där anerer huelen. Da wëllt ech awer zu mengen eegenen zwou Motiounen och nach eppes soen.

Déi éischt, do sinn ech och e bëssen enttäuscht, dass d'LSAP déi net wëllt matdroen, well ech eigentlech awer mengen, dass et sech ëm e kruziale Problem zu Lëtzebuerg handelt. E geet esouguer iwwert den Thema Immigration vläicht eraus. Mir hunn einfach e Problem, dass mer eng ganz Rei vu Programmen de recherche hunn a vu Centres de recherche, déi méi am Beräich vun de Sciences naturelles an de Sciences appliquées aktiv sinn, mä am Beräich vun de Sciences humaines an notament an deem heite Beräich hu mer bis elo ganz wéineg, an déi Programmer, déi et gëtt, déi schéngen och Schwierigkeeten ze hu fir ze demarréieren, well déi Gelder, déi an deem Programm „Vivre demain au Luxembourg“ zur Verfügung gestallt gi waren, déi konnten emol net richtig verdeelt ginn, well déi Projeten, déi sech do presentéiert hunn, anscheinend net richtig adaptéiert waren. Also ech denken, dass mer awer hei e Problem hunn, dee mer misste léisen.

Ech hätt mer och kënnen virstellen, dass een da wéinstens an d'Richtung gaange wär fir et nach eng Keier an der Kommissioun ze diskutéieren...

Une voix.- Da macht dat!

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- ...an ech weisen och drop hin, dass ech an deem Tired, wou et ëm de Centre de recherche geet, jo soen, et kéint een och alternativ bestehend Strukturen huelen, déi déi Missioun do géifen erfüllen.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot freet d'Wuert.



M. Ben Fayot (*LSAP*).- Här President, ech muss wierklech nach eng Kéier déi Remarque maachen, déi ech elo éinescht hei gemaach hunn. Mir diskutéieren hei an Zäit vun zéng Minutte wierklech komplex Saachen, déi mat Recherche zesummenhänken, déi mat der Manéier zesummenhänke wéi mer déi Saachen an der Uni oder ech weess net wou solle situéieren. Ech sinn absolut dermat d'accord, dass mer déi Motioun do, eier mer se ofstëmmen, an d'Kommissioun huelen, mä ech ka wierklech net hei Äre Gedankengang bis zum Leschten novollzéien an Zäit vun zéng Minuten, an dat sinn och Saachen, déi mer an der Fraktioun wëllen diskutéieren. Also, wann Der se wëllt zrëckzéien a verweisen an d'Kommissioun, da maacht dat, da si mer dermat d'accord, mä wann Der dat net maacht, dann enthalte mer eis.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Also, Här President, ech hu guer kee Problem fir dat ze maachen. Ech wëllt just drop hiweisen, dass et bis elo ëmmer d'Gepflogenheet war, dass mer d'Diskusioun vun de Motiounen en direct quasi gefouert hunn. Wann d'LSAP d'accord ass, fir dass mer an Zukunft eis all Motiounen am Virfeld ginn, fir dass mer se kënne studéieren, da kënne mir natierlech als Gréng mat där neier Handhab duerchaus averstane sinn.

**(Interruptions diverses)**

M. Jeannot Krecké (*LSAP*).- Wann Der lech gutt kënnt erënneren, hat ech eng aner Propos gemaach. Ech hat gesot, bei esou déif gräifende Problemer, wa Motiounen op den Dësch kommen déi virdrun net do waren, soll een net déiselwecht Woch ofstëmmen, mä déi Woch duerno. Da kann een an der Fraktioun doriwwer schwätzen. Dat war meng Propos, déi ech eng Kéier gemaach hunn, well ech fannen, dass een heiansdo iwwerrumpelt gëtt an een awer wëllt Récksprouch mat senger Fraktioun huelen.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Här President, och domadder kënne mer d'accord sinn, wann dat fir alleguerten d'Motiounen da géif gëllen. Den Här Glesener huet...

M. le Président.- De Kolleeg Marcel Glesener huet d'Wuert gefrot.

M. Marcel Glesener (*CSV*), *rapporteur*.- Jo, Här President, Kolleegeinnen a Kolleegeen, ech sinn erstaunt iwwert d'Haltung vun der sozialistescher Fraktioun vis-à-vis vun der Motioun 2, déi d'Madame Renée Wagener elo presentéiert huet. Si gräift do e Problem op, wou ech effektiv net ka beuerteelen, ob d'Konsequenzen déi sinn, wou se d'Regierung invitéiert aus deene Konsequenze Schlussfolgerungen ze zéien. Ech kann awer och net géint déi Motioun sinn, esou wéi d'Sozialisten. Dat fannen ech e bëssen ze einfach.

**(Interruptions diverses)**

Ech sinn amgaangen. Et ass net ausgeschloss, dass d'Madame Wagener net Onrecht huet mat hire Behauptungen, an ech mengen et ass schonn derwäert, dass ee sech mat dem Contenu vun där Motioun ausenaner setzt, an dofir plädéiere mir dofir, dass déi Motioun soll an déi zoustänneg Kommissioun zrëckgoen, fir dass déi zoustänneg Ministerin ka Positioun bezéien, an dass een da kuckt fir Konklusiounen ze fannen. Dat zur Motioun 2, also mir sinn net dergéint, mir si fir de Renvoi.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Här President, ech wëllt...

**(Interruption)**

Ech sinn och nach net fäerdeg, Här Glesener, ech hu meng drëtt Motioun nach net virgestallt.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

M. Marcel Glesener (*CSV*), *rapporteur*.- Ech sinn awer och zudéifst enttäuscht iwwert d'Haltung vun de Sozialisten, dass se d'Motioun 1 net gestëmmt hunn.

Une voix.- Mir sinn elo bei der Motioun 2!

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

M. Marcel Glesener (*CSV*), *rapporteur*.- Dir hutt haut am Débat vill Kriticken ubruecht zum Rapport, awer keng eng konkret Proposition gemaach, wat da sollt änneren,...

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

...wéi Dir lech dann eng gutt Imigratiounspolitik konkret virstellt. Sou einfach kann ee sech et net maachen. Enttäuschend vun der sozialistescher Partei!

**(Interruptions diverses et hilarité)**

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Här President, ech stelle fest, dass bei der Motioun 2 awer e grouse Konsens ass, dass mer se sollen an d'Kommissioun zrëckschëcken.

An ech kéim zur Motioun 3, an déi läit mer am Fong nach vill méi um Häerz, well et hei ëm méi déif gräifend Punkten nach geet. An ech muss och do soen, dass ech enttäuscht sinn iwwert d'Haltung vun de Sozialisten esou wéi den Här Fayot se elo grad ausgedréckt huet. En huet eis jo virdrun e bëssen de Virwurf gemaach, mir wären net fortschrëttlech genuch, well mer d'Motioun vun der Majoritéit matgedroen hunn. Ech stellen awer fest, dass d'LSAP net fortschrëttlech genuch ass fir och nëmmen eng Analys iwwert d'Fro maachen ze loossen, ob ee vläicht eng Kéier kéint den Accès vun den Net-Lëtzeburger zum Droit de vote national zouloossen. Dat ass jo awer nach ganz harmlos formuléiert, an dofir erstaune mer eis e bëssen driwwer, dass mer do dann de Secours vun de Sozialisten net kréien.

An där Motioun stinn awer och nach e puer aner Punkten, déi ech wichteg fannen. Dat eent war eng déif gräifend Reform vum Conseil national des Étrangers, fir deem méi eng wichteg Roll ze ginn, en attendant dass dat nationaalt Wahlrecht dann iergendwann eng Kéier kënnt. Deen zweete Punkt war fir d'Derogatiounen um Niveau communal opzehiewen, wat d'Wahlrecht an och wat déi verschidde Mandater betrëfft, an dat Drëtt dat war fir déi Commission consultative communale pour étrangers och opzewäerten, a fir dee Projet de règlement grand-ducal, dee scho méi laang virläit a wou et och konkret Propositione vum Conseil national pour Étrangers gëtt, ëmzesetzen.

Voilà, Här President, dat sinn eng Rei vu Mesuren, déi d'politesch Matbestëmmung vun den net lëtzebuergesche Matbiurgerinnen a -bierger géife verbessern.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot.

M. Ben Fayot (*LSAP*).- Här President, ech wollt just ee Wuert soen. Fir d'éischt emol, et deet mer Leed, dass den Här Glesener enttäuscht ass, mä mir hunn eben eng Positioun als Fraktioun, a mir hunn déi hei ausgedréckt, a mir hunn d'Recht fir dat ze maachen, ob den Här Glesener enttäuscht ass oder net. Dat ass mir eigentlech egal, muss ech éierlech soen. Ech wëll och soen, Madame Wagener, Här President, ech hunn och net déi gréng Fraktioun jugéiert, dass si déi éischt Motioun ënnerschriwwen huet. Ech hunn näischt dovunner gesot. Ech hunn einfach ons Positioun duergeluecht. Ech mengen et ass d'Recht vu jiddfer Fraktioun, hir Positioun ze fixéieren

an déi duerchzezéien. Wa mer elo jiddferengem hei soen: Du hues dat dote gemaach, du hues dat dote gemaach, dat ass net gutt, an esou weider, da gi mer net fäerdeg. Dat just dozou.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Wann een awer politesch Konklusiounen dorausser zitt!

M. Ben Fayot (*LSAP*).- Nach eng Kéier: Déi Motioun 3 ass eng ganz komplex Motioun mat enger ganzer Partie Saachen. Mir hu jo net gesot, dass mer dogéint stëmmen, mir hu just gesot, dass mer zum Beispill dee leschten Tiret, dee leschte Punkt vum Dispositif, dass mer domat zu dësem Zäitpunkt Schwierigkeeten hunn, well mer an deem Zäitpunkt si wou mer iwwert d'duebel Nationalitéit schwätzen, fir den Accès zu dem politesche Liewen zu Lëtzebuerg vun den Auslänner ze erméiglechen. Selbstverständlech si mir och der Meenung, dass ee fir d'Résidenten, déi zu Lëtzebuerg sinn, dass een do déi Konditiounen fir den Accès zum Droit de vote méi flexibel soll maachen, dass ee vläicht d'Durée vun der Résidence soll erofsetzen.

Mä nach eng Kéier: Wann Dir déi Motioun do wëllt an d'Kommissioun verweisen, dass ee kann doriwwer diskutéieren, hunn ech kee Problem. Wann net dann enthalte mir eis aus der Ursaach, dass mir mat enger Partie Saachen d'accord sinn, awer bei enger Partie aner Saache si mir nach net esou fortschrëttlech wéi déi Gréng.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt eppes zu der Motioun 2 soen.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Ah! Dir wäert och enttäuscht sinn.

**(Hilarité)**

M. Jean-Paul Rippinger (*DP*).- Meng Enttäuschung hält sech a Grenzen, Här Bodry. Wann ech den Dispositif vun der Motioun 2 kucken an ech kucken déi Motioun, déi mer elo grad gestëmmt hunn, déi vun der Majoritéit, déi och déi Gréng ënnerschriwwen hunn, do ass jo e fundamentalen, do géing ech awer soen, e grousen Ennerscheid an eiser Motioun iwwert de Secrétariat à l'immigration. An eiser Motioun schreiw mir dran: „à étudier la possibilité de confier la mise en oeuvre de cette politique à un membre du Gouvernement ayant dans ses attributions la coordination de la politique de l'immigration“.

Une voix.- Le cas échéant!

**(Hilarité)**

M. Jean-Paul Rippinger (*DP*).- Voilà! Et ass genau esou. An der Motioun 2 steet: „à prévoir un rôle clé pour une telle structure dans le cadre de la création d'un ministère voire d'un secrétariat à l'immigration“. Ech si perséinlech der Meenung, dass dat en contradiction ass mat deem wat mer elo grad gestëmmt hunn.

Une voix.- Très bien!

M. Jean-Paul Rippinger (*DP*).- Dat heescht also, all dat anert vun där Motioun, do steet just nëmmen dran: „à tenir la Chambre au courant, à encourager, à envisager“, an esou virun, alles wat d'Recherche ubelaangt. Wann also déi Gréng d'accord wären, dee leschten Alinea ewechzeloosse vum Dispositif, da wäere mir souguer bereet, déi Motioun ze stëmmen.

**(Hilarité)**

M. le Président.- Et ass eng Proposition gemaach ginn. Ech gesinn, d'Saach gëtt ëmmer méi komplizéiert. Den Här Fayot huet proposéiert, et soll een déi zwou Motiounen un d'Kommissioun verweisen, fir dass se Zäit hätt dat an aller Sachlechkeet...

**(Interruption)**

Wëllt Der dat net? Hätt Der gären direkt eng Ofstëmmung? Jo, Här Glesener.

M. Marcel Glesener (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, zu der Motioun 2 si mir der Meenung, dass déi soll an der zoustänneger Kommissioun eng Kéier duerchdiskutéiert ginn.

Une voix.- Wéi eng ass dat?

M. Marcel Glesener (*CSV*), *rapporteur*.- Dat ass d'Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture. Am Règlement fannt Der dat och erëm. Am Organigramme vun der Chamber stinn d'Zoustännegkeete vun der Kommissioun. Ech huelen un, als Member vun der Commission des Présidents misst een dat wëssen. Also mir si fir de Renvoi.

M. le Président.- D'Madame Wagener freet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Jo, Här President, ech hat jo virdru scho gesot, ech mengen et wär och eng gutt Iddi, well eben nach aner Bedenken do waren, fir se an d'Kommissioun ze verweisen an dann a Rou nach eng Kéier driwwer ze schwätzen. Da kann een och iwwert dee leschten Tiret schwätzen.

M. le Président.- Da si mer domadder d'accord: D'Motioun 2 geet zrëck an d'Kommissioun.

M. Jean-Paul Rippinger (*DP*).- Här President, mir sinn och net fir de Renvoi an d'Kommissioun, aus där einfacher Ursaach, well dee leschten Tiret en contradiction ass mat där Motioun, déi mer elo grad gestëmmt hunn. Also entweder stëmmen mer se ouni den Tiret oder Dir schéckt se an d'Kommissioun ouni de leschten Alinea.

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

M. Marcel Glesener (*CSV*), *rapporteur*.- Wéi esou oft huet den Här Rippinger net Onrecht!

**(Interruptions diverses et hilarité)**

Oh, Här Di Bartolomeo! Bleift e bësse seriö!

**(Hilarité)**

Wann den Här Rippinger sech stéiert un där Ausso an deem véierten Tiret, wat net falsch ass, da géif ech proposéieren, wa mer géife schreiwen, dat heescht wann d'Auteurs domadder d'accord sinn: „à prévoir un rôle clé pour une telle structure.“

**(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

Däerf ech? Ech schwätzen iwwert d'Motioun 2. Den Här Rippinger seet: Wann dat dote geännert gëtt, da stëmmen mer d'Motioun. Ech sinn der Meenung am Numm vu menger Fraktioun ze proposéieren, dass mer hannert „la création d'un ministère“ „éventuelle“ schreiwen. Da si mer conforme mat eiser Motioun, Här Rippinger, déi Dir gestëmmt hutt, an da mat där Ännerung géif ech da proposéieren, se esou ofgeännert an d'Kommissioun zrëckzeverweisen.

**(Brouhaha général)**

M. le Président.- Da géff nach ee Mënsch klug!

**(Brouhaha général et hilarité)**

Une voix.- Här President, Dir hutt als Eenzegem nach den Iwwerblëck.

M. le Président.- Jo, d'Madame Stein huet d'Wuert gefrot.

Plusieurs voix.- Aahhhh!

Une voix.- Elo kënnt Licht an dat Ganzt!

Mme Nelly Stein (*CSV*).- Majo, Här President...

**(Interruption)**

Ech schwätzen zéng Minutten. Här President, ech si ganz d'accord fir déi Motioun do an d'Kommissioun ze huelen, wann d'Madame Wagener d'accord ass fir net iwwert dee leschten Tiret do ze diskutéieren.

**(Brouhaha général et hilarité)**

Une voix.- Et ass elo alles kloer, Här President!

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*).- Här President, ech hoffen, dass mer hei nach kënne iwwer Inhalter schwätzen, och wa mer ëmmer méi no bei d'Wahle ginn, mä ech hat eigentlech am Virfeld vun deenen heiten Diskussiounen ronderëm d'Motioun vun dem Här Glesener gesot kritt, si wëllten deen „éventuelle“ bäisetzen. Dunn hat ech mech averstanen erkläert. Dat ass awer elo an der Diskussioun eréischt ganz zum Schluss komm, esou dass et elo ausgesäit, wéi wann déi Motioun ëmmer méi hires Inhalts géif beraubt ginn an dass eigentlech guer keng Bereetschaft méi do wär, iwwert deen Inhalt nach ze schwätzen. Ech géif mer wënschen, dass d'Majoritéitspartei sech kéinten op eng gemeinsam Proposition eens ginn, an ech géif mer och wënschen, dass déi Proposition déi wär fir se an d'Kommissioun ze ginn. Wann herno näischt méi vun där Motioun iwwereg bleift, hu mer natierlech net vill geschafft. Mä ech géif nach eng Kéier dofir plädéieren, dass mer kënne an der Kommissioun doriwwer schwätzen.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

M. le Président.- Den Här Weiler!

M. Lucien Weiler (*CSV*).- Also, Här President, ech géif da proposéieren, dass mer zum Vote iwwert dës Motioun kommen, an da gesi mer wéi d'Resultat ass, an da kann d'Madame Stein se nach ëmmer an hir Kommissioun huelen, souguer wa se ofgelehnt ass, ka se se nach ëmmer an d'Kommissioun huelen an driwwer diskutéieren.

**(Interruptions diverses)**

**Motion 2**

M. le Président.- Mir stëmmen of iwwert d'Motioun 2.

**Vote**

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

Esou, d'Affär ass gekläert, d'Motioun 2 ass ofgelehnt mat 40 Nee-, 5 Jo-Stëmmen a 15 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Marcel Sauber), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Sauter, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sonnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM.*



Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieeps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: M. Marcel Glesener;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

M. Serge Urbany.

Motion 3

Elo komme mer dann zur Motioun 3. Freet do nach een d'Wuert?

(Négation)

Da stëmme mer direkt driwwer of.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

D'Motioun 3 ass verworf mat 41 Nee-, 6 Jo-Stëmmen an 12 Absten-tiounen.

Ont voté oui: MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Théo Stende-bach), Lucien Weiler et Claude Wi-seler;

Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Sten-debach, Nicolas Strotz, Fred Sun-nen (par M. Théo Stendebach), Lu-cien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xa-vier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieeps, Claude Meisch, Mme Mag-gy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Jean Assel-born, Alex Bodry, Mme Mady Del-vaux-Stehres, M. Mars Di Bartolo-meo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bo-dry) et Marc Zanussi.

Motion 4

An da komme mer un d'Motioun 4. Ass och do e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Et ass alles erkläert, Dir hutt den Text virun lech leien, et weess jidd-fereen em wat dass et geet.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

D'Motioun 4 ass verworf mat 35 Nee- a 25 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo,

Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Fer-nand Greisen), Gast Gibéryen, Fer-nand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-An-gelsberg et Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Marcel Sauber), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Théo Stende-bach), Lucien Weiler et Claude Wi-seler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xa-vier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieeps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

M. Serge Urbany.

Motion 5

An da stëmme mer of iwwert d'Mo-tioun 5.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, der dergéint si mat Neen oder si entha-le sech.

D'Motioun 5 ass verworf mat 36

Nee-, 18 Jo-Stëmmen a 4 Absten-tiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Grei-sen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Marcel Sauber), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Théo Stende-bach), Lucien Weiler et Claude Wi-seler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xa-vier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieeps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rip-pinger, Marco Schroell et John Schummer;

M. Jean-Pierre Koepp;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wa-gener.

Wat d'parlamentaresch Aarbechte fir déi nächst Woch ubelaangt, huet d'Präsidentekonferenz haut de Moie Folgendes virgeschloen:

D'Chamber siégéiert en Dënsch-deg, de 17. Februar, um dräi Auer, e Mëttwoch, den 18., an en Don-neschdeg, den 19. Februar, jee-weils um hallwer dräi.

En Dënschdeg steet op eisem Ordre du jour:

1) d'Deklaratioun vum Här Minister Charel Goerens iwwert d'Koopera-tiounspolitik,

2) de Projet de loi 5235, e Koope-ratiounsofkommes tëschent der Europäescher Unioun a Südafrika,

3) de Projet de loi 5108 iwwert den Assurancësektor,

4) de Projet de loi 5153 iwwert de Finanzsektor a

5) d'Motioun vun der Madame Ren-ée Wagener iwwert d'Schicksal vun deene Leit, déi am Zweete Weltkrich vermësst gemellt goufen.

E Mëttwoch hu mer eng Debatt iw-wert d'Kooperatiounspolitik.

En Donneschdeg steet op eisem Ordre du jour:

1) d'Question avec débat N° 36 vum Här Huss,

2) d'Question avec débat N° 37 vum Här Zanussi,

3) de Projet de loi 5174 iwwert d'Kannerheemer,

4) de Projet de loi 4988 iwwert d'Fi-nanzéierung vun den Dëngscht-leeschungen an de Fleegeheemer a

5) d'Chamberkonte vum Joer 2002.

Ass d'Chamber domadder aversta-nen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert. An do-madder wäre mer um Enn vun ei-ser Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.38 heures)

Ordre du jour

- Dépôt d'une proposition de loi et de deux motions
- Dépôt d'une motion
- Communications
- Ordre du jour
- Déclaration sur la Politique de Coopération et d'Action humanitaire présentée par M. Charles Goerens, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
- 5235 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur le commerce, le développement et la coopération entre la Communauté européenne et ses Etats membres, d'une part, et la République d'Afrique du Sud, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Pretoria, le 11 octobre 1999  
(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5108 - Projet de loi relatif à l'assainissement et la liquida-tion des entreprises d'assurances et modifiant la loi mo-difiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances  
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5153 - Projet de loi portant transposition dans la loi modi-fiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier de la di-rective 2001/24/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 avril 2001 concernant l'assainissement et la liquida-tion des établissements de crédit  
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- Motion de Mme Renée Wagener relative au sort des per-sonnes portées disparues pendant la Seconde Guerre mondiale  
(Discussion générale - Vote)
- Ordre du jour
- Motion de M. Jacques-Yves Henckes relative à l'instruc-tion des demandes d'asile  
Motion de M. Jacques-Yves Henckes relative au refoule-ment d'étrangers  
(Vote)
- Motion de M. Aly Jaerling relative aux jeux de hasard  
(Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Charles Goerens, Minis-tres.

(Début de la séance publique à 15.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber ier-gendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Den Här Henckes huet d'Wuert.

- Dépôt d'une proposi-tion de loi et de deux motions

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wollt just den Dépôt maache vun enger Proposition de loi, déi viséiert fir d'Examens de demandes d'asile ze reforméieren andeem mer d'Prozedure straffen an d'Instance d'appel ofschaffen.

- Proposition de loi 5302 modifiant la loi du 3 avril 1996 portant créa-tion d'une procédure relative à l'examen d'une demande d'asile

Dann zwou Motiounen an deene mer d'Regierung opfuerderen déi néideg Mesuren ze huelen, fir d'Demandes d'asile innerhalb vun dräi Méint maximum kënnen ze avi-séieren an eng zweet Motioun wou mer d'Regierung opfuerderen, fir d'Exekutioun vun den Décisions ju-diciaires et administratives méig-

lech ze maachen, doduerch datt weider Accords de réadmission signéiert ginn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le bureau d'ac-cueil des réfugiés a été fermé pour surcharge de travail et cela en vio-lation avec nos obligations interna-tionales;

- considérant que les demandes d'asile ont plus que doublé en pas-sant de 621 demandes en l'an 2000 à 1.549 en l'an 2003;

- considérant que le délai néces-saire au Ministère de la Justice pour instruire les demandes est ex-cessif alors qu'il est proche d'une année;

- considérant que le délai néces-saire à l'instruction doit être réduit à un maximum de trois mois;

demande au Gouvernement

- à prendre toutes les mesures né-cessaires pour que les demandes d'asile soient instruites dans un dé-lai maximum de trois mois par le Ministère de la Justice.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que les décisions de refoulement d'étrangers prises par le Ministère de la Justice et par les autorités judiciaires dans le cadre des procédures d'asile ne sont souvent pas exécutées faute d'ac-cords de réadmission;

- considérant que le Gouverne-ment n'a négocié qu'un nombre